

# kuerz & knapp.

SPIERKEL №1.23

**SPULLKËSCHT**  
Nei Becherwäschanlag  
zu Bieles

**REBRANDING**  
En neien Oprëtt  
fir den Artikuss

**GUSTOSO!**  
D'Susana hëlt eis  
mat a Portugal

**SAN'UP**  
Biergerbedelegung  
um KUSS

BIELES

EILERENG

SUESSEM

ZOLWER

**GEMENG  
SUESSEM**





## MAGAZIN.

### 6 **Spullkëscht**

Nei Becherwäschanlag zu Bieles

### 10 **Gustoso!**

Bacalhau à la Susana

### 14 **Defibrillator**

All Sekonn zielt

### 16 **Rebranding**

En neien Oprëtt fir den Artikuss

### 18 **Sportskoordinatioun**

Pilotprojet an der Gemeng



## INFORMATIOUNSBLAT.

### 29 **Sitzung 28.11.2022**

### 51 **Sitzung 02.12.2022**

# kuerz & knapp.

SPIERKEL №1·23



## GEMENG SUESSEM

60, rue de la Poste L-4477 Belvaux T (+352) 59 30 75 - 1  
mail@suessem.lu [www.suessem.lu](http://www.suessem.lu)  
[fb/gemengsuessem](#) [instagram/gemengsuessem](#)

## IMPRESSUM

Redaktioun, Konzeption & Fotoen

**Service des Relations publiques et de la Culture**

Cover © Eric Engel

Stéckzuel **7.800 Exemplairen**

**Bieles, Februar 2023**



VIRWUERT.  
ÉDITORIAL.

L

F

## Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

D'Gemeng Suessem engagéiert sech zanter Joren a puncto Nohal-tegheet an dëst a ganz énnerschiddleche Beräicher. An där Hisicht hu mir och net laang gezéckt, fir de regionalen, nohaltegen a virun allem och soziale Projet vun der Spullkëscht zesumme mat eisem CIGL (Centre d'Initiative et de Gestion Local) unzegeen. An déser Editioun vum kuerz&knapp. stelle mir lech dës ongewéinlech Wäschstrooss méi genee vir an erklären och, wat et mam Label 'Green Events' op sech huet.

Den Ufank vum Joer bitt sech och émmer un, fir sech déi wichteg Rendez-vousen am Kalenner unzesträichen. Niewent eisen traditionellen Evenementer op deene gewinnten Datumen, bidden ech elo schonn, lech den 9. Mee zousätzlech ze markéieren. Zesumme mat eise berodende Kommissiounen invitíere mir lech um Europadag alleguereten op de KUSS, fir eis an engem labbere Kader iwwert d'Zukunft vun eiser Gemeng auszetauschen. Wéi steet et ém de Sport, d'Kultur an d'Abanne vun deene Jonken an eise véier Uertschaften? Wat sinn Är Iddien, Kriticken oder vläicht och Dreem an deene jeeweilege Beräicher? Nämnen zesumme kënne mir eis Gemeng konstruktiv no vir bréngen a se esou divers gestalten, datt jiddweree sech erëmfénnt a sech wuel filt.

## Chères concitoyennes, chers concitoyens,

La Commune de Sanem s'engage depuis des années en matière de durabilité et cela dans des domaines très différents. Dans ce sens, nous n'avons pas hésité à soutenir le projet de la Spullkëscht, qui par son caractère régional, durable et surtout social s'inscrit parfaitement dans cette philosophie, le tout en collaboration étroite avec le CIGL (Centre d'Initiative et de Gestion Local). Dans cette édition du kuerz&knapp., nous vous présentons cette station de lavage peu commune en détail et expliquons également ce qui en est du label 'Green Events'.

Le début de l'année est toujours propice à la marque des rendez-vous importants dans le calendrier. À côté de nos événements récurrents à leurs dates fixes, je vous invite d'ores et déjà à marquer le 9 mai. En collaboration avec nos commissions consultatives, nous profitons de ce jour férié afin de vous inviter à un échange convivial et informel sur l'avenir de notre commune. Qu'en est-il du sport, de la culture et des activités pour les jeunes dans nos quatre localités ? Quels sont vos idées, critiques ou peut-être même rêves dans ces domaines respectifs ? Seulement ensemble, nous pouvons faire avancer notre commune de manière constructive et la rendre si diverse que chacune s'y retrouve et se sent à l'aise.

Är Buergermeeschtesch/Votre bourgmestre,  
**Simone Asselborn-Bintz**

GESAMTOFFAL PRO AWUNNER AM JOER 2022

**308 kg**

110 KG

100 KG

90 KG

80 KG

70 KG

60 KG


50 KG


40 KG

30 KG

20 KG

10 KG

**8%****GLAS****12%****PABEIER****36%****KOMPOST**

**L**

## Gutt ze wëssen

Wousst Dir, datt d'Gemeng Suessem sech fir déi nächst Joren ambitiéis Ziler a puncto Müllvermeidung gesat huet? Sou wëlle mir é. a. den net recycléierbaren Offall (schwaarz Poubelle) bis 2030 op maximal 100 kg pro Awunner:in reduzéieren. Nëmmen zesumme kënne mir dës Ziler erreechen. Mülltrennung ass gutt, mee Müllvermeidung nach besser.

**F**

## Bon à savoir

Saviez-vous que la Commune de Sanem a fixé des objectifs ambitieux en ce qui concerne la réduction des déchets pour les années à venir ? L'objectif est de réduire les déchets non recyclables (poubelle noire) à 100 kg par habitant·e. Pour atteindre ce but, nous devons unir nos forces en pratiquant une séparation efficace et en réduisant en général notre production de déchets.



# Spullkëscht.

L

Eewee-Plastik gehéiert geschwé ganz der Vergaangenheet un. Émmer méi Verbraucher handelen nohalteg a ginn a Richtung Offallvermeidung. An deem Kontext spinnen och Pfandbecher-Systemer eng émmer méi grouss Roll. Dëst kann awer just funktionéieren, wann och d'Spulle klappt.

Mam neien Offallgesetz vum 9. Juni 2022 ass op allen éffentleche Manifestatiounen ab dem 1. Januar 2023 all Geschier aus Eewee-Plastik verbueden an ab dem 1. Januar 2025 ass et och net méi erlaabt Eewee-Geschier aus anere Materialien (z. B. Kartrong, Bambus, asw.) ze benotzen. Fir konform mam Gesetz ze sinn an och am Sénn vum Green Events-Label ze handelen, huet d'Gemeng Suessem, zesumme mam lokale CIGL (Centre d'Initiative et de Gestion Local) de Projet vun der Spullkëscht an d'Liewe geruff, deen e wichtegt Zeechen an der Lutte fir méi Nohaltegeet setzt.

Säit September 2022 gëtt et déi éischt Becherwäschanlag hei am Süde vum Land, an dëst zu Bieles. An enger reamenagéierter Hal bei der Gare Bieles-Réideng, direkt niewent dem neie Gîte um Minett Trail, steet déi 6 Meter laang professionell Spullmaschinn M-iQ vu Meiko, déi op Plastiksbechere spezialiséiert ass, well se niewent dem Spullen och en Drécheprogramm duerchfíert.

D'Jessica Birklé ass zanter Kuerzem responsabel fir d'Spullkëscht an all Dag mat hiren zwee festen Mataarbechter, dem Hasan an dem Tom, um Dill: „**Aktuell kënne mir hei 1.700 Bechere pro Stonn wäschen. An der selwechter Stonn ginn awer och nach d'Këschten op der Hand gebotzt, an- an ausgeraumt a virun allem exakt kontrolléiert a gezielt.**“ Wa vill Aarbecht usteet, da gi vum

lokale CIGL zwee bis dräi zusätzlech Mataarbechter ausgeléint, déi eng Hand mat upake kommen.

De Bilan vun deenen éische véier Méint ka sech jiddwerfalls weise loessen. Am Ganze sinn 264.000 Becheren erausgaangen, dovunner 131.000 Becheren vun deenen eenzelne Gemengen an 133.000 Pro-Sud-Becheren. Ënnert anerem si se fir Esch2022 oder och nach op Manifestatiounen zu Suessem, Déifferdeng an Diddeleng benotzt ginn.

An och d'Previsioune fir 2023 gesi ganz gutt aus. Nieft deem engen oder anere Big Player aus der Regioun als potentielle Client, ass och eng Testphas geplant, fir an der Wäschlanlag lessgeschier ze spullen. Dëst als Erweiderung vum ubeübene Service an natierlech just énnert der Konditioun, datt en hygieenescht impeccabel Resultat ka garantéiert ginn.

Och den Dany Scholten weist sech begeeschert vum neiste Projet: „**Als Responsable vum CIGL kann ech just betounen, datt dése Projet enorm vill positiv Aspekte mat sech bréngt. Et ass en ideale Projet, wou mir eis Beneficiairen abaeu kënnen a wou si net nëmmen eng wärtvoll Aarbecht fir eis Partner, mee virun allem och fir d'Ëmwelt leeschten.**“

F



Version française

SUESSEMJETAIME.LU/SPULLKESCHT



**KONTAKT**  
Spullkëscht Suessem  
4, rue Belval-Rédange Halte  
L-4446 Belvaux  
Responsabel: **Jessica Birklé**  
**spullkescht@cigl.suessem.lu**  
Tel. : 27 99 01 01  
Éffnungszaeten: 8.00–16.00 Auer

## U WIE RIICHT SECH D'SPULLKËSCHT?

Pro-Sud-Gemengen a lokal Veräiner.  
Auswäerteg Veräiner, wa si e Sall an der Gemeng Suessem lounen.  
Aner Partner kommen an Zukunft dobäi.

### Locatioun: gratis

(1€ HTVA / Becher deen net zeréckkénnt oder futti ass)

**Spullen: 0,12€ HTVA / Becher**

### KÄSCHTEN

**Amenagement vun der Hal: 760.000 €**

**Wäschanlag M-iQ: 137.000 €**

### TECHNESCH DETAILER

**1 Spullgang: 7 Minuten**

Becher drasetzen » Virwäsch » Wäsch » Dréchinen

### Füllen: 220 Liter Waasser

trotzdem ökologesch, well an Etappe gespultt an d'Waasser opgefangen gëtt, fir dono erëm an der Virwäsch benotzt ze ginn.  
Dat Selwecht gëllt fir d'Hëtzt, déi och nach eemol verwent gëtt.



# DIR SIDD GEFROT, ÄR MEENUNG ZIELT. ZESUMME BRÉNGE MIR SUESSEM NO VIR!

**VOTRE AVIS COMpte.  
ENSEMBLE, FAISONS  
AVANCER LA COMMUNE!**



LU

**Léif Matbiergerinnen, Léif Matbierger,**

Dësen Europadag, den 9. Mee 2023, invitiert d'Gemeng Suessem iech allegueren, ob grouss oder kleng, jonk oder manner jonk, op déi eischt Editiou vum San'Up an a ronderëm de KUSS.

Ee ganzen Dag am Sënn vun der **Biergerbedeelegung** an dëst an de Beräicher Jugend, Kultur a Sport. **Deelt Är Iddie mat eis a gestalt esou Är Gemeng vu muer!**

Wéi steet et èm d'Interesse vun deene Jonken an eiser Gemeng?  
Wéi eng Infrastrukture feelen am Sport?  
A wéi kann d'Kultur an eiser Gemeng gestärkt ginn?

Dësen, an nach villen anere Froe gi mir den 9. Mee no. Erlieft do-niewent de ganzen Dag iwver **Workshops, Optrötter, Demonstra-tionen, Diskussiounsronden, Spiller an Animationen.**

**Zesumme stelle mir d'Weiche fir d'Zukunft vun der Gemeng Suessem.  
Mir zielen op iech!**

FR

**Chers-ères concitoyen-ne-s,**

Pour la journée de l'Europe, le 9 mai, la Commune de Sanem vous invite toutes et tous à la première édition de San'Up au KUSS à Soleuvre. **Apportez vos idées et participez activement au développement de votre commune.**

Qu'en est-il de l'intérêt de nos jeunes pour notre ville ?

Quelles infrastructures manquent au niveau sportif ?

Comment peut-on renforcer la culture dans notre commune ?

C'est à ces questions et à bien d'autres encore que nous tenterons de répondre le 9 mai. Toute la journée, vous pourrez assister à des ateliers, des spectacles, des démonstrations, des tables rondes, des jeux et des animations.

**Aidez-nous à poser les jalons de l'avenir de la Commune de Sanem.  
Nous comptons sur vous.**

SSA  
SAN  
UP

The poster features a large, bold, black-outlined font spelling out "S", "A", "N", "U", and "P" across the page. A circular inset on the left side shows two young children playing together outdoors. To the right of the letters, the word "SPORT" is in a blue box, "CULTURE" is in a yellow box, and "JEUNESSE" is in a red box. At the bottom left, the website "WWW.SANUP.LU" is displayed. On the right side, a black box contains the text "VOTRE AVIS COMpte. ENSEMBLE, FAISONS AVANCER LA COMMUNE!". The bottom right corner contains the "Soleuvre" logo.



Gustoso!

BACALHAU À LA SUSANA.



C'est en tenue de soirée que **Susana Texeira et sa fille Vittoria** nous accueillent pour Gustoso! qui nous emmène cette fois-ci au Portugal. Les tabliers sont noués, les boucles d'oreille – un cadeau de mamie – scintillent et le bacalhau cuit déjà dans le lait. Susana, notre hôte, se décrit comme femme de caractère et c'est exactement cette image qu'elle transmet. À 19 ans, Susana est arrivée à l'aventure au Luxembourg et c'est vite devenu clair pour la jeune femme qu'il n'y aurait pas de retour, tout fidèle à la devise qu'il faut tenter sa chance. Ça fait maintenant une quinzaine d'années que Susana, ensemble avec son mari Andrea, s'est installée dans notre commune, plus précisément à Belvaux.

Pendant que la mère de trois enfants prépare la purée à la main, elle commence à déballer ses petites histoires, comme par exemple l'amélioration de ses connaissances en langue luxembourgeoise à

l'aide de ses enfants, le fait que la cuisine italienne est désormais plus présente chez elle que la portugaise ou encore les cours de cuisine qu'elle organise pour les enfants lors du Colorissimo de la Commission de l'intégration. Parlant d'engagement : Susana s'engage où elle peut, que ce soit dans son travail à la Maison relais, dans les clubs sportifs de ses enfants ou encore dans la Commission de l'intégration de la Commune de Sanem, dans laquelle elle s'est inscrite «parce que j'aime être parmi les gens».

Pour Gustoso, elle nous propose du bacalhau (morue), plat traditionnel du Portugal, mais avec une touche personnelle, de sorte qu'il est un plat à la Susana. Accompagné d'un Porto, il y a des beignets de morue en entrée, avant que Susana apporte une belle assiette remplie de poisson, purée, chou-fleur, chorizo, oignons et décorée d'olives et de persil. Ensuite, c'est Para a mesa – à table !

## BACALHAU CUIT

- 4 filets de bacalhau**
- 1l lait**
- huile d'olive**
- 5 oignons**
- 4 gousses d'ail**
- persil**
- 
- 1kg pommes de terre à chair farineuse**
- beurre**
- sel**
- poivre**
- muscade**
- olives noires, sans noyau**
- 
- 1 chou vert**
- 1 pain de maïs**
- chorizo**


**Filets bacalhau** — Faites cuire les filets dans un mélange de lait et d'eau. Égouttez-les, retirez les arêtes et mettez les filets de côté. Coupez les oignons en tranches fines et faites-les revenir à l'huile d'olive. Finir avec un peu de persil, assaisonner avec du sel et du poivre.

**Purée** — Pelez les pommes de terre, coupez-les en morceaux et faites-les cuire dans de l'eau. Écrasez les pommes de terre cuites, ajoutez du lait, du beurre fondu et de la muscade et mélangez jusqu'à ce que la purée soit bien lisse. Goûtez et assaisonnez si nécessaire.

**Chou** — Coupez le chou en quatre, enlevez la tige, hachez-le finement et lavez-le sous l'eau. Une fois que l'eau a bouilli, laissez cuire le chou pendant 15 minutes. Égouttez- et assaisonnez-le. Faites doré l'ail dans une poêle et ajoutez le chou cuit.

Dans un moule à gratin, faire trois couches :

- 1 – Répartir les oignons dorés sur le bacalhau (la morue) cuit et recouvrir de miettes de pain et de morceaux de chorizo
- 2 – Répartir la purée (dans une rangée) à côté
- 3 – Répartir le chou (dans une autre rangée) à côté
  - Laisser gratiner au four à 180° pendant 30 minutes.
  - Décorer avec des olives noires et du persil.




## PASTÉIS DE BACALHAU

- 400g bacalhau**
- 200g pommes de terre**
- 3 œufs**
- 1 oignon**
- persil**
- sel**
- poivre**
- huile pour faire frire**

Dessalez le bacalhau. Faites-le cuire jusqu'à ce qu'il soit tendre, puis retirez-le du feu et enlevez la peau et les arêtes. Ensuite, râpez le poisson en petits morceaux à la main. Faites cuire les pommes de terre jusqu'à ce qu'elles soient tendres. Écrasez-les en purée. Mélangez-les avec du persil, un oignon, les œufs et le bacalhau. Ajoutez du sel et du poivre. Mélangez jusqu'à ce que la pâte soit homogène. Attention à ne pas la rendre trop molle mais pas non plus trop compacte. Chauffer l'huile dans la poêle. Faites passer la pâte d'une cuillère à soupe dans l'autre jusqu'à obtenir la forme désirée des beignets. Faites frire dans l'huile chaude, puis égouttez sur du papier de cuisine. Servir en apéritif ou avec une salade verte.




Lëtzebuergesch Versioun  
SUESSEMJETAIME.LU/BACALHAUSUSANA



... j'aime être  
parmi les gens.


— SUSANA TEXEIRA.

LU & FR  
DAE – DÉFIBRILLATEUR AUTOMATIQUE EXTERNE  
DE & EN  
AED – AUTOMATIC EXTERNAL DEFIBRILLATOR



STAYING ALIVE  
téléchargez l'application ici





CHAQUE SECONDE COMpte.

# All Sekonn zielt.

## Dir trefft eng Persoun un, déi vu sech ass?

— Da leet dës Persoun **op de Réck**, kippt hire Kapp liicht no hanne an **iwwerpréift**, ob d'Persoun nach **otemt**. Dëst maacht Dir andeems Dir Äre Bak iwwert de Mond an d'Nues vun der Persoun haalt.

— An deem Moment **kuckt** Dir, ob de **Broschtkuerf** vun der Persoun **sech beweegt**. Zäitgläch lauschtert Dir, ob eng Ootmung do ass. Och spiert Dir den Otem op Ärem Bak.

— Stellt Dir **keng Ootmung** fest, ass den éischte Schratt den **112** ze ruffen a mat der Reanimatioun unzefänken.

— Stellt Persounen an Ärem Ëmkrees un den **Noutruff** ze ruffen an lech den **Defibrillator sichen** ze goen. Dir fänkt direkt mat der **Häerzmassage** un. Dofir maacht Dir den Uewerkierper vum

Patient fräi (och de Soutien muss wéinst méiglechem Metall opgemaach oder opgeschnidde ginn) a fänkt genee téeschent der Broscht u mat **30 Häerzmassagen**. Op déi kommen **2 Beootmungen**. Dësen 30:2 Rhythmus féiert Dir émmer weider duerch bis den Defibrillator lech aner Uweisunge gëtt.

— Déi zweet Persoun soll sech iwwerdeems ém den Defibrillator këmmeren. D'Schrëtt vum DAE si ganz genee mat Piktogrammer erkläert. Lauschtert esou laang op d'**Uweisunge vum Defibrillator** bis d'Persoun nees otemt respektiv professionell Hëllef anträfft.

— Sollt Dir eleng mam Patient sinn an ass keen Defibrillator grëffbereet, da rufft den Noutruff a reaniméiert d'Persoun uni Hëllef vum Defibrillator bis d'Secouristen antreffen.



**ARTIKUSS —  
SALLE DE CONCERTS  
ET SPECTACLES.**

# Rebranding & Agenda.

L

No eppes méi wéi aacht Joer war et un der Zäit dem Artikuss en neit Geiicht ze ginn. Passend zum Joresufank gouf de 16. Januar der Press an dem Gemengerot d'Programmatiouun vun deenen nächste Méint, esouwéi déi nei visuelli Identitéit virgestallt. Bei déser dominéieren an Zukunft net némmen de Buschtaf "A", deen é. a. op Affichen och als ugedeite Riddo benotzt gëtt, mee och dräi ganz spezifesch Faarwen, déi nieft engem ästheteschen och en inhaltsleche Senn hunn. Sou steet all Faarf fir ee bestëmmte Genre an Dir erkennt vun elo un op ee Bléck op et sech ém ee Concert, ee Spektakel oder eng Programmatiouun fir Kanner handelt.

Mat der neier Charte gouf selbstverständlich och den neien iwwersichtlechen Internetsite an déi nei Broschür virgestallt. D'Buergermeeschtesch Simone Asselborn-Bintz huet et begréisst, datt den Agenda an Zukunft just nach zwee Mol pro Joer erschéngt, an dëst am Januar an am Juli. Op dës Maniéier hätt een net némmen aus organisatorescher Siicht méi Sécherheet, mee virun allem de Public kéint sech ee besseren Iwwerbléck iwwert déi aktuell Saison verschaffen a sech déi eenzel Eventer méi geziilt erauspicken.

De Manuel Ribeiro ass sengersäits verstärkt op déi programmatesch Ausriichtung yum Haus agaangen. Sou sollen de Gesang an d'Harmonie-Musek weiderhin en Aushängeschéld vum Artikuss bleiwen. Dëst hennert een aver net dorunner fir méi Kooperatiounen, respektiv Koproduktiounen op Zolwer ze huelen oder d'Dieren méi fir den Danz an den Theater opzemaachen. Zu den Highlights an deenen nächste Méint zielen den Umberto Tozzi, d'Chorale Scala oder och nach den Orchester vun der Garde Républicaine.

► INFO & TICKETS [ARTIKUSS.LU](http://ARTIKUSS.LU)

F



Version française

[SUESSEMJETAIME.LU/ARTIKUSSREBRAND](http://SUESSEMJETAIME.LU/ARTIKUSSREBRAND)



**Felicitas Konterbont**  
Dim 12.03 / 15h00



**Pasión de Buena Vista**  
Mar 14.03 / 20h00



**Roland Meyer**  
Ven 24.03 / 20h00



**Zolwer Musek**  
Dim 30.04 / 20h00



**Umberto Tozzi**  
Ven 14.04 / 20h00



**Art'Monie 2023**  
Sam 06.05 / 20h00



**SCALA & Kolacny Brothers**  
Sam 13.05 / 20h00



**Concert Bieleser Musek**  
Sam 20.05 / 19h30



**Jean-Guillaume Weis & Dance Theater Music**  
Sam 10.06 / 20h00



**Concert des étudiants du conservatoire**  
Mer 14.06 / 20h00



**Naturally 7**  
Sam 17.06 / 20h00

## Concerts

Wind Voices  
Classics Jazz



## Spectacles

Show Dance Theater

## Kids

+6 +12

**Un voyage à travers la danse / Danzrees**  
Ven 30.06 + Sam 01.07 / 20h00

**Orchestre d'Harmonie de la Garde Républicaine**  
Dim 09.07 / 16h30



[Et gëtt] eng Bestandsopnam gemaach fir ze kucken, wéi et momentan am Sport an eiser Gemeng ausgesäit.

—  
ANNICK SPELLINI.

PILOTPROJET AN DER GEMENG.  
COORDINATION SPORTIVE : PROJET PILOTE.

# Nei Sports- koordinatioun.

L

Den 2. Dezember gouf en neie Pilotprojet an der Gemeng Suessem lancéiert: de Service Sportskoordinatioun. De Sportsministère huet de Pilotprojet ronderëm d'Sportskoordinauteur-tricen ausgeschafft, mam Zil d'Motorik bei Kanner tëschkt 0–12 Joer ze férderen an den Dialog téschent den Acteuren-tricen ze verbesseren. „**Mir wëlle fir nach méi Chancëgläichheet am Sport suergen. D'Annick Spellini kämmert sech aktuell schonns ëm de „Pakt vum Zesummeliewen“, an deem och de Sport ee vu ville Voleten ass. Si soll deemno an deenen nächsten 3 Joer de Service à l'Égalité des chances et Diversité zu 50 % viruleeden an zu 50 % d'Sportskoordinatioun opbauen**“, esou d'Nathalie Morgenthaler, Sportsschäffin.

D'Annick Spellini erklärt: „**An enger éischter Phas gëtt all-gemeng eng Bestandsopnam gemaach, fir ze kucken, wéi et momentan am Sport an eiser Gemeng ausgesät, wat gutt funktionéiert, wou eventuell nach Sputt zur Verbesserung ass, a wéi d'Sportskoordinatioun am beschte genutzt ka ginn, fir allen Acteuren eng zousätzlech Hëllef bidden ze kënnen.**“

F

Le 2 décembre, un nouveau projet pilote a été lancé dans la Commune de Sanem, marquant ainsi le début du Service de la Coordination sportive. Le Ministère des Sports a initié le projet pilote du coordinateur-trice sportif·ve dans le but de promouvoir le développement de la motricité chez les enfants de 0 à 12 ans et d'améliorer la communication entre les différents acteurs. « **Nous voulons veiller à plus d'équité dans le sport. Annick Spellini s'occupe déjà du «Pakt vum Zesummeliewen», où le sport est également l'un des nombreux points importants. Elle dirigera à 50 % le Service à l'Égalité des chances et la Diversité et à 50% la Coordination sportive au cours des 3 prochaines années** », annonce Nathalie Morgenthaler, échevine des sports.

Annick Spellini explique: « **Dans une première phase, une analyse de la situation sera effectuée pour déterminer comment se présente actuellement le sport dans notre commune, ce qui fonctionne bien, où il y a encore des améliorations à faire, et comment la coordination sportive peut être utilisée de manière optimale pour aider tous les acteurs.** »

AGENDA 2023.

# Stay tuned!



SANUP.LU

09.05

KUSS, SOLEUVRE

Virowend  
Nationalfeierdag

22.06

KUSS, SOLEUVRE

# FLOW

FLOWFESTIVAL.LU

20.-23.07

PARK UM BELVAL

# BEIM SCHLOSS

KINOBEIMSCHLOSS.LU

31.08–04.09

CHÂTEAU SANEM

WANTERFEELING.LU

# Wanter Feeling

10.-12.11

CHÂTEAU SANEM

09.04.  
SONNDEN

BEIM  
SUESEMER  
SCHLASS



FIR KANNER BIS 10 JOER.  
OBLIGATORESCH ASCHREIWUNG



suessem.lu/ousschterereerisch

Owschteren



# JUVAK.LU

## ACTIVITÉS POUR JEUNES

12 - 18 ans

⌚ Tu trouves les dates limites d'inscription sur [www.juvak.lu](http://www.juvak.lu)  
⌚ Informations supplémentaires ☎ 59 34 07 ou 691 763 604

\*organisé par:



*inscription  
Einschreibung*



04.04  
-  
16.04  
2023

Suessem  
Déifferdeng  
Dippech  
Käerjeng



JUVAK.LU

\*avec le soutien des communes de Sanem, Differdange, Dippech, Käerjeng

**L**

Sonndes, de 15. Januar 2023, hat d'Kulturkommissiou op den traditionelle Concert vun deene véier Jugendmuseken aus der Gemeng invitíert.

Am Éilerenger Kulturschapp stoungé net manner ewéi 60 jonk Museker:innen op der Bün, déi hiert Talent bei engem ganz ofwiesslungsräiche Programm énner Beweis gestallt hunn. Déi véier Museke waren énnert der Leedung vum:

Yannice Faber – **Éilerenger Harmoniechen**

Laurent Paolucci – **Suessemer Jongbléiser**

Patrick Stracks – **Young Band Bieles**

Stéphanie Perna – **Zolwer Jugendmusek**

**F**

Dimanche, le 15 janvier 2023, la Commission de la Culture de la Commune de Sanem avait invité au concert bisannuel des quatre harmonies des jeunes.

Cette année-ci, pas moins de 60 jeunes musicien:ne:s furent rassemblé:e:s sur la scène du «Kulturschapp» à Ehlerange et ont fait preuve de leur talent, notamment :

**Éilerenger Harmoniechen** – direction : Yannice Faber

**Suessemer Jongbléiser** – Laurent Paolucci

**Young Band Bieles** – Patrick Stracks

**Zolwer Jugendmusek** – Stéphanie Perna



Weider Fotoen op  
Les photos sur

[BIT.LY/HARMONIESJEUNES](http://BIT.LY/HARMONIESJEUNES)

# ÉCONOMIES D'ÉNERGIE: NOTRE COMMUNE PARTICIPE!



UN KIT D'ÉCONOMIE D'ÉNERGIE GRATUIT VOUS ATTEND À L'ADMINISTRATION COMMUNALE, VENEZ VITE LE CHERCHER!

## UN KIT D'ÉCONOMIE D'ÉNERGIE COMPREND:

- Deux aérateurs pour robinet
- Un régulateur de débit de douche
- Un sac débitmètre
- Un sablier de douche
- Trois ampoules de type LED
- Un thermomètre d'ambiance
- Un rouleau de joint isolant pour portes et fenêtres
- Un bas de porte adhésif

► On a tous le pouvoir de faire des économies d'énergie.

Rejoignez le mouvement: [lets-save-energy.lu](http://lets-save-energy.lu)

**enoprimes**

un programme qui vous soutient financièrement dans vos travaux de rénovation: [enoprimes.lu](http://enoprimes.lu)

# GREEN. EVENTS

## Votre association organise un événement écoresponsable?

Demandez le logo Green Events et bénéficiez d'un subside pour votre engagement.

Nous vous accompagnons dans votre projet.



[greenevents.lu](http://greenevents.lu)

Porteur du projet



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et du Développement durable

Coordination & Accompagnement



SICONA KIDS.

# Der Natur op der Spuer.



L

Am Kader vum Projet *Ëmweltdiplom*, bitt de pedagogesche Grupp vum Naturschutzsyndikat SICONA, zesumme mam Matgesfeld, Aktivitéiten iwwer d'Ëmwelt fir Grondschoulkanner un. 2022 konnten am ganzen 311 Kanner vun zwanzeg verschiddenen Ateliere profitéieren a sech den *Ëmweltdiplom* verdéngen. Op der leschter Aktivitéit gouf beim Feier Holz geschnëtzt an et gouf Besuch vum Schäffen- a Gemengerot.

F

Dans le cadre du projet *Ëmweltdiplom*, le groupe pédagogique du syndicat de protection de la nature SICONA et l'équipe du Matgesfeld proposent des activités sur l'environnement aux élèves des écoles primaires. En 2022, pas moins de 311 enfants ont pu profiter de vingt ateliers différents et ont ainsi reçu un *Ëmweltdiplom*. Lors de la dernière rencontre, ils ont taillé du bois autour d'un feu de camp et ont reçu la visite du conseil communal.

# BICHERBUS

KALENDER | CALENDRIER 2023

DATUM DATE	ORT, HALTESTELLE UND UHRZEIT LOCALITÉ, ARRÊT ET HORAIRE
8.+29.3.2023	<b>Sanem</b> » 09h20–10h00
3.+24.5.2023	Rue de Niederkorn
21.6.2023	an der Bushaltestelle seitens der Schule
12.7.2023	<i>arrêt bus scolaire – école fondamentale</i>
6.+27.3.2023	<b>Soleuvre</b> » 14h40–15h30
8.+22.5.2023	Rue Scheierhaff
19.6.2023	beim ehemaligen Altenheim
10.7.2023	<i>près de l'ancien CPA</i>

**D** Der ‚Bicherbus‘ ist eine mobile Bibliothek, bei der man kostenlos Bücher ausleihen kann. Die rollende Bücherei wurde auf Initiative des Kulturministeriums ins Leben gerufen und umfasst rund **80.000 Werke** verschiedenster Themen. Ein Großteil dieser Werke ist Kindern und Jugendlichen vorbehalten.

In der Liste finden Sie die Daten und Uhrzeiten, an denen der ‚Bicherbus‘ in der Gemeinde Sanem Halt macht.

**F** Le «Bicherbus» est une bibliothèque mobile qui permet d'emprunter des livres gratuitement. Le projet a été initié par le Ministère de la Culture et propose une collection d'environ **80.000 livres**. Une grande partie de ces livres est réservée aux enfants et aux adolescent·e·s.

Veuillez consulter le tableau avec les dates et les horaires précis du passage du «Bicherbus» dans la Commune de Sanem.



Für weitere Informationen wenden Sie sich an:

Pour toute information complémentaire, veuillez vous adresser au :  
**Service 'Bicherbus' Bibliothèque Nationale de Luxembourg**

► (+352) 26 55 9 - 240 | [bicherbus@bnl.etat.lu](mailto:bicherbus@bnl.etat.lu)

**WEITERE TERMINE | AUTRES DATES** [bnl.public.lu](http://bnl.public.lu)

**SENIORFEIER.  
FÊTE DES SENIORS.**

*Save the Date!*  
Woch vum | semaine du  
**25.09. » ARTIKUSS**

D'Gemeng Suessem schéckt all hire Senioren iwwer 65 Joer eng perséinlech Invitatioun fir d'Seniorfeier.

Tous les seniors (+ 65 ans) de la Commune de Sanem recevront une invitation personnelle à la fête des seniors.





Votez ici!



[jepeuxvoter.lu](http://jepeuxvoter.lu)

# MA VOIX, MON CHOIX

## POUR L'AVENIR DE MA COMMUNE

11 juin 2023 : élections communales



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Famille, de l'Intégration  
et à la Grande Région  
Département de l'intégration

G

# Informatiounsbilat

28. November 2022 — Säit 29

02. Dezember 2022 — Säit 51

L

## AUDIO REPLAY

### GEMENGEROTSSËTZUNGEN

Just e puer Stonnen nom Enn vun de jeeweilege  
Sëtzunge fannt Dir déi detailléiert Audio-Versioun  
vum Gemengerot op

[suessel.lu/lb/seance-year/2022](https://suessel.lu/lb/seance-year/2022)

F

## REPLAY AUDIO

### SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL

Retrouvez l'enregistrement audio des séances quelques  
heures après la fin du Conseil communal respectif sur  
[suessel.lu/fr/seance-year/2022](https://suessel.lu/fr/seance-year/2022)



## Procès-verbal des votes du Conseil communal de Sanem lors de la séance publique

**lundi, 28 novembre 2022**

date de l'annonce publique

**18 novembre 2022**

date de la convocation des conseillers

**18 novembre 2022**

début: **14h15**

fin: **16h40**

### PRÉSENTS:

Mme Asselborn-Bintz Simone, présidente,  
M. Anen Gaston, Mme Arendt Patrizia, M. Bronzetti Denis,  
M. Cornély Alain, M. Dahm Yves, Mme Faber-Huberty Chantal,  
M. Gierenz Steve, M. Goelhausen Marco, M. Haas Marc, M. Lorang Mike,  
Mme Morgenthaler Nathalie, M. Piscitelli José, Mme Romeo Franca,  
M. Schlessier Jean-Pierre, Mme Speck-Braun Patricia  
Mme Manon Greven, secrétaire communale

**ABSENT (S) EXCUSÉ (S):** Mme Logelin Anne

**PREMIER VOTANT:** M. Goelhausen Marco

### — ORDRE DU JOUR

- Correspondance et informations:
  - Signature de la « European Circular Cities Declaration ».
  - Visite de l'École d'Hôtellerie et de Tourisme du Luxembourg.
- Approbation d'un rapport (séance du 21 octobre 2022).
 

» **Vote unanime**

### — BUDGET

- Présentation du budget rectifié 2022 et initial 2023.
 

» **Prise de connaissance**

### — PROJETS

- Réfection du Tippeewee entre Belvaux (Metzerlach) et Ehlerange. Devis estimatif détaillé: 75.000,- € (article budgétaire: 4/624/221313/17008).

» **Vote unanime**

- Aménagement des raccordements des maisons n° 35A-41 dans la rue de Hüssigny à Belvaux à la station hydrophore. Devis estimatif détaillé: 25.000,- € (article budgétaire: 4/630/222100/22010).

» **Vote unanime**

- Création d'une pergola en bois au parc de la rue du Knapp à Soleuvre. Devis estimatif détaillé: 18.000,- € (articles budgétaires: 4/542/221313/21042).

» **Vote unanime**

- Acquisition de deux ordinateurs pour les besoins du CIPA. Devis estimatif détaillé: 3.739,32,- € (article budgétaire: 4/734/223500/99001).

» **Vote unanime**

- Installation d'une machine virtuelle sur le serveur du CIPA. Devis estimatif détaillé: 2.364,34 € (article budgétaire: 4/734/223500/99001).

» **Vote unanime**

### — AMÉNAGEMENT COMMUNAL

- Recours gracieux du 17 octobre 2022 concernant le refus du Conseil communal du 8 juillet 2022 relatif au lotissement des parcelles N°2428/5019 et 2323/5077 et création des nouveaux lots 2428/lot 1 et 2428/lot 2 en vue de la réalisation d'un projet de construction.

» **Vote unanime**

### — TRANSACTIONS IMMOBILIÈRES

- Approbation de la convention de mise à disposition d'un logement social communal pour personnes à besoins spécifiques concernant un appartement sis à Sanem, 4c, rue de la Fontaine.

» **Vote unanime**

- Approbation d'une convention relative à la mise à disposition d'un emplacement pour six modules de 'boîtes postales' au profit de « POST Luxembourg ».

» **Vote unanime**

- Approbation d'un compromis de cession à titre gratuit concernant une parcelle de terrain sise à Belvaux.

» **Vote unanime**

- Approbation d'un compromis de cession à titre gratuit concernant une parcelle de terrain sise à Soleuvre.

» **Vote unanime**

- Approbation d'un acte de cession à titre gratuit concernant une parcelle de terrain sise à Belvaux.

» **Vote unanime**

## — FINANCES COMMUNALES

### 15. Approbation de divers subsides:

Nom de l'association	Objet	Montant accordé précédemment	Montant accordé
Union des sociétés avicoles du Grand-Duché de Luxembourg	Demande d'obtention d'un subside pour les festivités du centenaire de l'Union des Sociétés Avicoles Luxembourgeoises (USAL)	—	—
Ambulanz Wonsch asbl	Demande de soutien financier	—	150,-
Handball Bieles a.s.b.l.	Demande de subside ou de don	—	—
Fondation A.P.E.M.H.	Demande de subside	150,- CC 15/10/2021	150,-
Special Olympics Luxembourg	Demande de don dans le cadre du «24 Sonnen Dribbel Marathon»	150,- CC 25/03/2022	150,-
Landjugend Furen a.s.b.l.	Subside fir de 47. Landjugenddag 2023 zu Tandel, organiséiert vun der LJ Furen	—	—

» Vote unanime

## — CIRCULATION

### 16. Approbation de règlements d'urgence pris par le Collège des bourgmestre et échevins:

- Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de construction d'une résidence au 77 rue d'Esch à Sanem, approuvé par le collège des bourgmestre et échevins en date du 18 novembre 2022 (Uo22\_096A);
- Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de construction d'une maison au 48 rue de France à Belvaux, approuvé par le collège des bourgmestre et échevins en date du 28 octobre 2022 (Uo22\_107A);
- Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion de la mise en place d'une installation de chantier dans la rue de Limpach à Soleuvre et dans le cadre de la pose d'une conduite d'eau au croisement «Aessen» approuvé par le collège des bourgmestre et échevins en date du 21 octobre 2022 (Uo22\_130);
- Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de raccordement au réseau de creos du n°162 rue de France à Belvaux approuvé par le collège des bourgmestre et échevins en date du 17 octobre 2022 (Uo22\_132); Vote unanime
- Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux d'évacuation de la décharge au Gaalgebierg à Belvaux, dernière phase approuvé par le collège des bourgmestre et échevins en date du 28 octobre 2022 (Uo22\_134);

— Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de raccordement creos au transformateur sis à côté du n°255 route d'Esch à Belvaux approuvé par le collège des bourgmestre et échevins en date du 25 novembre 2022 (Uo22\_135A);

— Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux d'adaptations des bordures dans la rue de Soleuvre à Belvaux, à la hauteur du rond-point approuvé par le collège des bourgmestre et échevins en date du 18 novembre 2022 (Uo22\_137);

— Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de raccordement à la canalisation de la maison n°10 rue de la Fontaine à Belvaux approuvé par le collège des bourgmestre et échevins en date du 18 novembre 2022 (Uo22\_138);

— Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de renouvellement du raccordement à la conduite d'eau potable des maisons n°26 - n°30 rue de Sanem à Soleuvre approuvé par le collège des bourgmestre et échevins en date du 18 novembre 2022 (Uo22\_139);

— Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de pose de réseaux divers dans la rue de la Gare (rue dans issue) à Belvaux approuvé par le collège des bourgmestre et échevins en date du 14 novembre 2022 (Uo22\_140);

» Vote unanime

## — OFFICE SOCIAL

### 17. Approbation du budget rectifié 2022 + budget 2023 de l'Office social de la Commune de Sanem.

### 18. Nomination de cinq membres au sein du Conseil d'administration de l'Office social:

#### a. Poste vacant 1

Nom	Prénom	OUI	NON
Arendt	Patrizia		
Bronzetti	Denis	14	
Faber-Huberty	Chantal		
Koster	Ronny		
Speck-Braun	Patricia		
Reuter-Angelsberg	Dagmar		
Schlessner	Jean-Pierre		
Schmit-Franzen	Gaby		
Nuls: /		Blancs : 2	Abstentions: /

Est nommé: Monsieur Bronzetti Denis

**b. Poste vacant 2**

Nom	Prénom	OUI	NON
Arendt	Patrizia		
Bronzetti	Denis		
Faber-Huberty	Chantal		
Koster	Ronny	14	
Speck-Braun	Patricia		
Reuter-Angelsberg	Dagmar		
Schlessner	Jean-Pierre		
Schmit-Franzen	Gaby		
Nuls: /	Blancs : 2	Abstentions: /	

**Est nommé : Monsieur Koster Ronny****e. Poste vacant 5**

Nom	Prénom	OUI	NON
Arendt	Patrizia		
Bronzetti	Denis		
Faber-Huberty	Chantal	1	
Koster	Ronny		
Speck-Braun	Patricia		
Reuter-Angelsberg	Dagmar		
Schlessner	Jean-Pierre	14	
Schmit-Franzen	Gaby		
Nuls: /	Blancs : 2	Abstentions: /	

**Est nommé : Monsieur Schlessner Jean-Pierre****c. Poste vacant 3**

Nom	Prénom	OUI	NON
Arendt	Patrizia		
Bronzetti	Denis		
Faber-Huberty	Chantal	1	
Koster	Ronny		
Speck-Braun	Patricia	13	
Reuter-Angelsberg	Dagmar		
Schlessner	Jean-Pierre		
Schmit-Franzen	Gaby		
Nuls: /	Blancs : 2	Abstentions: /	

**Est nommée : Madame Speck-Braun Patricia****d. Poste vacant 4**

Nom	Prénom	OUI	NON
Arendt	Patrizia		
Bronzetti	Denis		
Faber-Huberty	Chantal	1	
Koster	Ronny		
Speck-Braun	Patricia		
Reuter-Angelsberg	Dagmar	14	
Schlessner	Jean-Pierre		
Schmit-Franzen	Gaby		
Nuls: /	Blancs : 2	Abstentions: /	

**Est nommée : Madame Reuter-Angelsberg Dagmar****— DIVERS**

**19.** Approbation des modifications statutaires et conventionnelles du Groupement Européen de Coopération Territoriale Alzette Belval (GECT).

» **Vote unanime**

**20.** Modification de la composition des commissions consultatives.

» **Néant**

**21.** Questions et divers.

» **Néant**

**— SÉANCE À HUIS CLOS****— PERSONNEL**

**22.** Présentation du Plan d'action CIPA.

» **Point reporté**

**23.** Application de la décision du Conseil de Discipline dans une affaire disciplinaire.

» **Décision du Conseil de Discipline accordée**



## Gemeinderatssitzung Sanem

**Montag, 28. November 2022**

**BELES** – Knapp zweieinhalb Stunden dauerte die Gemeinderatssitzung am 28. November, in der zum Ende des Jahres wie gewohnt die Präsentation des rektifizierten Haushaltes 2022 und die Budgetvorlage 2023 im Fokus standen. Daneben ging es u. a. auch um die Instandsetzung des Tippewee und um den Jahresbericht des Office social.

Zu Beginn der Sitzung unterschrieb der Schöfferrat die European Circular Cities Declaration. Mit dieser Unterschrift verpflichtet sich die Gemeinde den Faktor Kreislaufwirtschaft fortan bei sämtlichen Entscheidungen, Projekten o. ä. miteinzubeziehen. Simone Asselborn-Bintz (LSAP) ergänzte, dass man nunmehr zu einem Netzwerk von rund 60 europäischen Städten gehört und sich vor allem einen regen Austausch, sowie best practices in puncto Kreislaufwirtschaft erhofft.

Anschließend informierte die Bürgermeisterin das Plenum, dass der Schöfferrat – auf Einladung der Direktion – rezent die École d'Hôtellerie et de Tourisme du Luxembourg in Dikirch besucht hat. Bei dieser Visite habe man nicht nur die aktuellen Infrastrukturen begutachtet, sondern sich zudem ein genaueres Bild der ganz unterschiedlichen Studiengänge machen können. Asselborn-Bintz (LSAP) versprach ihren Ratskollegen, dass der Schöfferrat in diesem Dossier am Ball bleibe. Es wäre wünschenswert, so die Bürgermeisterin abschließend, wenn die Umbauarbeiten am Sanemer Schloss nicht mehr allzu lange auf sich warten lassen.

## BUDGET 2023

Wie in der jüngeren Vergangenheit üblich, wurden der rektifizierte Haushalt 2022 und das Budget 2023 im Folgenden gemeinsam von Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) sowie von Finanzschöffin Nathalie Morgenthaler (CSV) vorgestellt.

**BÜRGERMEISTERIN  
SIMONE ASSELBORN-BINTZ (LSAP)  
A GUDDE WÉI A SCHLECHTEN ZÄITEN,  
AN DER GEMENG SUESSEM LÉISST ET  
SECH GUTT LIEWEN**

Léif Kolleegen a Kolleginnen, dir Dammen an dir Hären, esou wéi déi lescht zwee Joer, fänken ech och dëst Joer meng Ried mat engem Zitat aus der Chamber un, an zwar dës Kéier mat engem vun der Finanzministesch Yuriko Backes am Kader vun hirer éischter Budgetspresentatioun fir de Staatsbudget 2023.

D'Madamm Backes sot: Dat heiten ass e Krisebudget an dat spigelt sech an den Zuelen erëm.

D'Inneministesch Taina Bofferding huet an hirer Circulaire drop higewisen, dass d'Gemenge vigilant solle bleiwen, et sollt een eng virsichteg Finanzplanung an dësen onsécheren Zäite maachen.

An dat hu mär gemaach, léif Kolleegen a Kolleginnen, dir Dammen an dir Hären. Mär hunn zesumme mat all eise Servicer, sou wéi déi Jore virdrun och, eis Finanzen op de Leesch geholl an analyséiert, wéi mär eis Gemeng Suessem an den nächste Joren zukunftsorientéiert welle weiderbréngen an och op dem Niveau halen, wéi mär dat bis elo gemaach hunn, mat eben enger vigilenter, virsiichtiger Finanzplanung. Mat der aktueller Situatioun ass dat natierlech net ouni Aspuerunge méiglech.

A menger leschter Ried hunn ech gesot: Mat Haass a Gewalt bréngt mär näischt fäerdege, némmen zesummen am Respekt vun eiser Demokratie a mat Menschlechkeet kréie mär dës Pandemie an de Gréff.

A leider ass et net wäit ewech vun eis nach méi Haass a Gewalt ginn. De russesche President, nee ech soen Diktator, Putin huet en onbaarmhäerzege Krich géint d'Ukraïne ugefang an domat ganz vill Leit, onschëllleg Leit, an eng Kris gehäit a virun allem och émbruecht. Dat ass net ze akzeptéieren a géint sou Machenschafte musse mär eis all wieren.

Op dëser Plaz wéll ech all den Ukrainer gedenken, déi an dësem Krich vill verluer hunn a gestuerwe sinn, Familljemembere verluer hunn, an awer och jiddwerengem, deen huet missen op der enger oder anerer Sait kämpfen a verstuerwen ass. Ech wéll u jiddwerekken denken, deen duerch iergendee Krich op der Welt, duerch Ênnerdréckung a Gewalt säi Land huet musse verloissen a seng Heemecht huet missen opginn.

Leider huet deen onnéidege Muechtkampf a Russland zu enger grousser Energiekris gefouert, déi net némmen d'Leit an der Ukraïne a ronderëm, mee a ganz Europa, jo souguer an der Welt viru grouss Erausforderunge stellt.

Mär waren eis all bewosst, dass mär d'Ressourcen, déi mär hunn, net onendlech laang esou notze können, wéi mär dat bis elo gemaach hunn, an dass och scho virun dësem Krich eise Planéit amgaange war futti ze goen. Leider huet dës Kris eis lo nach méi staark virun Ae gefouert, dass mär émdenke mussen an dat esou séier wéi méiglech.

A leider spigelt dës Kris sech och an eisem Budget erëm. Mär hu versicht op ville Posten ze spueren. All eis Servicer waren ugehaleen an hiren Artikelen drastesch ze spueren an näischt méi unzefroen, wat net onbedéngt noutwenneg ass, mee just dat, wat wierklech muss gemaach ginn.

Sou ass et och komm, dass mär zum Beispill ganz akribesch gekuckt hunn, wéi eng Strosse mär dat nächst Joer effektiv realiséieren oder neimaache kënne, wéi eng Acquisitiounen wierklech noutwenneg sinn oder wéi eng op e spéideren Datum verluecht oder villäicht guer net realiséiert ginn.

E gréissere Projet hu mär doduerch och gestoppt a kënneen deen net sou wéi geplangt weiderféieren. De Mathiko, eise Musée mat de Knobelsteller, hu mär ganz schwéieren Häerzens musse stoppen. Där wësst, dass dee Projet op Standby war, nodeems den Terrain gerutscht war an et laang gedauert huet bis déi ganz Assurancë sech eens waren. Am Fréijoer wollte mär de Mathiko da rém weiderféieren, wou mär vun de Firmen d'Hiobsbotschaft kruten, datt d'Präisser drastesch an d'Lucht gaange sinn. Op engem Posten, an zwar der Fassad an de Fénsteren, war et ee Plus vun 71% um initialen Devis, beim Daach ee weidere Plus vun 52% a fir d'Gros-œuvre nach e Plus vu 34%. Wat eleng fir déi dräi Soumissiouen e Plus vun 1.137.665,90 € ausmécht par Rapport zu der initialer Commande am Joer 2017. Dat konnte mär leider esou net akzeptéieren an hunn alles gestoppt.

An dësen Zäite muss een esou Investissementer iwwerdenken a mär hu lo d'Firme beoptraagt alles nei ze maachen an e klenge Projet fir den Ausbau vun eisen Archiven ze plangen, just dat wat wierklech muss sinn. Sou e Musée, deen nieft dem Bau och ganz vill aner Käschte mat sech bruecht hätt, zum Beispill d'Ressourcen, déi mär gebraucht hätten oder och déi ganz Programmatioun fir esou e Musée hätt nach vill aner Budgetsjore mat beaflosst.

Et war fir mech, deen dës Knobelstellerausstellung émmer genial fonnt huet an nach fénnt, keng einfach Decisioun, mee leider war se noutwenneg.

Et ass Iech villäicht och opgefall, dass mär och bei eise Manifestatioun gespüert hunn. Zesumme mat eisem Service des Relations publiques et de la Culture hu mär d'Decisioun geholl de Summerfeeling aus eiser Programmatioun fir 2023 ze sträichen. Och dat ass kengem liicht gefall, mee och am Beräich vun eise Manifestatioun wollte mär en Zeeche setzen, dass een a Krisenäiten, an Zäiten, wou een d'Enner beieneen hale soll och net alles realiséiere kann.

Léif alleguerten, mat dësem Budget sti mär trotzdem weiderhi fir Kontinuitéit an der Gemeng Suessem, dat, wat säit Joren ènnert eis opgebaut ginn ass, gëtt weidergefouert an do ausgebaut, wou et ubruecht ass a Sénn mécht, sou dass et weiderhi méiglech ass – wéi ech net midd ginn ze widderhuelen – gutt an eiser Gemeng ze lieuen an dëst vu ganz kleng bis ganz al.

Mär konnten am Joer 2022 den 18.000 Awunner an eiser Gemeng begréissen, méi genee den 1. Mäerz 2022 an hu vum 1.1.2022 bis den 1.1.2023 e plus vun 351 Awunner:innen ze verzeechnen.

Wat eis Personaldotatioun ugeet, schaffen 2022 am ganze 799 Mataarbechter:innen bei eis, 88 Fonctionnaires, 299 Salarié·e·s à tâche intellectuelle a 412 Salarié·e·s à tâche manuelle.

Fir 2023 stelle mär weider 18 Leit, genee 21,5 ETP an. Par Rapport zum leschte Joer sinn dat der weesentlech manner, waren dat der dach 80.

Ouni der Madamm Morgenthaler virzegräifen, kann ech awer soen, dass mär bei der Personaldotatioun opgepasst hunn an och praktesch keen neie Poste kreéiere wäerten. Eis Servicer hunn den Optrag kritt hir Aarbechten ze optimiséieren an hir Dotatioun jee no Posten ze reconsideréieren. Ech wëll op déser Plaz och lo schonns jiddwerengem dofir Merci soen. Mär wëssen, dass dat net einfach ass, mee et ass néideg.

Op engem anere Posten hu mär och gespuert an zwar op eise Gefierer. An désem Budget steet just een Auto, jo en Elektroauto dran, an och do iwwerloosser ech der Madamm Morgenthaler d'Erklärungen heizou an och zu den ordinäre Bensinnskäschten.

Op den 31.12.2022 wäerte mär 1693 Schoukkanner hunn (e Plus vu 47 Kanner par Rapport zu 2021) an dovu ginn der 1421 an de SEA, wat och e Plus vun 127 Kanner ass. Mär hunn nach émmer bei de scolariséierte Kanner keng Waardelëschten.

Et ass awer esou, an dat wësst dir, dass ech och bei désem Punkt net midd ginn ze soen, dass onbedingt émgeduecht muss ginn, wat d'Finanzéierung vum Staat vun eisem SEA Personal ubelaangt. An elo nach émsou méi. Mat der gratis Kannerbetreuung kann et elo sinn, an an eenzel Gemengen ass dat schonns de Fall, dass Kanner einfach net kommen, obschonns se ageschriwwen sinn. An deem Fall schafft d'Personal, dat jo awer laut dem Betreuungsschlüssel virgesi war, eventuell am Surplus, well manner Kanner do sinn. Wann dann zum Schluss vum Dekont just déi effektiv Presenze vun de Kanner gekuckt ginn, kann et sinn, dass do gréisser Differenzen optauche kënnen. Mär sinn do derhannert, fir dat am A ze behalen an hunn och eis Eltere per Bréif informéiert, dass gratis Kannerbetreuung net heesch, dass ee sech net offmellt, an datt een och zu den ageschriwwenen Zäite komme muss. Et ass hei wéi och soss iwverall: et gi Rechter an awer och Flichten, déi ze respektéiere sinn.

Ech kéim da lo bei den Haaptplat, bei d'Zuele vun eisem Budget. A mär maachen dat och an der Kontinuitéit. D'Madamm Morgenthaler iwwerhëlt déi ordinär Zuelen an ech no hir den extraordinären Deel.

	Initial 2022	Initial 2023	Δ en %	Δ en €
Recettes ordinaires	94.242.399	106.657.061	13%	12.414.661
Dépenses ordinaires	91.188.034	99.572.039	9%	8.384.005
<b>Boni</b>	<b>3.054.365</b>	<b>7.085.021</b>	<b>132%</b>	<b>4.030.655</b>
Recettes extraordinaires	38.699.616	23.499.936	-39%	-15.199.680
Dépenses extraordinaires	50.006.174	43.009.388	-14%	-6.996.786
<b>Mali</b>	<b>-11.306.558</b>	<b>-19.509.451</b>	<b>-73%</b>	<b>-8.202.893</b>
Résultat OR + EX	-8.252.192	-12.424.430		
Résultat N-1	8.971.003	13.919.743		
<b>Résultat N</b>	<b>718.810</b>	<b>1.495.313</b>		

Budget 2023: Résultat

Op désem Slide gesäßt een eis allgemeng finanziell Situatioun vum Budget initial 2023 am Verglach mam Budget initial vun 2022. Opfälleg ass, dass eisen ordinäre Boni ém 132% geklommen ass par Rapport zum Budget initial vun 2022 a sech elo op ronn 7,1 Milliouen € chiffréiert. An deem Kontext bleibt och ze bemierken, dass trotz den Energiepräishaussen an deenen zukünftegen Indextranchen eisen ordinäre Bonus en däitleche Plus ze verzuechnen huet. D'Madamm Morgenthaler wäert dozou méi spéit nach Erklärunge ginn.

Am extraordinären Deel ginn eis Recetten ém ronn 16 Milliouen erof, dëst well mir lescht Joer de Prêt vu 16 Milliouen am Budget stoen haten, dee mär jo och elo gezunn hunn. Dat nächst Joer ass kee Prêt am Budget an dat ass vun eiser Säit och kloer esou gewollt. D'Madamm Morgenthaler seet Iech och dozou herno méi.

Eis extraordinär Depensé sinn och ém ronn 7 Millioune par Rapport zum Budget initial 2022 gefall. Méi Detailer dozou wäert ech Iech da méi spéit ginn.

Wann een elo de Réalisé am Extraordinäre vun 2022 kuckt komme mär op 100,10% d.h. vun de 50.006.174,93 €, déi 2022 am Budget initial stoungen, sinn der 50.057.847,08 € réaliséiert ginn, wat en exzellent Resultat ass. Alles wat geplangt war, ass och sou réaliséiert ginn. Merci och dofir eise Servicer alleguer.

Hei e puer grouss Projeten, déi am Rectifié 2022 stoungen:

- d'Transformatioun vun de Büroen am Keller vun der Gemeng
- de Pavillon vun der Source Bel-Val um Belval
- déi nei Plaz ronderëm de Centre Culturel am Metzerlach
- d'Kabaischen am Kader vum Minett Unesco Biosphere fir elo nëmmen déi ze nennen.

ENNERT DEM STRÉCH KANN EE SOEN, DASS DE MALI VUM EXTRAORDINÄREN DEEL VUN -19.509.451,74 € MÉI EWÉI OPGEFAANGE GËTT VUN ENGEM STEIGENDEN ORDINÄRE BONI VU RONN 7,1 MILLIOUNEN € AN ENGEM ZOLITTE RESULTAT VUM BUDGET RECTIFIÉ 2022 VU BAL 14 MILLIOUNEN €. D'RESULTAT FIR 2023 BELEEFT SECH ALSO OP RONN 1,5 MILLIOUNEN € AN ËNNERSTRÄICHT EE KONTINUÉIERLECHEN OPWÄRTSTREND, AN DAT AWER OCH DUERCH EIS VIRSIICHTEG PLANUNG AN OCH DEN ZOUSCHOSS VUM STAAT.

ECH GITT DANN ELO DER MADAMM NATHALIE MORGENTHALER D'WUERT FIR DEN ORDINÄRE BUDGET VUN 2023.

## SCHÖFFIN NATHALIE MORGENTHALER (CSV) UERDENTLECHE BUDGET 2023

WÉI ALL JOER PRESENTÉIEREN ECH IECH DANN ELO DEN UERDENTLECHE BUDGET. FIR UNZEFANKE WÉILT ECH GÄRE VUN DER GELEEËNHEET PROFITÉIEREN, FIR ALL EISE SERVICER E GROUSSE MERCI ZE SOEN, FIR DÉI GUTT ZESUMMENNAARBECHT A BEMÉIJUNGE WÄREND DEM VERGAANGENE JOER, ESOWÉI OCH ELO BEI DER OPSTELLUNG VUM BUDGET 2023.

SI HU PRAKTESCH ALLEGUER DEN FESCHT VUN DER LAG ERKANNT AN HU FLÄISSEG MATGESCHAFFT, FIR IECH HAUT DÉS ZUELE KËNNEN ZE PRESENTÉIEREN.

ECH WÉILT VIRUN ALLEM DEM MATHIAS JAENISCH AN DEM NATHALIE CENCETTI MAT HIRER GANZER EKIPP VILLEMOOLS MERCI ZE SOEN, FIR HIR ZOUVERLÄSSEG AARBECHT IWWERT DAT GANZT JOER, AWER OCH WELL SI ET GEMEECHTERT HUNN, FIR NACH GANZ KUERZFRISTEG VERSCHIDDEN ÄNNERUNGEN VIRZEHUELLEN.

02/12/2022	Vote des budgets par le Conseil communal
28/11/2022	Présentation des budgets par le Collège des bourgmestres et échevins au Conseil communal
18/11/2022	Arrêt des travaux budgétaires
17/11/2022	Délai pour la remise de questions et de propositions
14/11/2022	Présentation des budgets à la Commission des finances et au Conseil communal
10/11/2022	Remise des documents à la Commission des finances et au Conseil communal
09/2022	Explications relatives aux crédits sollicités par les services communaux (11 réunions)
17/08/2022	Remise des documents avec les crédits sollicités par les services communaux
22/06/2022	Remise des documents aux services communaux

Timeline – Travaux budgétaires 2022

OP DÉSEM SLIDE GESITT DÄR DEN OFLAF VUN EISE BUDGETSPREPARIATIONEN.

EIS SERVICER HU BIS MËTT AUGUST HIR BUDGETSVIRSTELLUNGE MISSTEN ERAGINN, DÉI SI AM LAF VUM MOUNT SEPTEMBER A RONN 11 SÉTZUNGEN AN DE SCHÄFFEROT VIRSTELLEN A VERDEEDEGE KOMM SITTEN.

NO DER ANALYS VUN EISER FINANZIELLER GESAMTSITUATION, HUET DEN SCHÄFFEROT EN BON PÈRE-MÈRE DE FAMILLE GEHANDELT A VERSCHIDDE STAARK A VIRUN ALLEM RESPONSABEL ENTSCHEEDUNGE MISSTEN HUELLEN, FIR EIS FINANZIELLER GESAMTSITUATION ZE VERBESSERN.

DE 14. NOVEMBER 2022 SIDD DÄR ALS GEMENEROT, ZESUMME MAT DER FINANZKOMMISSION, MÉI GENEE AN D'BILD VUN EISE LAFENDEN AARBECHTE GESAT GITT AN DÄR KONNT OCH DÉST JOER ERËM VUN DER GELEEËNHEET PROFITÉIEREN, FIR ÅR FROEN A SUGGESTIOUNEN ERANZEGINN. TËSCHENT DEM 10. AN DEM 17. NOVEMBER HAT DÄR ALSO ENG WOCH ZÄIT FIR PROPOSSEN ERANZEGINN. FROEN HU MÄR SELBSTVERSTÄNDLECH OCH NACH DONO UGEHOLL AN ET ASS OCH GUER KEE PROBLEM, WANN DER HAUT NACH SOLLTE GESTALLT GITT.

KOMME MÄR ELO AM DETAIL ZU DEN ENTWECKLUNGE VUN EISEM UERDENTLECHE BUDGET.

Compte 2021	Initial 2022	Rectifié 2022	Initial 2023	Diff I/R	Diff I/I
ICC	-	-8,1% (2021)	-9,9% (2021)	-	-
ICC	1.481.627	1.596.312	1.361.615	1.334.946	-26669 -261.366
FDGC	-	+3,3% (2021)	+9,3% (2021)	-	-
FDGC	55.040.378	54.464.041	56.856.710	60.159.133	3.302.422 5.695.092
Total	<b>56.522.005</b>	<b>56.060.353</b>	<b>58.218.326</b>	<b>61.494.079</b>	<b>3.275.753 5.433.725</b>

Variations Circulaire n°4188


D'CIRCULAIRE N°4188 GESÄIT AM RECTIFIÉ 2022 BEI DER GEWERBESTEIER (ICC: IMPÔT COMMERCIAL COMMUNAL) E RÉCKGANG VUN 8,1 % AM VERGLACH ZUM COMPTÉ VUN 2021 AN AM BUDGET 2023 E RÉCKGANG VUN 9,9 % AM VERGLACH ZUM COMPTÉ VUN 2021 VIR. BEIM FDGC (FONDS DE DOTATION GLOBALE DES COMMUNES) ASS ENG STEIGERUNG VUN 3,3 % AM VERGLACH ZUM COMPTÉ VUN 2021 AN AM BUDGET 2023 ENG STEIGERUNG VUN 9,3 % AM VERGLACH ZUM COMPTÉ VUN 2021 VIRGESINN.

AN ABSOLUTEN ZUELEN HEESCHT DAT ALSO, DASS DEN ICC AM INITIAL 2023 OP RONN 1,3 MILLIOUNE FÄLT AN DEN FDGC OP RONN 60,2 MILLIOUNE KLËMMT.

WANN EEN ELO DEN INITIAL 2023 MAM RECTIFIÉ 2022 VERGLÄCHT, FÄLT DEN ICC ËM RONN 27.000 € AN DEN FDGC KLËMMT ËM 3,3 MILLIOUNEN.

Vergläicht een den Initial 2023 mam Initial vun 2022, esou fält den ICC ém ronn 261.000 € an den FDGC klémmt ém ronn 5,7 Milliounen.

Mär gesinn also kloer, dass eis Haaptrecette weiderhi konstant klémmt, an dëst trotz de makroekonomeschen a geopoliteschen Entwécklungen (Energie- a Klimakris, Inflatioun, Produktiounsengpäss, Krich asw.), deene mär ausgesat sinn.



Hei gesitt Där déi ganz Entwécklung méi visuell duergestallt. Deen ieweschte Stréch symboliséiert d'Entwécklung vun eisen uerdentlechen Ausgaben. De Stréch 2 ass den FDGC, deen am Initial 2023 op en Total vu ronn 60,2 Millioune kënnt an de Stréch 1 stieet fir den ICC, deen 2023 mat ronn 1,3 Millioune verbucht ass. De Stréch 3 ass den Total vum Stréch 1 an 2 zesummen.


Opfälleg ass de Knacks vum ICC a parallel d'Steigerung vum FDGC am Joer 2017, dëst wéinst der Gemengefinanzreform.

An dëser Gemengefinanzreform huet sech d'Berechnung an d'Verdeelung vum FDGC an ICC un d'Gemenge verännert. Den Haaptkrittär, vu ganze 5 verschiddene Krittäre fir de FDGC ze berechnen, ass d'Population rectifiée, déi mat 82 % an d'Gesamtdéppé matafléisst. Dës Population rectifiée stellt déi adaptéiert Gemengepopulation duer. Dës Unzuel gëtt unhand vun 2 Parametere festgeluecht: der Bevëlkerungsdicht (Awunner-innen/Fläch a km<sup>2</sup>) an dem Status vum CDA (Centre de Développement et d'Attractivité). D'Gemenge kënne soumat a 4 CDA-Klassen énnerdeelt ginn, CDA1 (+45%), CDA2 (+25%), CDA3 (+5%) an all déi aner Gemengen, déi net énnert déi éischtdräi Kategorie falen (0%). D'Interpretatioun, wéi eng Gemeng a wéi eng CDA-Klass kënnt, kann een heibäi a Fro stellen. Am CDA1 ass z. B. d'Stad Lëtzburg eleng, am CDA2 ass Esch, am CDA3 sinn d'Stied Déifferdeng an Diddeleng, mee och z. B. d'Gemenge Jonglënster, Miersch, Stengfort, Klierf oder Veianen.

D'Gemeng Suessem ass an der leschter CDA-Klass a kritt deemno keng zousätzlech Adaptatioun vun der Populatioun (Population rectifiée), wat souvill heescht wéi, dass d'Gemeng net ka vun engem méigleche Surplus un Dotatiounen an dësem Kader profitéieren.

Ech wëll dorunner erënneren, dass eis Gemeng am Kader vum IVL (Integratives Verkehrs- und Landesentwicklungskonzept) vun 2003 nach de Statut vun engem CDA hat, wat awer elo leider net méi de Fall ass a mär doduerch am Verglach mat anere Gemenge leider Verléierer vun der leschter Gemengefinanzreform sinn.

Komme mär elo zu der Presentatioun vum uerdentleche Budget, woubäi och Verglänner mam Budget rectifié vun 2022 wäerte gezu ginn.



Dëse Slide weist ganz einfach d'Evolutioun vun den uerdentlechen Ausgabe vum Compte 2021, dem Budget initial vun 2022, dem Budget rectifié vun 2022 an der Previsioun fir 2023.

Schlussendlech sinn 1,67 % am Joer 2022 manner ausgi ginn, ewéi ufanks geplangt, dat heescht am Ganzen 89,66 amplaz vun 91,19 Milliounen, mee fir 2023 ass eng Progressioun vun 9,19 % par Rapport zum Initial 2022 virgesinn, dat heescht am Ganzen 99,57 Milliounen.

D'Steigerung vun den Energiepräisser, déi fir eis nëmmen deelweis gedeckelt sinn (ënnert enger bestëmmter Consommatioun: fir de Gas ënnert 65 m<sup>3</sup>/h, fir d'Elektresch ënnert 25.000 kWh pro Joer), d'Erhéijung vun de Syndikater, d'Iessenskäschten am SEA an am CIPA, d'Ausgabe fir neit Personal an der neier Crèche Geessewee an dem bestoende Kanncercampus, d'Annuitéit vum Emprunt iwwert e ganz Joer gerechent an d'Énnerhalen a Botze vun eise Gebaier erklä greissstendeels dës Progressioun vun 11,05 % vum Budget 2023 par Rapport zum Rectifié 2022.

Komme mär elo zum Detail:

Synthèse par fonctions en Euro	2021 Compte NPC	2022 Initial NPC	2022 Rectifié NPC	2023 Initial NPC	I23 p.r. R22	I23 p.r. I22
1 Services généraux des administrations publiques	18.423.164	20.405.552	20.121.836	22.490.954	11,77%	10,22%
2 Protection sociale	20.329.644	23.955.031	23.593.328	27.012.155	14,49%	12,76%
3 Ordre et sécurité publique	937.227	1.103.740	1.110.521	1.235.331	11,24%	11,92%
4 Affaires économiques	2.814.398	3.064.711	3.096.255	3.678.073	18,79%	20,01%
5 Protection de l'environnement	4.470.168	5.017.457	4.878.788	5.290.842	8,45%	5,45%
6 Logements et équipements collectifs		8.657.553	10.420.960	10.146.810	8,77%	5,91%
7 Santé	11.871.746	13.320.324	13.441.534	14.872.965	10,65%	11,66%
8 Loisirs, culture et culte	4.836.583	7.673.910	7.077.596	6.804.400	-3,86%	-11,33%
9 Enseignement	4.869.776	6.226.350	6.195.804	7.150.800	15,41%	14,85%
Codes Techniques	177.812	-	-	-	0,00%	0,00%
<b>Total Dépenses extraordinaires</b>	<b>77.388.069</b>	<b>91.188.034</b>	<b>89.662.472</b>	<b>99.572.040</b>	<b>11,05%</b>	<b>9,19%</b>

#### Dépenses ordinaires 2022/2023


Hei gesitt Där d'Ausgaben, opgedeelt op déi grouss Kapitele vun der Nomenclature. Ënnert anerem gesitt Där och de Verglach vum Initial 2023 op de Rectifié 2022 an den Initial 2023 am Verglach zum Initial 2022 an deenen zwou leschte Kolonnen.

Dëst ass och keen Zoufall, well an dése Funktiounen d'Personalkäschte vun der Verwaltung, dem SEA an dem Altersheem dra sinn.

Dës maachen zum Beispill am 1. Kapitel 62% vum Total vun deenen 22,5 Milliounen aus, am 2. Kapitel 74% vum Total vun de ronn 27 Milliounen an am 7. Kapitel 81% vum Total vun deene ronn 14,9 Milliounen aus.

Op d'Personalkäschte wäerte mär an den nächste Sliden och nach méi genee agoen.

Op der nächster Grafik gesitt Där nach eng Kéier d'Evolutioun vum Budget 2023 par Rapport zum Rectifié 2022 visuell duerch Baren duergestallt mat deene respektive Variatiounsprozentsätz.



#### Dépenses ordinaires 2022/2023

Déi gréisste Variatioun a Prozentsätz ausgedréckt fénnt ee beim Kapitel 4 Affaires économiques, e Plus vun 18,79%, dee ronn 600.000 € ausmécht. Dee gréisste Batz dovu kënnt duerch d'Steigerung vum TICE vun 18,14%, wou elo am Initial 2023 ronn 2,2 Milliounen als ordinär Ausgab drastinn.

Déi zweetgréisst Variatioun fénnt een beim Enseignement mat 15,41% erëm, wou d'Paie vum Personal aus eise Schoulgebaier dra sinn, d'Leit vum Pedibus (mär wäerte viraussichtlech nei Pedibuslinnen aféieren) an d'Funktiounskäschte fir d'Schoulkolonien. Dorënner fénnt een dann z. B. d'Schwammmeeschter-innen, d'Botzpersonal, zum Deel d'Conciergen an déi, déi an der Loge schaffen an d'Personal, dat Entretiensarbechte mécht, wéi z. B. d'Elektriker-innen, d'Schlässer-innen, d'Usträicher-innen (émmer en Deel vun hirer Tâche).

Déi drëttgréisst Variatioun a Prozentsätz fénnt ee beim Kapitel 2 Protection sociale erëm, wou énnert anerem d'Subside fir den Office social ém 28,7% geklomme sinn, esouwéi d'Personalkäschte vun eise SEAen, déi ém 14,83% geklomme sinn.

Des Weidere sinn d'Lessenskäschte fir d'Maison Relais och extrem geklommen an do ass eng Steigerung vu 15,68% ze verzeechnen.

Ze vermierke bleift awer och d'Participatioun um CGDIS, déi am Kapitel 3 Ordre et sécurité publique mat dran ass. Laut Circulaire n°4188 ass dëse Posten am Verglach zum Compte 2021 ém 37,7% geklommen.

D'Kapitel 8 Loisirs, culture et culte geet ém 3,86% erof, wat op d'Participatioun um Kulturjoer Esch 2022 zeréckzefíieren ass, déi jo däitlech erofgeet (vun 1,25 Milliounen am Rectifié 2022 op 100.000 € am Budget 2023).


## Hei da verschidde Posten am Detail:

	Compte 2021	Initial 2022	Rectifié 2022	Initial 2023
2/890/706080/99001 Autres loisirs, culture et cultes – Participation financière pour "Esch 2022" (Capitale Européenne de la Culture)	240.000	360.000	310.000	0
3/890/648120/99002 Autres loisirs, culture et cultes – Participation financière pour "Esch 2022" (Capitale Européenne de la Culture)	286.795	1.875.000	1.250.000	100.000

## Participation pour Esch 2022

Dëse Slide resuméiert den uerdentlechen Deel vum Kulturjoer Esch 2022 fir eis Gemeng. Op där enger Säit verbuche mär eng Ausgab vu ronn 1,25 Milliounen am Rectifié 2022 an aneresäits eng Einnam vun 310.000 €. Am Budget 2023 bleift nëmmen nach eng Ausgab vun 100.000 € iwwereg.

Esch 2022 schléissee mär souadden och dat nächst Joer of.



## Participation aux frais à caractère général – CGDIS

Hei gesitt Där dann den Detail vun der Participationoun un den Onkäschte vum CGDIS.

D'Circulaire n°4188 gesäßt eng Steigerung vu 37,7 % vum Initial 2023 am Verglach zum Compte 2021 vir, wat fir eis an absoluten Zuelen eng Steigerung vu ronn 250.000 € bedeit.

Am Verglach zum Rectifié 2022 klémmt den Initial ém knapp 11 % op en Total vu ronn 927.000 €. Déi Steigerung ass laut der Inneministesch néideg, fir bis zum Joer 2025 ze garantéieren, dass de Rettungsdéngscht banne 15 Minutten op enger Asazplaz ass a fir dat ze garantéiere gi bis zu 300 nei Poste geschaf. De Staat iwwerhëlt 50 % vun den Ausgabe vum CGDIS an d'Gemengen droen déi aner Hallschent (Artikel 100 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988).

Op där anerer Säit fale sät 2020 an dem Verkaf vum Gebai un de CGDIS awer och uerdentlech Käschten ewech, wéi z. B. lafend Fonctionnementskäschte fir Material, Botzen, Reparatiounen an Ënnerhaltskäschte vum Gebai a Gefierer, mee och Personal-käschte fir d'Salariéé vum Service de secours.

Op deenen nächste 4 Slide gi mär méi genee op d'Gas- a Bensinnsposten, esouwéi d'Elektresch an Iessenskäschten am SEA an am CIPA an eisem Budget an.

Wéi Där all wësst, sinn Enn September 2022 d'Tripartite-Moosnamen énnerschriwwen ginn.

D'Präisser, fir Gebaier déi énnert dem Gasverbrauch vu 65 m<sup>3</sup>/h leien, sinn op 15 % Erhébung vum Duerchschnëttspräis vu September 2022 gedeckelt. Dës Moosnam gëllt ab dem 1. Oktober 2022 bis den 31. Dezember 2023. Doduerch fale verschidde Gebaier awer iwwert dës Limit, gi souzesoen net wéi Privatstéit behandelt an deementspriechend sinn d'Ausgaben integral vun der Gemeng ze droen.

Beim Elektresche ginn d'Präisser vun 2022 agefruer. Dës Moosnam betréfft awer némme Clienté a Stéit mat engem Verbrauch énnert 25.000 kWh pro Joer a gëllt ab dem 1. Januar 2023 bis den 31. Dezember 2023.

Fir de Mazout gëllt e Réckgang vu 15 cts/Liter vun November 2022 bis Dezember 2023.

Ressource d'énergie Gaz	Compte 2021	Initial 2022	Rectifié 2022	Initial 2023	I23 - R22	en %
Coordination administrative	21.659	34.000	40.000	75.000	35.000	88%
Coordination technique	22.432	59.500	59.500	59.500	0	0%
Maisons-relais / Foyers scolaires	29.760	49.640	52.640	61.300	8.660	16%
Jeunesse	2.826	5.610	5.610	7.000	1.390	25%
Précarité sociale	0	25.500	25.500	25.500	0	0%
Tourisme	0	4.250	4.250	5.000	750	18%
Autres logements et équipements collectifs	10.100	13.600	13.600	13.600	0	0%
Maisons de retraite et de soins – Gaz / réseau de chaleur urbain	78.470	144.500	144.500	245.000	100.500	70%
Terrains de sports	10.179	34.000	34.000	40.000	6.000	18%
Halls sportifs	129.001	221.000	312.000	528.000	216.000	69%
Centres culturels et Salles de fêtes	65.993	102.000	102.000	118.000	16.000	16%
Musées	7.354	10.200	13.200	17.000	3.800	29%
Enseignement fondamental	172.667	331.500	331.500	450.000	118.500	36%
<b>Total</b>	<b>550.444</b>	<b>1.035.300</b>	<b>1.138.300</b>	<b>1.644.900</b>	<b>506.600</b>	<b>45%</b>

Ressource d'énergie – Gaz

Dowéinst hu mär am Initial 2023 fir déi Posten, déi am Zesummenhang mam Gas stinn, deelweis eng däitlech Steigerung virgesinn. Aner Poste ware schonn an der Vergaangenheet erhéicht ginn. Am Total geet den Initial 2023 fir dës Posten ém ronn eng hallef Milliouen an d'Lucht am Verglach zum Rectifié 2022, wat an der Moyenne enger Steigerung vu 45 % entsprécht.

Als Info niewebäi: eis Servicer hunn am Ganze 85 Gemenge gebaier ènnert sech. D'Gebaier, déi iwwert d'Limit vum flux horaire vu 65 m<sup>3</sup> falen, sinn: d'Gemeng, de Scheierhaff an de Kannercampus.

Ressource d'énergie Carburant	Compte 2021	Initial 2022	Rectifié 2022	Initial 2023	I23 - R22	en %
Coordination technique	12.409	14.250	14.300	14.450	150	1%
Maisons-relais / Foyers scolaires	11.644	16.560	16.560	17.000	440	3%
Agriculture, sylviculture, viticulture – Carburants pour le tracteur (forestier)	2.729	5.000	5.000	5.000	0	0%
Gestion des eaux usées – Achats des carburants pour véhicules automoteurs	1.910	3.000	3.000	3.000	0	0%
Places publiques – Achats de carburants pour véhicules automoteurs	51.016	48.000	60.000	60.000	0	0%
Voirie vicinale	45.165	39.000	42.000	45.000	3.000	7%
Ateliers	9.734	11.750	13.500	13.500	0	0%
Hygiène publique	31.610	28.000	28.000	33.000	5.000	18%
Alimentation en eau – Achat de carburants pour véhicules automoteurs	6.495	8.000	8.000	8.000	0	0%
Maisons de retraite et de soins	1.811	3.250	3.250	3.500	250	8%
Fêtes publiques	219	1.500	1.500	1.500	0	0%
Autres loisirs, culture et cultes – Carburants pour camionnettes mises en location	250	500	500	500	0	0%
<b>Total</b>	<b>174.999</b>	<b>178.810</b>	<b>195.610</b>	<b>204.450</b>	<b>8.840</b>	<b>5%</b>

#### Ressource d'énergie – Carburant

Dee selwechten Zenario hu mär dann och fir de Bensinn, wou mär am Total eis Artikelen ém ronn 9.000 € eropgesat hunn, wat an der Moyenne engem Plus vu ronn 5% entsprécht.

Beim Elektreschen hu mär am Total eis Artikelen ém bal 300.000 € eropgesat, wat an der Moyenne engem Plus vu ronn 26% entsprécht. Et sief niewebäi bemierkt, dass mat de Vëloen abegraff, 22 % vun eisem Fuerpark Elektrogefierer sinn.

Als Info: D'Limit vu 25.000 kWh-Verbrauch pro Joer gëtt bei verschidde Gebaier iwerschratt wéi z. B.: d'Gemeng, de Service Technique, verschidden öffentlech

Beliichtungen, mee och verschidde Pompele vu Kläranlagen, de Futballsterrainen, der neier Sportshal zu Suessem, dem Kulturzentrum Suessem, dem ale Pompjeesbau zu Zolwer an de Schoulen, wéi de Kannercampus, Roude Wee, Scheierhaff.

Ressource d'énergie Électricité	Compte 2021	Initial 2022	Rectifié 2022	Initial 2023	I23 - R22	en %
Coordination administrative	34.542	40.000	40.000	53.000	13.000	33%
Coordination technique	27.457	38.000	38.000	50.000	12.000	32%
Troisième âge	135	900	900	900	0	0%
SEA / Foyers scolaires	36.198	83.000	87.000	97.500	10.500	12%
Jeunesse	1.580	2.000	3.000	3.000	0	0%
Précarité sociale	0	8.000	8.000	11.000	3.000	38%
Agriculture, sylviculture, viticulture – Électricité site "Kleintierzuchtanlage" + hall de stockage	4.047	11.000	11.000	11.000	0	0%
Tourisme	0	5.000	5.000	9.000	4.000	80%
Gestion des eaux usées – Frais d'électricité des infrastructures et réseaux	46.102	55.000	55.000	66.000	11.000	20%
Voirie vicinale – Frais d'électricité des infrastructures et réseaux	260.822	230.000	270.000	330.000	60.000	22%
Cimetières	8.491	12.000	12.000	16.000	4.000	33%
Hygiène publique	1.123	2.700	3.000	3.000	0	0%
Alimentation en eau – Frais d'électricité des infrastructures et réseaux	11.995	18.000	18.000	18.000	0	0%
Autres logements et équipements collectifs - Électricité	10.518	5.000	5.000	6.000	1.000	20%
Maisons de retraite et de soins	98.200	98.000	120.000	162.000	42.000	35%
Terrains de sports	32.682	37.000	50.000	65.000	15.000	30%
Halls sportifs	39.069	40.000	46.000	60.500	14.500	32%
Centres culturels et Salles de fêtes	31.576	60.000	60.000	68.000	8.000	13%
Musées	4.165	5.000	5.000	5.500	500	10%
Fêtes publiques – Frais d'électricité des manifestations communales	49	3.000	3.000	3.000	0	0%
Enseignement fondamental	252.243	300.000	300.000	396.000	96.000	32%
<b>Total</b>	<b>901.003</b>	<b>1.053.600</b>	<b>1.139.900</b>	<b>1.434.400</b>	<b>294.500</b>	<b>26%</b>

#### Ressource d'énergie – Électricité

	Initial 2022	Rectifié 2022	Initial 2023	I23 - R22	en %
SEA / Foyers scolaires – Coût des repas SEA	1.020.000	1.320.000	1.527.000	207.000	16%
Maisons de retraite et de soins – Alimentation	482.000	492.000	504.000	12.000	2%
<b>Total</b>	<b>1.502.000</b>	<b>1.812.000</b>	<b>2.031.000</b>	<b>219.000</b>	<b>12%</b>

#### Coût des repas

En anere Posten, deen och an d'Gewiicht fält, sinn d'Iessenskäschte fir eis SEAen an de CIPA. Där kënnt Iech bestëmmt erënneren, dass mär dëst Joer schonn eng Kéier 300.000 € fir de SEA nogestëmmt hunn, wat ronn 21% am Verglach vum Initial 2022 ausgemaach huet, well d'Iesswuere praktesch all méi deier gi sinn.

Hei ass elo fir 2023 nach eng Steigerung an absolutten Zuelen am Initial 2023 am Verglach zum Rectifié 2022 vu ronn 220.000 € ze verbuchen, wat enger Steigerung vun 12 % entsprécht.

	Initial 2022	Rectifié 2022	Initial 2023	I23 - R22	en %
Alimentation en eau – Achat d'eau auprès d'un syndicat de communes pour la revente	1.650.000	1.650.000	1.850.000	200.000	12%
<b>Total</b>	<b>1.650.000</b>	<b>1.650.000</b>	<b>1.850.000</b>	<b>200.000</b>	<b>12%</b>

#### Syndicats des Eaux du Sud (SES)

Där hutt et villäch matkritt, de SES huet freides, den 18. November, decidéiert de Waasserpräis vun 1,5 op 1,9 €/m<sup>3</sup>, also 27 %, ab dem 1. Januar 2023 ze erhéijen, dat well de SEBES matgedeelt huet, dass seng Ausgaben exorbitant klammen. De SES huet senge Membergemengen dat méindes, den 21. November, schriftlech matgedeelt.

Mär hunn dann elo mol séier nach eisen Akafspräis vum Waasser am Budget ugepasst, mee kënnen Iech zu dësem Zäitpunkt nach keng nei Gesamtiwwersiicht ginn, wat dat fir déi aner Akeefer, spréch d'Privatstéit, bedeut. D'Païen an d'Energiekäschte gi jo och bei eis erop, esou dass mär Iech kee Geheimnis verroden, wa mär soen, dass dëst sécherlech eng Inzidenz op de Käschtendeckungsprinzip huet.

Syndicat/ Établissement public	Compte 2021	Initial 2022	Rectifié 2022	Budget 2023 p.r. R22	Δ I23 p.r. R22
GECT	10.000	10.000	10.000	12.500	25,00%
MINETTKOMPOST	203.630	234.500	230.643	230.643	0,00%
ORT-SUD	20.358	20.758	20.758	20.820	0,30%
PRO-SUD	50.206	49.596	49.596	71.671	44,51%
SIACH	788.911	985.271	910.444	1.038.210	14,03%
SICEC	1.736	2.160	2.160	2.250	4,17%
SICONA	36.988	38.572	38.572	41.226	6,88%
SIGI	206.494	232.959	232.959	233.049	0,04%
SIGI	259.788	298.665	298.665	301.356	0,90%
SIGI	114.069	259.137	259.137	182.763	-29,47%
SIKOR	35.100	35.790	35.790	35.898	0,30%
SIVEC	835.785	887.787	887.787	819.076	-7,74%

SIVEC	–	–	–	130.000	100,00%
SIVEC	527.144	568.176	568.176	641.185	12,85%
SYVICOL	26.325	35.790	35.790	39.487	10,33%
TICE	1.851.690	1.854.530	1.854.530	2.191.003	18,14%
ZARE	118.000	118.000	152.000	282.000	85,53%
<b>Total</b>	<b>5.086.229</b>	<b>5.631.694</b>	<b>5.587.011</b>	<b>6.273.141</b>	<b>12,28%</b>

#### Syndicats – Dépenses ordinaires

Dëse Slide weist d'Evolutioun am uerdentleche Budget vun eise Syndikater. Déi gréisste Progressioun a Prozenter ass beim SIVEC ze fannen. Hei hu mär nämlech, op Ufro vum Syndikat, en neie Budgetsartikel fir d'Entretiensarbechte fir d'Kläranlag opgemaach, dëst fir 130.000 €.


E weidere Posten, deen an d'Ae stécht, ass den ZARE, mat engem Plus vu 86 %, wat enger Steigerung vu ronn 130.000 € entsprécht. Hei handelt et sech gréisstendeels ëm 2 zusätzlech Posten. 1 ETP fir eng Chargé-e fir d'Kreeslafwirtschaft (Karriär A1) an 0,5 ETP fir eng administrativ Aarbeitskraaft (Karriär B1).

D'Onkäschte fir de PRO-SUD klammen och, dëst well déi allgemeng Ausgabe geklomme sinn an da pro Awunner-in op d'Gemenge verdeelt ginn.

Dee gréisste Minus a Prozentsätz ass beim SIGI ze fannen, mat 29,47 %, wat ronn 76.400 € entsprécht. Dëse Poste betréfft Microsoft-Lizenzen an deementsprielend och d'TVA, déi ab dem 1.1.2023 mat nëmmen nach 16 % (amplaz 17 %) budgetiséiert a facturéiert gëtt.

Allgemeng sief ze bemierken, dass bei eise Syndikater déi uerdentlech Ausgaben och an d'Luucht ginn an dat mat 12,28 % am Ganzen, wat engem Total vu ronn 686.000 € entsprécht.

Komme mär elo zu den uerdentlechen Einnamen.



Recettes ordinaires 2022/2023

Hei fannt Där déi graff Entwécklung vun eisen uerdentlechen Einnamen aus dem Compte 2021, dem Budget initial vun 2022, dem Budget rectifié vun 2022 an der Previsioun fir 2023.

Am Rectifié 2022 sinn 8,12 % méi erakomm (am Ganzen 101,9 Milliounen) wéi am Initial 2022 geplant (94,24 Milliounen). Fir 2023 gesi määr 4,68 % méi uerdentlech Einname vir wéi am Rectifié 2022 an 13,17 % méi wéi am Initial 2022, dat heescht am Ganzen 106,66 Milliounen.

Synthèse par fonctions en Euro	2021 Compte NPC	2022 Initial NPC	2022 Rectifié NPC	2023 Initial NPC	I23 p.r. R22	I23 p.r. I22
1 Services généraux des administrations publiques	58.856.267	57.807.454	60.577.528	63.818.587	5,35% 10,40%	
2 Protection sociale	9.898.261	9.969.862	14.390.464	15.569.563	8,19% 56,17%	
3 Ordre et sécurité publique	—	—	—	—	0,00% 0,00%	
4 Affaires économiques	1.650.691	1.477.000	1.479.332	1.362.530	-7,90% -7,75%	
5 Protection de l'environnement	4.822.585	5.530.750	5.162.750	5.193.750	0,60% -6,09%	
6 Logements et équipements collectifs	3.914.396	3.901.980	4.322.232	4.671.035	8,07% 19,71%	
7 Santé	13.623.102	13.885.850	14.179.546	14.711.043	3,75% 5,94%	
8 Loisirs, culture et culte	491.722	594.390	528.641	254.940	-51,77% -57,11%	
9 Enseignement	990.561	1.075.114	1.093.142	1.075.614	-1,60% 0,05%	
Codes Techniques	145.136	—	156.590	—	-100,00% 0,00%	
<b>Total</b>	<b>94.392.720</b>	<b>94.242.400</b>	<b>101.890.225</b>	<b>106.657.061</b>	<b>4,68% 13,17%</b>	


#### Recettes ordinaires 2022/2023

Dëst ass d'Tabell mat den Einnamen, opgedeelt op déi grouss Kapitele vun der Nomenclature. Opfälleg sinn d'Posten am Kapitel 1 Services généraux des administrations publiques, Kapitel 2 Protection sociale a Kapitel 7 Santé, déi kloer dee gréisste Batz un uerdentlechen Einnamen ausmaachen.

An der Funktioun 1 steet d'Dotatioun vum Staat mat 60,2 Milliounen an den ICC mat 1,33 Milliounen, wat scho 94,27 % vum Total an der Funktioun 1 ausmaachen.

An der Funktioun 2 stinn d'Allocatioune vum Staat fir d'SEAen, déi eleng scho ronn 14 Milliounen oder 90,1 % ausmaachen.

Zulescht steet an der Funktioun 7 d'Assurance dépendance mat 8,9 Milliounen, wat 60,5 % vum Total an der Rubrik Santé ausméischt.



#### Recettes ordinaires 2022/2023

Op dëser Grafik gesitt Där d'Evolutioun vum Budget 2023 par Rapport zum Rectifié 2022 visuell duerch Baren duergestallt mat deene respektive Variatiounsprozentsätz. Bei der 3. Rubrik läit d'Zomm bei null, dowéinst fënnt een dëst Kapitel an dëser Grafik net erëm.


Vun de Prozentsätz hir sinn déi gréisste Variatioune beim Kapitel 8 Loisirs, culture et culte ze fannen. Dës uerdentlech Einname ginn am Budget 2023 am Verglach zum Rectifié 2022 ém 51,77 % erof, well määr fir d'Kulturjoer déi lescht Einnam vun 310.000 € am Rectifié 2022 erakréien.

Vum Betrag hir ass déi gréisste Ännierung bei der Rubrik 1 Services généraux des administrations publiques erëmzefannen, och wann dat némmen eng Variatioun vu 5,35 % ausméischt. Dorënner lafen nämlech d'Gewerbesteier an de FDGC, woubäi do wéi virdru gewisen, den FDGC ém 3,3 Millioune geklommen ass am Verglach zum Rectifié 2022.

Beim Kapitel 2 Protection sociale verbuche määr é. a. eng Steigerung vun 8,19 % beim SEA. D'Erklärungen dozou kritt Där bei den Äntworten op Är schräftlech Froen.

Beim Kapitel 6 Logements et équipements collectifs verzeechne määr eng Steigerung vun 8,07 %, dëst v. a. duerch de Verkaf u Waasser, deen duerch d'Upasse vun de Waasserpräisser (Deliberatioun vum Gemengerot vum 31. Mee 2022) an duerch d'Klamme vun der Awunnerzuel ze erklären ass.

Beim Kapitel 4 Affaires économiques verbuche määr e Réckgang vu 7,9 %, dëst well de Fonds de Logement am Rectifié 2022 réckwierkend e puer Joer beienee bezuelt huet (dat ware ronn 120.000 € fir d'Wunnengen am Quartier de l'Eglise zu Bieles aus de Joren 1990-2019).



### Budget ordinaire

Op déser Grafik gesäit een déi uerdentlech Einnamen, Ausgaben an den uerdentlechen Iwwerschoss aus dem Compte 2021, dem Initial 2022, dem Rectifié 2022 an dem Budget 2023.

Am Compte 2021 hate mär e Boni vu ronn 17 Milliounen am uerdentleche Budget iwwereg, fir d'Joer 2022 stoungen am Initial ronn 3 Millioune Boni, am Rectifié ronn 12,23 Milliounen an am Budget 2023 ass en Iwwerschoss am uerdentlechen Deel vu ronn 7 Millioune geplant. Definitiv Zuelen an en definitive Bilan können awer eréischt am Ament vum Compte genannt respektiv gezu ginn.

<b>734 – Maison de retraite</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
Administration – C3	12 mois	0,25	14.100 €
Administration – C3	12 mois	0,5	28.200 €
Gestionnaire Assur. Dép.	9 mois	0,5	32.200 €
<b>Total 734</b>		<b>1,25</b>	<b>74.500 €</b>
<b>890 – Centres culturels</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
A3/H3 – Artikuss	12 mois	1	77.500 €
<b>Total 890</b>		<b>1</b>	<b>77.500 €</b>
<b>910 – Enseignement</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
Accomp. Pedibus	10 mois	3	114.700 €
<b>Total 910</b>		<b>3</b>	<b>114.700 €</b>
<b>TOTAL</b>		<b>24,55</b>	<b>1.031.700 €</b>

Personnel – Nouveaux postes demandés pour 2023

Op dësem Slide gesäit een eis Neiastellungen, dat heescht déi Posten, déi budgetiséiert si fir 2023 agestallt ze ginn. Hei handelt et sech ëm verschidde Posten, déi schonns 2022 geschaf gi sinn, awer nach fräibliwwen sinn, an awer och ëm e Koup nei Posten. Där gesitt och hei fir wéi vill Méint se agesat gi sinn a wéi vill se eis 2023 deemno genee wäerte kaschten. Am Ganze schwätze mär vu 24,55 ETP (Equivalent temps plein), déi ronn 1,03 Millioune kaschte wäerten.

Déi meeschte Leit ginn an der Rubrik Maison Relais agestallt, dat sinn eleng 15,25 ETP, déi ronn 600.000 € ausmaachen. D'Crèche um Kannercampus gëtt opgestockt an d'Crèche Geessewee mécht viraussichtlech hir Diere fir d'Rentrée 2023 op. Do ass ze bemierken, dass mär fir déi Leschtgenannten eng Konventioun ofschléissen, wou mär d'Personalkäschten zu 100 % erëmkréien.

Am Altersheem kommen 1,25 ETP bai, fir 74.500 €, dëst virun allem fir e besseren administrative Suivi ze garantéieren. Do wäert och een Deel herno iwwert d'Assurance dépendance zeréckkommen.

De Posten am Service Informatique war schonn dëst Joer dran, mee aus verschiddenen Ursachen ass et nach net zu déser Neiastellung komm. Do schwätze mär vun 88.000 €.

Mär hunn och erëm wèles Léierjongan a -meedercher auszebilden, wat eis ronn 15.000 € kascht.

Am Service Technique gëtt duerch eng Pensioun, déi deemnächst usteet, ee Wiessel un der Spëtz virbereet. Eisen aktuellen Travailleur désigné gëtt ageschafft an ass dofir Adjoint genannt ginn. Hien huet säi Posten a seng Karriär matgeholl an dowéinst musse mär fir sain Ersatz eng nei Fra oder een neie Mann sichen. Fir dése Poste sinn 82.000 € fir 2023 agesat ginn.

<b>120 – Coord. administrative</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
B1 – Service informatique	10 mois	1	88.000 €
Apprentis année 23/24	4 mois	2	14.600 €
<b>Total 120</b>		<b>3</b>	<b>102.600 €</b>
<b>130 – Coord. technique</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
A2 – Rempl. SR-RESP/Trav. Désigné	9 mois	1	82.000 €
<b>Total 130</b>		<b>1</b>	<b>82.000 €</b>
<b>220 – Troisième âge</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
C6 Assistant social – Augm tâche	12 mois	0,05	6.800 €
<b>Total 220</b>		<b>0,05</b>	<b>6.800 €</b>
<b>242 – Maison Relais</b>	<b>Durée</b>	<b>ETP</b>	<b>Coûts</b>
4 Ed. dipl. Crèche KCB	12 mois	4	284.000 €
3 Ed. dipl. KCB groupe scolarisé	4 mois	3	70.500 €
6 Ed. dipl. Crèche Geessewee	4 mois	6	139.500 €
2x 0,5 ETP aide-éd. Crèche Geessewee	4 mois	1	16.600 €
1 Ed. gradué Crèche Geessewee	4 mois	1	39.300 €
SEA Administration	12 mois	0,25	23.700 €
<b>Total 242</b>		<b>15,25</b>	<b>573.600 €</b>

Bei der Rubrik 3. Alter kritt eis Mataarbechterin aus dem Service Senior+ hir Tâche gehéicht. Am Artikuss gëtt een·eng nei Techniker-in gesicht, well déi aktuell Ekipp mat hiren 2 Leit énnerbesat ass fir dee grousse Manifestatiounskalennner vun internen an externen Evenementer ze bewällegen.

An zu gudden Lescht komme max. 3 ETP fir ronn 115.000 € fir de Pedibus dobäi, wa mär op all nei envisagéiert Linn min. 4 Kanner zesumme kréien a genuch Accompagnateur·rice fannen. Am Ament deelen déi interesséiert Elteren eis mat, ob si hir Kanner definitiv aschreiven an ob si selwer gewëllt sinn, fir eng Grupp ze begleeden.

Wéi Där gesitt, hu mär d'Neiastellunge bewosst déif gehalen an némmen déi Posten accordéiert, déi wierklech onëmgänglech sinn. Mär können Iech versécheren, dass et méi Ufroen aus eise Servicer gi sinn, wéi déi, déi Där hei erëmfannt.

#### Calcul des coûts pour évolution des carrières du personnel

Budget rectifié 2022	Budget initial 2023		
Total rémunérations	55.338.752 €	Total rémunérations	62.413.700 €
<b>Déférence rectifié 22 – budget 23</b>	<b>7.074.947€</b>	<b>12,78%</b>	
Déférence coûts indice	3.069.100 €	5,55 %	
Déférence personnel engagé 2022	1.360.600 €	2,46 %	
Déférence nouveaux postes 2023	1.031.700 €	1,86 %	
Coûts approx. Avenant CCT-SUD	850.000 €	1,54 %	
<b>Évolution des carrières</b>	<b>763.547€</b>	<b>1,38%</b>	


Personnel existant / Évolution carrières

D'Paie louchen dëst Joer bei ronn 55,3 Milliounen a fir déi selwecht Poste leie se 2023 bei ronn 61,4 Milliounen, dat heeschfir déi bestoend Poste klamme se dat nächst Joer insgesamt èm ronn 6 Milliounen am Verglach zum Budget rectifié 2022.

Fir 2023 hu mär ganz virsiichteg och mat 3 Indextranchë gerechent, eng am Januar 2023, eng am Abrëll 2023 an eng am Oktober 2023.

Mat den Neiastellunge klammen eis Gesamtpersonalkäschte vu ronn 55,3 op ronn 62,4 Millioune fir 2023, wat eng Progressioun vu ronn 7,1 Milliounen ausméischt. Eleng den Index wäert 2023 ronn 3 Milliounen ausmaachen. Dat neit Personal, wat 2022 agestallt ginn ass, kascht 2023 ronn 1,36 Millioune weider an dat neit Personal, wat 2023 bääkennet, beleeft sech op ronn 1,03 Milliounen.


Da kënnt och nach den neie Südgemengkollektivvertrag dobäi, deen eis Gemeng 850.000 € kascht. D'Evolutioun vun de Karriäre mécht eng ronn 760.000 € aus.



Hei kënnt Där gesinn, dass 63% vun eisen uerdentlechen Ausgaben 2023 Personalkäschte sinn, ronn 62,4 Millioune vun eisen insgesamt 99,6 Milliounen.

Ech kann némmen dat widderhuelen, wat ech schonn déi Jore virdru gesot hunn: Am uerdentlechen Deel musse mär weiderhin déi Käschte ganz genee am A behalen. Mär wëllen awer mat Sécherheet och an Zukunft e gudde Service un eise Bierger-inne bääbehalen a wa méiglech ausbauen an déi Servicer, déi mär aktuell hunn, och a Gemengenhand behalen.

Mär wëllen och weiderhin eng Roll als soziale Patron spiller an déi Leit, déi keng Chance kréien, fir hire Wee um regulären Aarbeitsmaart eleng ze maachen, énnerstëtzen an hinnen eng Perspektiv bidden. Dat kann direkt op der Gemeng sinn, awer och indirekt duerch d'Énnerstëtzung vu Partnerschafte geschéien, wéi z. B. de CIGL oder Eis Epicerie, fir némmen déi ze nennen.



Personnel – Répartition 2023


Hei hu mär Iech illustréiert, wéi d'Personalkäschten téschent eise Servicer opgedeelt sinn. Dir wësst, an énnerstëtzt dat jo och, dass mär als Gemeng vill Wäert op eng gutt Kanner- a Seniorebetreuung leeën an dat losse mär eis och eppes kaschten.

D'Personal vun eisem SEA (Maison Relais) beleeft sech 2023 op ronn 20 Milliounen a mécht domat 32 % vun eise Gesamtpersonalkäschten aus.

D'Personal vum REWA (Résidence op der Waassertrap) kascht eis ronn 12,11 Milliounen, wat 19 % vun eise Personalkäschen ausmécht. Zesumme komme si op 51 % vun eise Gesamt-personalkäschten. De Rescht vum Personal, dat heescht 49 %, kaschten deemno ronn 30,36 Milliounen.

Wéi all Joer wollte mär Iech och déi genee Einnamen entgéint setzen, mee wéi all Joer kënne mär némme Follgendes soen: Beim SEA ass et esou, dass d'Gesamtfraisen esou vum Staat rembourséiert ginn, dass ee bei deem Betrag net méi genee erausfiltere kann, wat reng Personalkäschte waren. Grob geschat kann een awer soen, dass mär bis zu 75 % fir de SEA erëmkréien a bei de Crèchë Kannerbuerg a Geesewee esouge 100 %, well mär do eng Konventioun hunn.

Bei eisem CIPA REWA ass et esou, dass ronn 73 % vun de Personalkäschten duerch d'Assurance dépendance gedeckt ginn.



Hei gesitt Där nach eemol eis Personalkäschten an enger Grafik. Obwuel mär d'Neiastellungen déifgehaleen hunn, klémmt de Prozentsaz vu Personalkäschten ém ronn 1 % op 62,68 % vun den uerdentlechen Ausgaben. Dëst ass zum allergréissten Deel duerch déi 3 Indextranché bedéngt, déi, wéi Där jo scho konnt gesinn, eleng ronn 3 Milliounen ausmaachen. Määr bleiwen domat weiderhin an eiser üblecher Forschett téschent 62 a 64 % aus de leschte Joren.

Als Ofschloss komme mär dann zu eiser Scholdesituatioun. Määr hunn Iech d'Duerstellung vun eiser Scholdesituatioun erëm op 2 Sliden opgedeelt. Hei gesitt Där méi am Detail, wéini wat fir eisem Emprunt op wat fir eng Dauer geholl ginn ass a wéi d'Situatioun op den 31. Dezember vun désem Joer respektiv op den 31. Dezember vum nächste Joer ass.

Autorisation	Période	Montant	Tranches	Solde au 31.12.2022	Solde au 31.12.2023
16.04.2002	2003/23	10.000.000 €	2.000.000 €	112.232 €	–
16.04.2002	2003/23		1.000.000 €	56.064 €	–
16.04.2002	2004/24		1.000.000 €	110.843 €	55.295 €
16.04.2002	2004/24		1.000.000 €	110.903 €	55.325 €
16.04.2002	2010/30		3.000.000 €	1.073.153 €	917.773 €
16.04.2002	2010/30		2.000.000 €	711.116 €	608.154 €
17.01.2011	2012/32	6.000.000 €	1.000.000 €	426.134 €	375.633 €
17.01.2011	2011/31		1.000.000 €	428.514 €	380.902 €
17.01.2011	2012/32		2.000.000 €	881.392 €	783.460 €
17.01.2011	2012/32		2.000.000 €	898.759 €	798.898 €
21.08.2013	2013/34	5.500.000 €	2.500.000 €	1.382.386 €	1.254.716 €
21.08.2013	2013/34		3.000.000 €	1.658.756 €	1.505.540 €
26.07.2017	2018/38	7.000.000 €	1.000 €	752 €	703 €
26.07.2017	2018/38		6.999.000 €	5.844.317 €	5.458.806 €
12.09.2018	2018/38	14.630.415 €	14.630.415 €	12.034.116 €	11.360.360 €
16.11.2022	2022/42	16.000.000 €	16.000.000 €	15.856.211 €	15.270.096 €
				41.585.656 €	38.825.666 €

#### Situation des emprunts

Et sief ze bemierken, dass 2 Tranché vun engem Emprunt aus dem Joer 2002 Enn nächst Joer färdig ofbezuelt sinn. Där gesitt och, dass mär op den 31. Dezember 2022 eng Gesamtschold vu ronn 41,59 Milliounen hunn, déi bis Enn 2023 op 38,83 Millioune wäert falen. Dëst well mär fir de Budget 2023 kee weideren Emprunt wäerten ophuelen an domat eis Gesamtschold wäert eroegoen.

Wéi Där all wésst, hu mär elo viru Kuerzem den Emprunt vu 16 Milliounen, dee mär an der Gemengerotssëtzung vum 16. September 2022 gestëmmt haten, wéi virausgesot an enger eenzeger Tranche gezunn, well d'Zënsé mat grousser Warscheinlechkeet nach weider klammme wäerten.

Wann een nämlech den Emprunt an 2 Tranché gezunn hätt, dann hätt een zwee verschidden Taux fixe kritt, all Kéier deen zum Zäitpunkt vun der Liquidatioun, also praktesch wéi bei zwee separaten Emprunten.

Määr können Iech an der Tëschenzäit och verroden, dass den Taux vun eisem Emprunt bei 3,08 % läit, wat énnert eise Previsione louch an dowéinst hu mär och do eis Ausgabenartikele können no énne revidéieren. Am Géigesaz zu anere Gemengen, déi hiren Emprunt eréisch 2023 zéien, war dëst an eisen Aen ee gedde Schachzuch.

Merci all de Parteien heibannen, dass si mat op dee Wee gaange sinn. Ech ginn herno nach drop an, wou déi Sue konkret agesat wäerte ginn.

*	Situation au	Solde	Habitants	Par tête d'habitant	Recettes ordinaires	Annuités	dont capital	dont intérêts	% des RO	
C	31/12/2020	16.952.980	17.850	950	84.932.374	1.747.980	1.734.815	13.165	2,06%	sans CDI
C	31/12/2020	30.303.802	17.850	1.698	85.776.487	2.592.094	2.378.967	213.127	3,02%	avec CDI
C	31/12/2021	15.214.501	17.949	848	93.548.606	1.740.658	1.719.171	21.487	1,86%	sans CDI
C	31/12/2021	27.911.228	17.949	1.555	94.392.720	2.584.771	2.373.266	211.506	2,74%	avec CDI
R	31/12/2022	29.551.540	18.300	1.615	101.046.111	1.795.380	1.665.105	130.276	1,78%	sans CDI
R	31/12/2022	41.585.656	18.300	2.272	101.890.225	2.639.494	2.327.715	311.779	2,59%	avec CDI
I	31/12/2023	27.465.306	18.300	1.501	105.774.510	2.629.770	2.086.234	543.536	2,49%	sans CDI
I	31/12/2023	38.825.666	18.300	2.122	106.657.061	3.473.883	2.759.990	713.894	3,26%	avec CDI
I	31/12/2023	27.465.306	18.600	1.477	105.774.510	2.629.770	2.086.234	543.536	2,49%	sans CDI
I	31/12/2023	38.825.666	18.600	2.087	106.657.061	3.473.883	2.759.990	713.894	3,26%	avec CDI

### Situation des emprunts

Dësen Tableau soll Iech viru allem eis Gesamtschold, d'Prokappverscholdung an de Prozentsaz vun eisen Annuitéiten am Verglach zu den uerdentlechen Einname weisen. An dësen Zuelen däerfe mär net vergiessen, dass den Emprunt vum CDI (Centre pour le développement intellectuel) vu ronn 14,6 Milliounen, déi mär dem Staat souzesoe virstrecken, dra sinn. Déi Sue kréie mär jo integral erëm.

Komme mär elo zur Prokappverscholdung: déi läit bei eisen aktuellen 18.300 Awunner-innen op den 31. Dezember 2022 bei 1.615 € ouni de CDI a bei 2.272 € mam CDI. Op den 31. Dezember 2023 fält eis Schold mat eiser aktueller Awunnerzuel dann op 1.501 € ouni de CDI an op 2.122 € mam CDI.

Där gesitt d'Simulatioun och mat enger Previsioun vun 18.600 Awunner-innen zum Schluss vum Tableau. Op den 31. Dezember 2023 géif eis Schold deen Ament bei 1.477 € ouni de CDI a bei 2.087 € mam CDI leien.

Fir ze gesinn, ob eng Gemengeschold nach vertriebar ass, muss ee kucken, wéi vill d'Annuitéite par Rapport zu den uerdentlechen Einnamen ausmaachen. Dëse Prozentsaz soll enner 10% leien an däerf net méi wéi 20% sinn.

An eisem Fall leie mär mat enger Previsioun vun der Awunnerzuel vun 18.600 op den 31. Dezember 2023 bei 2,49% ouni de CDI a bei 3,26% mam CDI, eng ganz gesond Situatioun also.

Mam Emprunt vu 16 Millioune wölle mär konkret follgend ausseruerdentlech Projete finanzéieren:

- De Belval Nord, dee ronn 15,35 Millioune kascht (R22: 5,5 Mio; B23: 7,5 Mio; 2024: 2,35 Mio)
- D'Erneierung vun der Brillstrooss zu Bieles, déi ronn 1,36 Millioune kascht (R22: 55.000 €; B23: 55.000 €; 2024: 395.000 €; 2025: 850.000 €)

Et war eis wichtig am Budgetsjoer 2023 net nach een neien Emprunt müssen anzesetzen, well mär verantwortungsbewosst an och mat der néideger Virsicht fir d'Zukunft plange wëllen.

Wéi et an der Budgetscirculaire steet, gëllt et nämlech weiderhi virsichteg ze bleiwen. Mär lieuen an enger onsécherer an ongewësser Zäit, wou villes mat Virsicht ze genéissen ass. Villes gëtt ee gudde Krack méi deier, wat Auswierkungen esouwuel op eisen uerdentlechen, ewéi och op eisen ausseruerdentleche Budget huet. Mär mengen awer behaapten ze können ee Budget ouni Extravaganze können ze presentéieren, deen d'Staang riicht hält. Mär hu Fouss beim Mol gehalen, ouni laangfristeg Planungen aus den Aen ze verléieren.

Ech wöll zum Schluss nach op eng Bemerkung vun deene Gréngé vum leschte Joer agoen, déi den uerdentlechen Iwwerschoss pro Kapp gerechent haten an do op 166 € pro Awunner-in komm sinn. An dëser Rechnung ass also den Iwwerschoss vum leschte Joer vun 3.054.366 € duerch déi viraussiichtlech Awunnerzuel vun 18.400 op den 31. Dezember 2022 gedeelt ginn.

Mat enger Awunnerzuel vun 18.273, Stand vum 21. November 2022, läit de Ratio aktuell bei  $(7.085.021 / 18.273) = 388 €$ . Och mat enger viraussiichtlecher Awunnerzuel vun 18.600 zum 31. Dezember 2023 läit de Ratio nach bei  $(7.085.021 / 18.600) = 381 €$ , also méi wéi duebel sou héich wéi dat lescht Joer.

Bleift mär némmen nach eng Kéier jiddwerengem Merci ze soen, an der Hoffnung, dass d'Oppositioun eis Analys a Virgoensweis och deelt.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Nathalie Morgenthaler**

Schäffin

.....

## BÜRGERMEISTERIN SIMONE ASSELBORN-BINTZ (LSAP)

Komme mär dann elo bei d'dépenses extraordinaires.

Synthèse par fonctions en Euro	2021 Compte NPC	2022 Budget Initial NPC	2022 Budget Rectifié NPC	2023 Budget Initial NPC	I23 p.r. au R22	I23 p.r. au I22
1. Services généraux des administrations publiques	2.039.048	1.882.000	2.518.024	775.000	-69,22%	-58,82%
2. Protection sociale	141.347	5.192.575	4.444.016	8.666.214	95,01%	66,90%
3. Ordre et sécurité publique	-	-	-	-	0,00%	0,00%
4. Affaires économiques	1.468.718	2.366.750	3.763.267	1.374.808	-63,47%	-41,91%
5. Protection de l'environnement	4.116.332	8.955.211	7.456.722	7.265.834	-2,56%	-18,86%
6. Logements et équipements collectifs	7.510.414	27.917.639	27.038.506	22.449.533	-16,97%	-19,59%
7. Santé	330.468	211.000	236.159	80.000	-66,12%	-62,09%
8. Loisirs, culture et culte	1.144.810	1.231.000	1.616.616	2.241.000	38,62%	82,05%
9. Enseignement	6.618.356	2.250.000	2.984.537	157.000	-94,74%	-93,02%
<b>Total Dépenses extraordinaires</b>	<b>23.369.492</b>	<b>50.006.175</b>	<b>50.057.847</b>	<b>43.009.388</b>	<b>-14,08%</b>	<b>-13,99%</b>

### Budget 2023 – Dépenses extraordinaires

Där gesitt op dësem Slide déi extraordinär Depensen opgelëschte, je no Funktioun, wéi se am Budget stinn. Ech ginn Iech elo gläich e puer Detailer zu den eenzelnen Ënnerscheeder.

Hei gesäßt een, dass mär am Initial geplantg hunn, fir am Ganzen 43.009.388 € auszeginn. Dat si 14,08% manner wéi am Rectifié 2022 an 13,99% manner wéi am Initial 2022.

Där gesitt also, dass mär och hei am Extraordinäre spueren a keng extravagant Projete plangen.

Hei e puer Erklärungen zu deene méi groussen Ënnerscheeder:

#### Chapitre 1: Services généraux des administrations publiques (-69,22 %)

Oftgeschlossene Projet:

- Travaux de transformation dans le sous-sol de la maison communale (couloir A) dans le cadre de la création de bureaux supplémentaires R22: 1.374.486,64 €; B23: 0,00 €


#### Chapitre 2: Protection sociale (+95,01 %)

- Implantation d'une maison relais à proximité de l'École 2000 à Soleuvre R22: 2.500.000 €; B23: 6.000.000 €
- Construction d'un complexe pour enfants à Sanem R22: 86.378,47 €; B23: 500.000 €
- Aménagement d'une maison relais à Ehlerange R22: 50.000 €; B23: 300.000 €
- Transformation du local de l'épicerie solidaire à Soleuvre R22: 0,00 €; B23: 625.000 €
- Rénovation de la maison 19, rue d'Ehlerange à Soleuvre R22: 0,00 €; B23: 400.000 €

#### Chapitre 4: Affaires économiques (-63,47 %)

Oftgeschlosse Projeten:

- Construction d'un pavillon dans le parc Um Belval pour « Esch 2022 » R22: 1.247.662,39 €; B23: 0,00 €
- Aménagement d'un gîte MAB à côté de l'arrêt ferroviaire Belval-Rédange à Belvaux R22: 845.331,93 €; B23: 0,00 €



Dépenses extraordinaires Δ I23 p.r. R22

- Rénovation du hall « Spullkëscht » (ancienne propriété d'Arcelor) à côté de l'arrêt ferroviaire Belval-Rédange à Belvaux R22: 700.000 €; B23: 0,00 €

### Chapitre 7: Santé (-66,12 %) (CIPA)

Ofgeschlosse Projeten:

- Acquisition et installation de nouveaux lambrequins R22: 65.000 €; B23: 0,00 €
- Renouvellement de matelas R22: 30.000 €; B23: 0,00 €
- Remplacement des meubles du restaurant R22: 65.360,88 €; B23: 0,00 €


### Chapitre 8: Loisirs, culture et culte (+38,62 %)

- Remise en état d'une tribune et renouvellement du gazon synthétique du terrain de football à Sanem R22: 0,00 €; B23: 820.000 €
- Aménagement d'un nouveau terrain synthétique de football à Ehlerange R22: 0,00 €; B23: 600.000 €

### Chapitre 9: Enseignement (-94,74 %)


- Construction d'un complexe scolaire avec maison relais et hall sportif à Belval Sud R22: 1.550.149,56 €; B23: 0,00 €
- Construction d'un bâtiment pour le Centre de Développement Intellectuel à Belval Sud R22: 637.864,70 €; B23: 0,00 €
- Acquisition de mobilier et d'équipement dans le cadre du complexe scolaire avec hall sportif à Belval Sud R22: 300.000 €; B23: 0,00 €

Ech wollt Iech en zousätzleche Slide weisen, wat mär 2023 fir de Logement am Budget stoen hunn.




- Maison relais Ehlerange (locaux)
- Frais d'études- Projet Taupeschwiss à Sanem
- Logements à prix réduit (abordable) – Metzerhëischt 3 appartements
- Logements à prix réduit (abordable) – Achat de terrains
- Immeubles bâti et non bâti non affectés – Achat de terrains
- Immeubles bâti et non bâti non affectés – Achat d'immeubles
- Belval Nord- Geiben (acquisition)

Budget initial 2023 – Dépenses Extraordinaires – Logements



Budget initial 2023 – Rénovation/Aménagement

Och fir Renovatiounen sinn am nächste Joer relativ vill Sue virgesinn. Hei bei de Renovatiounen stinn och d'Crèche Geesewee oder de SEA Walerwiss, d'Maison des jeunes, wat u sech net am Sënn vu Renovatiounen ass, mee eischter Amenagementer vun bannen, d. h. den Ekipement souzesoen. Beim Belval-Nord sinn et och Amenagementskäschten an do stinn och nach Suen am PPF dran.



Budget initial 2023 – Dépenses extraordinaires gréisste Stroossen 2023

Op déser Säit gesitt Dir d'Oplëschung vun de Stroossen, déi mär viraussichtlech 2023 an Ugrëff huelen.

<b>Budget initial 2023</b>		
Précarité sociale – Subvention compensatoire pour taxes communales et pour frais hivernaux	800.000,00	
Précarité sociale – Subside à l'Office social	699.300,00	
Subsides aux associations – Veräinssubsiden	219.900,00	
Jeunesse – Subsides aux élèves et étudiants	180.000,00	
Coordination administrative – Subventions d'intérêts au personnel communal	125.000,00	
Logements au prix du marché – Aide au logement	50.000,00	
Protection de la nature – Participation communale à l'acquisition d'un vélo ou d'un pedelec25	40.000,00	
Klimaschutz 2030	28.720,00	
Enseignement fondamental – Fête de Saint Nicolas – frais divers	22.500,00	
Coopération au développement et aide humanitaire internationale – Subside ONG	19.000,00	
Protection de la nature – Subvention pour appareils ménagers à faible consommation en énergie – Klimabündnis	12.000,00	
Aide humanitaire nationale – Subsides ordinaires	8.800,00	
Aide humanitaire nationale – Subsides ordinaires – Autres sous-traitance générale – Déierschutzliga	8.000,00	
Maisons de retraite et de soins – Don en faveur de diverses associations	2.000,00	
<b>Total</b>	<b>2.215.220,00</b>	

Subsiden déi d'Gemeng ausbezillt.

Mär wollten Iech och emol all eis Subsiden, déi mär un eis Awunnerinnen ausbezuelen, emol oplëschten.

Dee gréisste Posten ass hei d'Ausbezuele vun der Allocation de vie chère, mat 800.000 €, wou mär als Gemeng Suessel 70 % vum Subside vum FNS nach derbäi ginn. Mär sinn domat déi Gemeng, déi am meeschten ausbezillt an dat fanne mär och richteg, fir déi Vulnerabelst aus eiser Gesellschaft ze ännerstëtzen, an dëst besonnesch elo an dëse schwieregen Zäiten.

Ganz zum Schluss dann nach den Top 25 vun de gréissten extraordinären Depensë fir 2023 op déi ech jo och schonns an eiser Presentatioun an der Finanzkommissiou agaange sinn.

<b>Budget 2023</b>		
1 4/690/221311/20055 Autres logements et équipements collectifs – Acquisition de locaux pour l'aménagement de nouveaux bureaux pour la maison sociale, l'équipe de proximité et d'une salle multifonctionnelle à Belvaux	7.500.000,00	
2 4/242/221311/16043 SEA / Foyers scolaires – Implantation d'une maison relais à proximité de l'École 2000 à Soleuvre	6.000.000,00	
3 4/520/238120/99001 Gestion des eaux usées – Station d'épuration de Pétange / Rodange SIACH	1.657.114,00	
4 4/520/222100/14001 Gestion des eaux usées – Renouvellement de la canalisation des eaux mixtes dans la rue Aessen et la rue de Sanem en vue de l'augmentation des potentialités d'évacuation	1.600.000,00	

5 4/612/221100/99001 Logements à prix réduit (abordable) – Achat de terrains	1.500.000,00
6 4/650/221311/99001 Immeubles bâties et non bâties non affectés – Achat d'immeubles	1.500.000,00
7 4/520/222100/17056 Gestion des eaux usées – Amélioration hydrologique et hydraulique sur la Helgebaach et la Rouerbaach à Sanem	1.500.000,00
8 4/650/221100/99001 Immeubles bâties et non bâties non affectés – Achat de terrains	1.250.000,00
9 4/630/222100/20060 Alimentation en eau – Participation au déplacement de la conduite SES DN700 dans le CR 110 (rue d'Esch à Sanem) et la RN32 (desserte interurbaine CPU à Sanem)	847.700,00
10 4/624/221313/13005 Voirie vicinale – Aménagement de la rue Grande-Duchesse Charlotte à Belvaux	820.000,00
11 4/821/221200/23025 Terrains de sports – Remise en état d'une tribune et renouvellement du gazon synthétique du terrain de football à Sanem *	820.000,00
12 4/624/221313/07002 Voirie vicinale – Réaménagement de la rue de Differdange à Soleuvre	650.000,00
13 4/630/222100/18043 Alimentation en eau – Aménagement d'une conduite d'eau dans la rue de Belvaux à Soleuvre et dans la rue de Soleuvre à Belvaux	637.600,00
14 4/260/221311/23045 Précarité sociale – Transformation du local de l'épicerie solidaire à Soleuvre *	625.000,00
15 4/821/221200/23026 Terrains de sports – Aménagement d'un nouveau terrain synthétique de football à Ehlerange *	600.000,00
16 4/520/222100/22006 Gestion des eaux usées – Réaménagement de la canalisation le long de la conduite SES DN700 à Sanem	550.000,00
17 4/630/222100/21055 Alimentation en eau – Mise en conformité du réservoir Dennebësch à Soleuvre	500.000,00
18 4/242/221311/18013 SEA / Foyers scolaires – Construction d'un complexe pour enfants à Sanem	500.000,00
19 4/612/221312/20057 Logements à prix réduit (abordable) – Acquisition de trois appartements dans le lotissement Metzerhéicht à Belvaux	450.000,00
20 4/624/221313/20005 Voirie vicinale – Travaux de limitation de vitesse à 30 km/h sur le CR168 – rue de la Poste à Belvaux près de l'école	450.000,00
21 4/242/221311/20051 SEA / Foyers scolaires – Acquisition de locaux pour l'aménagement d'une maison relais à Ehlerange	440.944,00
22 4/630/222100/99002 Alimentation en eau – Travaux d'investissement de génie civil pour l'entretien du réseau d'eau potable	400.000,00
23 4/624/221313/13007 Voirie vicinale – Cité Grand-Duc Jean à Belvaux	400.000,00
24 4/260/221312/23018 Précarité sociale – Rénovation de la maison 19, rue d'Ehlerange à Soleuvre *	400.000,00
25 4/822/221311/22038 Halls sportifs – Réfection du revêtement bois du Sportikuss à Soleuvre *	375.000,00

#### Budget 2023: TOP 25- Dépenses extraordinaires

Zum Schluss wëll ech nach kuerz op Projeten am Tourismus an an der Kultur agoen. Am Budget si fir 2023 nach Ausgabe vu 65.000 € dra fir d'Ariichtung vum Pavillon vun der Source Bel-Val, deen am Fréijoer fonctionnieren soll. Mär sinn do a Gespréicher mat eenzelen Interessenten. Ausserdeem ass de Sentier historique, vun deem mär och schonns eng Zäitche schwätzen nach mat 300.000 € virgesinn. Do ware Problemer mat der Ëmweltverwaltung, well mär verschidde

Konschtprojeten um Wee net konnte realiséieren, wéinst dem eventuelle Kaméidi, deen d'Déieren do gestéiert hätt. Et sinn awer lo Aarbechte virgesi fir dése Wee ze realiséieren, och ganz interaktiv a kulturell a virun allem fir eise Patrimoine industriel mam fréiere Concasseur ze erhalten.

E weidere Punkt ass déi fréier Metzerlacher Kierch, wou mär dést Joer net virukomm sinn. Wéi Dir wésst, ass si geschützt ginn a mär mussen elo alles, wat mär bannendran oder un der Fassad wëllen änneren mam INPA (fréier Sites et monuments) ofschwätzen an accordéiert kréien. Mär hu fir 2023 100.000 € an de Budget geschriwwen a mär wäerten do déi néideg Aarbechte virhuelen, fir dass mär kënnen e Public an dem Raum empfänken. Do si jo verschidde Contrainté säit et a Gemengenhand ass, mee dat kréie mär geléist, et dauert leider just méi laang, wéi ech mär et erhofft hunn.

Voilà, dat wär et da vu menger Sait gewiescht fir den extraordinären Deel. Ech wéll nach emol profitéieren fir jiddwerengem Merci ze soen, dee gehollef huet dése Budget opzestellen, virop dem Nathalie Cencetti an dem ganze Finanzservice an och eisem Ekonomist Mathias Jänisch.

All eise Servicer an der Gemeng, dass si eis hëllefen, eis Gemeng esou attraktiv ze halen an och èmmer erém alles méiglech maachen, fir dést ze erreichen. Jiddwerengem Merci fir seng Aarbecht zum Wuel vun den Awunner-inne vun der Gemeng Suessem.

Zesummen investéiere mär an eis an an är Zukunft, fir eise Kanner an Enkelkanner déi Liewensqualitéit ze erméiglechen, déi mär an der Gemeng Suessem gewinnt sinn.

Merci fir d'Nolauschteren.

#### **Simone Asselborn-Bintz**

Buergermeeschtesch

Im Anschluss an diese Präsentationen hatte déi Lénk noch eine ganze Reihe an Fragen an den Schöffenrat. Diese drehten sich u. a. um die kommunale Gewerbesteuer, den Jahresabschlussbericht der SUDenergie oder die Konvention mit den Publilux-Werbeflächen. Des Weiteren wollten Patrizia Arendt und Jos Piscitelli (beide déi Lénk) gerne wissen, wieso verschiedene Mieteinnahmen im neuen Haushalt rückläufig sind, wie sich die Gebühren für Foodtrucks zusammensetzen und ob es möglich sei, genauere Abfall- und Abwasserstatistiken zu bekommen.

Simone Asselborn-Bintz (LSAP) entgegnete, dass die aktuelle Software leider keine genaueren Auskünfte in diesem Zusammenhang gestattet. Was das Foodtruck-Reglement angeht, so

habe man die Preise an die der Nachbargemeinden angepasst. In puncto Mieteinnahmen erklärte die Bürgermeisterin, dass die Ursachen hierfür vielschichtig seien. Das leerstehende Post-Gebäude, sowie die Preisankopplung (nach unten) einiger Gemeindewohnungen zugunsten von Menschen mit spezifischen Bedürfnissen seien nur einige Erklärungen in diesem Kontext. Asselborn-Bintz (LSAP) bestätigte zuletzt, dass die Vereinbarung mit Publilux effektiv aus dem Jahre 1969 datiert und gelobte die SUDenergie-Zahlen vorzulegen, sobald sie denn veröffentlicht sind.

Eine Frage der déi Gréng drehte sich anschließend um die staatlichen SEA-Zuschüsse und wieso diese im neuen Budget gleich um 3,7 Mio. € nach oben schließen. Simone Asselborn-Bintz (LSAP) erklärte, dass man in den vergangenen Jahren lediglich 80 % der erwarteten Einnahmen im Budget initial eingeplant habe. Die restlichen 20 % seien dann stets im rektifizierten Haushalt angepasst worden. Für 2023 habe man jedoch davon abgesehen und gleich zu Beginn die ganzen provisorischen Zuschüsse einkalkuliert. Da man zudem von einer stärkeren Nachfrage dieser Strukturen ausgeht – auch in Folge der nun kostenlosen Betreuung – sei diese erheblich höhere Summe durchaus realistisch.

Sowohl die Stellungnahmen der einzelnen Fraktionen zum Budget als auch die Abstimmung erfolgten in der Sitzung am 2. Dezember 2022.

#### **INSTANDSETZUNG DES TIPPEWEE UND NEUE PERGOLA IN ZOLWER**

Beim ersten Kostenvoranschlag der Sitzung handelte es sich um eine Instandsetzung des Tippewee zwischen Beles und Ehleringen. Für 75.000 € wird dieser anfangs 2023 ausgebessert. Simone Asselborn-Bintz (LSAP) erläuterte, dass man sich darüber im Klaren sei, dass diese Straße immer wieder Kopfzerbrechen bereitet. Eine komplette Instandsetzung – mitsamt Erneuerung des Unterbaus und des Kanalnetzes – sei jedoch aktuell finanziell nicht möglich. Alain Cornély (déi Gréng) erkundigte sich in diesem Zusammenhang, ob auch der Fahrradweg an dieser Stelle ausgebessert werde. Gaston Kaiser (Service Technique) gab zu Protokoll, dass dies noch im Dezember 2022 auf der Agenda der Gemeindedienste steht.

25.000 € bewilligte der Gemeinderat nachfolgend für Anschlussarbeiten in der Rue de Hussigny in Beles. Durch diese werde der Wasserdruck bei den Häusern Nr. 35A bis 41 erhöht, so die Bürgermeisterin. Eine neue Pergola (6 m x 6 m) in unmittelbarer Nähe der Bücherschränke im Kräutergarten hinter der Eis Epicerie in Zolver wurde für 18.000 € gutgeheißen. Einstimmigkeit herrschte im Anschluss auch beim Votum über knapp 6.000 € für neues informatisches Material zugunsten des CIPA REWA.

Nachdem sich der Gemeinderat ein weiteres Mal einstimmig gegen die Parzellierung eines Grundstückes in Sanem, sowie gegen das dazugehörige Bauprojekt ausgesprochen hatte, gab es grünes Licht für eine Vereinbarung mit der Post Luxembourg. Diese sieht neue Schließfächer in der Rue de l'Usine gegenüber der Schule Beles-Post (neben dem Schreibwarengeschäft) vor.

## OFFICE SOCIAL: HAUSHALT 2023 UND ERNEUERUNG DES VERWALTUNGSRATES

Gegen Ende der Sitzung erhielt Jean-Pierre Schlessler (LSAP) das Wort, um dem Plenum den rektifizierten Haushalt 2022, sowie das Budget 2023 des Office social vorzustellen. So stehen für 2023 3.058.050 € an Einnahmen 3.051.750 € an Ausgaben gegenüber. Angesichts der steigenden Lebenshaltungskosten sei man darauf vorbereitet, dass die Anfragen an das Office social in nächster Zukunft nicht weniger werden. Schlessler (LSAP) fuhr fort, dass die kontinuierliche Weiterbildung des Personals sowie die möglichst unkomplizierten Anpassungen an aktuelle Gesetzgebungen weiterhin im Mittelpunkt stehen werden. Positiv hervorzuheben und motivierend, so der Präsident des Office social abschließend, sei auch ein längeres Gespräch mit der Œuvre gewesen, das in diesem Jahr erstmalig stattgefunden hat.

Nachfolgend stand die Nominierung fünf neuer Mitglieder des Verwaltungsrates des Office social auf der Tagesordnung. Mit Dagmar Reuter-Angelsberg, Patricia Speck-Braun, Denis Bronzetti, Ronny Koster und Jean-Pierre Schlessler wurden gleich fünf Kandidaten in ihrem Amt bestätigt. Allgemeine Zustimmung fand daraufhin auch der Beitritt der Gemeinde Rümelingen in das Groupement Européen de Coopération Territoriale Alzette Belval (GECT).

In der offenen Fragerunde erkundigten sich Chantal Faber-Huberty und Alain Cornély (beide déi Gréng) nach einem avis détaillé im Zusammenhang mit dem CGDIS, sowie über die SUDCAL und das Heizen auf dem Belval. Simone Asselborn-Bintz (LSAP) versicherte, dass man beiden Fragen nachgehen und den Räten so schnell wie möglich eine Antwort liefern werde.



Audiodatei der Gemeinderatssitzung  
[WWW.SUESSEM.LU/LB/SEANCE-YEAR/2022](http://WWW.SUESSEM.LU/LB/SEANCE-YEAR/2022)



## Procès-verbal des votes du Conseil communal de Sanem lors de la séance publique

vendredi, 02 décembre 2022

date de l'annonce publique

**25 novembre 2022**

date de la convocation des conseillers

**25 novembre 2022**

début: **16h30**

fin: **19h00**

### PRÉSENTS:

Mme Asselborn-Bintz Simone, présidente,  
M. Anen Gaston, Mme Arendt Patrizia, M. Bronzetti Denis,  
M. Cornély Alain, M. Dahm Yves, Mme Faber-Huberty Chantal,  
M. Gierenz Steve, M. Goelhausen Marco, M. Haas Marc,  
Mme Logelin Anne, M. Lorang Mike, Mme Morgenthaler Nathalie,  
M. Piscitelli José, Mme Romeo Franca, M. Schlesser Jean-Pierre,  
Mme Speck-Braun Patricia  
Mme Manon Greven, secrétaire communale

ABSENT (S) EXCUSÉ (S): /

PREMIER VOTANT: M. Dahm Yves

### — ORDRE DU JOUR

1. Correspondance et informations.

### — PROJETS

2. Aménagement d'une terrasse en bois au Matgesfeld.  
Devis estimatif détaillé: 55.000,- € (article budgétaire:  
4/542/2213II/21065).

» Vote unanime

3. Enlèvement des panneaux solaires sur le parking de la commune. Devis estimatif détaillé: 13.000,- € (article budgétaire: 4/542/222100/99001).

» Vote unanime

### — AMÉNAGEMENT COMMUNAL

4. Approbation du Programme d'action local logement (PAL) dans le cadre du Pacte Logement 2.0.

» Votes positifs: 15 – Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Cornély Alain, Dahm Yves, Faber-Huberty Chantal, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc,

Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca, Schlesser Jean-Pierre, Speck-Braun Patricia

» Abstentions: 2 – Arendt Patrizia, Piscitelli José

### — TRANSACTIONS IMMOBILIÈRES

5. Approbation d'un avenant au contrat de bail commercial signé en date du 22 mai 2020 concernant la mise à disposition du local de commerce sis au 220, rue de Differdange, L-4438 Soleuvre.

» Vote unanime

6. Approbation de la convention de mise à disposition d'un local commercial à POST Luxembourg.

» Vote unanime

7. Approbation d'un acte de vente concernant deux parcelles de terrain sises au site 'Belval Sud' à Belvaux.

» Votes positifs: 15 – Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Cornély Alain, Dahm Yves, Faber-Huberty Chantal, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca, Schlesser Jean-Pierre, Speck-Braun Patricia

» Votes négatifs: 2 – Arendt Patrizia, Piscitelli José

### — FINANCES COMMUNALES

8. Approbation de décomptes de projets.

» Vote unanime

9. Approbation de divers subsides.

» Vote unanime

### — CIRCULATION

10. Modification du règlement de circulation de la commune de Sanem.

» Vote unanime

11. Approbation de règlements d'urgence pris par le Collège des bourgmestre et échevins.

- Vu le règlement d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de raccordement de gaz dans la rue Metzerlach à Soleuvre, approuvé par le collège des bourgmestre et échevins en date du 21 novembre 2022 (Uo22\_142);

- Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de déplacement du passage pour piétons dans la route d'Esch à Belvaux, situé à la hauteur du parking au coin de la rue des Champs à Belvaux, approuvé par le collège des bourgmestre et échevins en date du 28 novembre 2022 (Uo22\_143);
- Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de raccordement de la conduite d'eau au croisement rue de Mondercange – rue de Sanem – rue d'Esch à Ehlerange, approuvé par le collège des bourgmestre et échevins en date du 25 novembre 2022 (Uo22\_144);
- Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de renouvellement des réseaux de la poste, eltrona, eau potable et sudgaz dans la rue de la Gare à Belvaux, approuvé par le collège des bourgmestre et échevins en date du 25 novembre 2022 (Uo22\_145);
- Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de confection d'un socle à la hauteur de l'arrêt d'autobus « mairie » dans la route d'Esch à Belvaux, approuvé par le collège des bourgmestre et échevins en date du 2 décembre 2022 (Uo22\_146);

» Vote unanime

#### — DIVERS

- 12.** Approbation du programme d'action pour l'exercice 2023 du SICONA-Sud-Ouest.

» Vote unanime

- 13.** Nomination d'un-e coordinateur-trice sportif-ve.

Nom	Prénom	OUI	NON
Spellini	Annick	16	
Nuls: /	Blancs: 1	Abstentions: /	

**Est nommé: Madame Annick Spellini**

Modification de la composition des commissions consultatives:

N°	Démission ou Nomination	Commission	Statut	Nom et Prénom	Fonction	Nationalité/Parti/Association
1a	Démission	scolaire	obligatoire	S Leblond-Schummer Natascha	Membre externe	Conseil des parents
1b	Nomination	scolaire	obligatoire	S Erpelding Fabienne	Membre externe	Conseil des parents
2	Démission	bâtisses	facultative	S Alain Masciovecchio	Membre externe	CGDIS qualifié en matière de prévention d'incendie
3	Démission	circulation	facultative	E Alain Masciovecchio	Membre externe	CGDIS qualifié en matière de prévention d'incendie

» Vote unanime



## Gemeinderatssitzung Sanem

### Freitag, 2. Dezember 2022

**BELES** – In der letzten Gemeinderatssitzung des Jahres standen traditionsgemäß die Stellungnahmen der einzelnen Fraktionen zum Budget 2023 und die daran anschließende Abstimmung im Vordergrund. Der berichtigte Haushalt für 2022, sowie der Haushaltsentwurf 2023 wurden mit den Stimmen der LSAP-CSV-Mehrheit verabschiedet. In Reihen der fünf Oppositionsräte gab es bei beiden Abstimmungen sowohl eine Enthaltung (DP) als auch vier Gegenstimmen (déi Gréng, déi Lénk). Weitere Themen der zweieinhalbstündigen Sitzung waren u. a. der Bau einer Terrasse im Umwelt- und Bildungszentrum Matgesfeld sowie die Ernennung einer Sportkoordinatorin.

### PROJEKTE UND IMMOBILIENTRANSAKTIONEN

Beim ersten Kostenvoranschlag der Sitzung ging es um die Einrichtung einer Holzterrasse im Matgesfeld. Um den Umbau des Containers abzuschließen, wird eine zu den Gärten ausgerichtete Terrasse angelegt. An der Stelle befindet sich auch eine weitere Tür, die nicht nur als Notausgang, sondern auch als rollstuhlgerechter Eingang dienen soll. Daneben fungiert die Terrasse als Abdeckung für fünf Regenwassertanks. Die Kosten in Höhe von 55.000€ wurden einstimmig vom Gemeinderat genehmigt. Déi Lénk-Rat Jos Piscitelli begrüßte

dieses Vorhaben, hatte in diesem Zusammenhang jedoch noch eine Frage bezüglich einer stärkeren Stromleitung im Matgesfeld. Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) gab an, dass die vorhandene Leitung für den Alltag momentan ausreicht.

Ebenso wurden 13.000€ für das Entfernen der Solarbodenpanelen auf dem Parkplatz der Gemeinde bewilligt. Die Solarstraße, die 2017 in Betrieb genommen worden war, befindet sich in einem schlechten Zustand und muss deshalb endgültig abgetragen werden. Leider könne diese danach nicht neu angelegt werden, da das damalige Pilotphasen-Modell nicht mehr produziert wird und das neue Modell nicht von Lastwagen befahren werden darf, teilte Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) mit.

Beim PAL (Programme d'action local), im Rahmen des Pacte Logement 2.0, folgten dann zwei Enthaltungen der déi Lénk-Räte Patrizia Arendt und Jos Piscitelli. Letzterer kritisierte, dass dieses Programm im Alleingang vom Schöfferrat und dem Bauamt, ohne die Beteiligung des Gemeinderates oder der Bevölkerung ausgearbeitet wurde. Dieser PAL sei kein wirklicher kommunaler Aktionsplan für den Wohnungsbau, sondern lediglich eine Absichtserklärung mit viel Wunschdenken, jedoch ohne konkrete Pläne, z. B. wo genau bezahlbarer Wohnraum

entstehen soll. Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) entgegnete, dass der PAL sehr wohl dem Gemeinderat und den Kommissionen vorgestellt worden sei und diese auch ihren Input geben konnten.

Allgemeine Zustimmung erhielt im Folgenden die Konvention bezüglich der Zurverfügungstellung der Postfächer im alten Post-Gebäude neben dem Gemeindehaus in Beles. Nach der endgültigen Schließung der Filiale im April 2022, wurde der Mietvertrag zum 30. September 2022 gekündigt. Die neuen Postschließfächer werden zukünftig neben dem Zeitungsladen bei der Beles-Post-Schule zu finden sein.

Danach wurden zwei Kaufverträge abgesegnet. Die Gemeinde kauft hierbei für einen Gesamtpreis von 6,9 Mio. € die Lose 6 und 11 in Belval Sud um bezahlbaren Wohnungsraum zu schaffen. Gegenstimmen gab es hier von den beiden déi Lénk-Räten. Jos Piscitelli (déi Lénk) erklärte, dass seine Fraktion dieses Vorhaben in Belval Sud nicht mittragen könne: einerseits aufgrund eines veralteten PAP (plan d'aménagement particulier) einschließlich eines nicht-nachhaltigen Baumusters und andererseits wegen der hohen Anschaffungskosten. Selbstverständlich sei man für bezahlbaren Wohnraum, allerdings sei dieses Projekt nicht durchdacht.

## KOMMUNALE FINANZEN UND VERKEHRSANGELEGENHEITEN

Finanzschöffin Nathalie Morgenthaler (CSV) präsentierte anschließend alle wichtigen Informationen zu diversen Abschlusskonten. So beliefen sich vier Kostenvoranschläge ursprünglich auf 33.379.400 €, die effektiven Ausgaben nun auf 33.686.568,55 €. Bei drei Projekten blieb man unter dem ursprünglichen Kostenvoranschlag. Für das Projekt Disc Golf im Park Belval und für die neue Ventilation in den Umkleidekabinen des Fußballplatzes in Beles hat die Gemeinde außerdem Subventionen vom Sportsministerium erhalten und für den Kauf der Spülmaschine in der Spullkësch vom Umweltministerium. Beim Bau des CIPA Résidence op der Waassertrap wurde die Abschlussrechnung bereits 2018 vom Gemeinderat genehmigt, allerdings mussten vergangenes Jahr nach der Beilegung eines Rechtsstreits weitere 300.000 € ausbezahlt werden.

Verkehrsschöffe Mike Lorang (CSV) gab im Anschluss daran alle wichtigen Erklärungen zu einer Änderung im Hauptverkehrsreglement der Gemeinde. In der Kategorie „vignettes résidentielles“ muss eine Klausel beigelegt werden, da Fahrzeuge der Kategorie „Camper – Motorhome – Auto-caravanne“ kein Parkausweis ausgestellt wird. Dann erhielt Umweltschöffe Steve Gierenz (LSAP) das Wort um den Aktionsplan 2023 des SICONA-Sud-Ouest vorzustellen. 170.000 € stehen für das kommende Jahr im Budget.

Die Arbeiten der SICONA auf Gemeindeterminitorium kosten 610.073 €, hierbei wird die Differenz durch eine staatliche Subvention ausgeglichen.

## SPORTKOORDINATORIN GENANNT

Sportschöffin Nathalie Morgenthaler (CSV) gab sodann einige Erklärungen im Vorfeld der Nominierung der neuen Sportkoordinatorin. Die Gemeinde sei zwar sportlich aufgestellt, bislang arbeiten die verschiedenen Instanzen jedoch ziemlich unabhängig voneinander und es gibt keine zentrale Stelle, an der alles zusammenläuft. Bereits 2021 hatte das Sportministerium, im Rahmen seines Konjunkturprogramms Sport 2.0, den Posten des Sportkoordinators wiederbelebt, dies mit dem Ziel die motorische Ausbildung bei Kindern im Alter zwischen null und zwölf Jahren zu fördern und den Dialog zwischen den Akteuren zu verbessern. Die zuständige Person soll nicht nur die Zusammenarbeit zwischen den einzelnen Akteuren in Sachen Sport auf Gemeindeebene koordinieren, sondern er/sie wird der Ansprechpartner/in für Schulen, Eltern, Schulsport und selbstverständlich die Sportvereine in der Gemeinde sein. Das Sportministerium übernimmt in diesem Falle 50 % der Lohnkosten, gedeckelt auf 150 % des sozialen Mindestlohnes, und dies für 3 Jahre. Zusätzlich werden dieser Person spezielle Schulungen angeboten.

Da die Gemeinde dieses Projekt als Testphase sehe, wollte man nicht sofort eine neue Person in Vollzeit einstellen. Es soll zunächst eine allgemeine Bestandsaufnahme durchgeführt werden, wie es aktuell sportlich um die Gemeinde steht, was gut klappt und in welchen Bereichen noch Luft nach oben besteht. Einer der bereits bekannten Schwachpunkte sei derzeit, dass verschiedene Zielgruppen sportlich noch gar nicht angesprochen werden. Deshalb sei es u. a. eine Idee das Sportangebot zu diversifizieren und so neue Safe spaces für die LGBTIQ+ Community und Menschen mit speziellen Bedürfnissen auszubauen. Um das Vorhaben von mehr Chancengleichheit im Sport anzugehen, schlage der Schöfferrat daher vor die Chancengleichheit- und Diversität-Beauftragte Annick Spellini zu ernennen. Sie werde in den kommenden drei Jahren zu 50 % ihren Service à l'Égalité des chances et Diversité weiterleiten und zu 50 % die Sportkoordination aufbauen.

## BUDGET 2023 – STELLUNGNAHMEN DER EINZELNEN PARTEIEN

Im Anschluss daran kam es zum Hauptteil der Sitzung, bei dem es um den berichtigten Haushalt des Jahres 2022, sowie den Haushaltsentwurf für 2023 ging. Beide Punkte wurden traditionell zusammen behandelt, wobei für jede Fraktion – der Reihe nach déi Lénk, déi Gréng, DP, CSV und LSAP – ein Stellvertreter der Fraktion ausführlich Stellung zu den Gemeindefinanzen bezog.



# Recycling And **GIVING BACK**

## DÉI LÉNK

3. Dezember 2022

### **“ STELLUNGNAM ZUM BUDGET 2023**

Léif Matbiergerinnen a Matbierger, léif Kolleginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, léif Leit vun der Presse,

D'Budgetsdebbatten sinn engersäits den Ofschloss vun engem Budgetsjoer wou finanztechnesch gekuckt gëtt wat geschafft gouf am vergaangene Joer. E grousse Merci a Bravo fir déi akkurat Exekutioun un déi Beamtinnen a Beamten déi des Tâche ze erleedegen hunn. Merci och fir déi vill Detailfroen déi mer an de Sitzungen vun der Finanzkommissioun beantwort kritt hunn. Job well done!

Anerersäits – an dat ass dat wat eis politesch intresséiert – Previsiounen vun deem wat dat nächst Joer soll geschafft ginn. Och hei Merci un d'Madamm Buergermeeschtesch an un d'Finanzschäffin fir hier Berichter!

Wat am vergaangene Joer alles geschafft ginn ass, wëssemir, mir hunn dat jo och als Oppositioun zum gréissten Deel matgestëmmt, eis enthalen oder dergéint gestëmmt je nodeem. Insofern hu mir als Oppositiounspartei och eisen Deel

dozubäigedroen un deem wat geleescht ginn ass, an doriwwer eraus Alternativen presentéiert, fir et an eisen Aen, nach besser ze maachen. Mir sinn als déi Lénk Gemengeréit émmer besuert gewiescht konstruktiv an virausschauend Propositiounen ze maachen, am Senn vum Wuel vun eise Biergerinnen a Bierger, am Senn vun méi Nohaltekkeet a sozialer Gerechtegkeit.

Dat ass och eis Roll an eisen Optrag, dofir si mir jo och vun Biergerinnen a Bierger gewielt ginn. An dat wäerte mer dann och – wéi gewinnt an vun eis erwaart – haut maachen.

Mir wäerten net all déi Chifferen déi scho genannt goufen widderhuelen. Villméi versiche mer un e puer ganz konkrete Beispiller nach emol mat Nodrock nozeweisen, dass et tatsächlech aner Méglechkeete gëtt iwwert déi et derwäert ass nozedenken an sech emol méi intensiv ze beschäftegen. Bei der enger oder anerer Propose wäert der soen, dass dat eng Widderhuelung ass, jo mee firwat gutt Iddien an Iwerleungen net widderhuelen. Mir hunn jorelaang beklot, dass der Taxen déi d'Leit bezuele müssen erhéicht, awer den impôt commercial, eng Taxe déi op de Profitter vun de Betriber gerechent gëtt, net eropgesat hutt – abee an der Sitzung vum 21. Oktober ass et dunn endlech geschitt! Mir hunn dat och mat grousser Begeeschterung begréisst!

Finanztechnesch ass et kloer – e Budget muss opgoen a genuch Spillraum bidden fir kennen Reserven unzeleeën fir handlungsfäeg ze bleiwen. D'Madamm Buergermeeschtesch an och d'Finanzschäffin hu gesot, dass et e virsiichtige Budget ass, e Krisebudget, dass d'Madamm Inneministesch an enger Circulaire drop higewisen huet, dass d'Gemenge sollen vigilant bleiwen, an, an dësen onsécheren Zäiten, eng virsiichteg Finanzplanung maachen.

Grad a Krisenzäiten müssen politesch Decisiounen geholl ginn, déi finanztechnesch émgesat ginn. Et si net d'Finanzen déi d'Politik bestëmmen ma émgekéiert !

An dat ass de groussen Enjeu an och déi eigentlech Schwächt vun de vergaangenen an och vun dësem Budget!

Op der Recettesät ginn et

**1.** den FDGC – de **fonds de dotation globale des communes** gesäßt fir eis Gemeng fir 2023 60,2 mio. € vir. Aus wat sëtzt sech de Fong zesummen? Aus den direkten an indirekten Steieren déi d'Léit bezuelen – also vun eis selwer.

**2.** den ICC – impôt commercial communal – op de Beneficer vun de Betriber, do hu mir jo elo de Gemengenhiewesatz op 350% gehéicht, wéi eis d'Gesetz dat erlaabt, bréngt eis 1,3 mio €.

Wat eng Diskrepanz – wat en Déséquilibre téschent dem Apport vun de Steierzueler an de Betriber!

Wann een den rezenten „Tableau“ mat den Taux vum Impôt commercial kuckt a vergläicht dann ass eis Gemeng elo, mat enger ganzer Partie Gemengen um héchsten Taux 350% - grouss Gemengen aus dem Zentrum, déi vill Firmen an Entreprises bei sech hunn, an énner anerem och dozou bäidroen, dass vill Verkéier aus de Südgemengen an hir Richtung geet – sinn op engem niddrege Niveau: d'Stad Lëtzebuerg ass op 225%, idem Contern, Hesper, Leideleng, Niederanven, Sandweiler, Schoettter, ... a weider „Spéckgürtelgemengen“ hunn de Taux énnert 300%. Esch ass op 275%.

Interessant war och an deem Zesummenhang d'Erklärung vun eiser Finanzschäffin zu den 2 Parameter déi fir d'Berechnung vum FDGC an ICC ugewannnt ginn, nämlech den Status vum CDA, als Centre de Développement et d'Attractivité. Mir hunn als Gemeng national an kommunal Industriezonen, en Kulturhaus den „Artikuss“, de nationale Boulodrome, e Lycée e nationalen „Centre de formation pour conducteurs“ an en Untersuchungsgefängnis. Wier et net un der Zäit hei bei der Regierung z'intervenéieren fir wéinstens an d'Klass CDA3 ze kommen, wou mer dann émmerhin mat engem Surplus vun Dotatioun vun 5% am Kader vun enger Adaptatioun vun der Population rectifiée kéinte profitéieren. D'Stad Lëtzebuerg kritt als CDA 45% zousätzlech eran, an Esch als CDA2 25% zousätzlech eran. Sie halen dann den Impôt commercial niddreg fir nach méi Betiber unzezéien!

Den impôt commercial communal fällt énnert d'Gemengen-autonomie, jo. Problemer déi esou eng Konzentratzioun vun Betiber an den Zentrum z.Bsp. bréngen ginn awer vu méi Gemengen a Regiounen gedroen. A wéi wier et dann mat der Gemengesolidaritéit? Déi Taxe gëtt jo an e grousst Dëppé geheit an da verdeelt. Zumindest eng Recommandatioun vun Säiten vun eiser Inneministesch wier hei awer ubruecht gewiescht. A wéi ass et mat der grousser Gemengereform déi viru 6 Joer ugekënnegt gouf? A mat der Reform vum impôt foncier? De Projet deen elo virläit bréngt de Gemengen net vill a wäert och kuerzfristeg keen direkten positiven Impakt op d'Wunnengskris hunn. Och an der neier Reform gëtt de Besëtz vun all Wunneng, och déi an deér e net selwer wunnt, némme minimal méi bestieert wéi bis elo. Wann elo nach den Staatsrot seng Oppositioun formelle ausgeschwat huet wäerte dat Gesetz dann no de Gemengewalen oder den Chamberwalen a Kraaft trieden oder émgebotscht ginn. A voir!

Déi grouss Fro déi sech nach wie vor fir d'Gemengen am allgemengen stellt ass déi vun der Gerechtegkeit bei den Einnamen. Do sinn Taxen en Thema wat eis émmerérem beschäftege wäert.

E Paradebeispill ass d'Waassertaxe. Dat ass eng gréisser Diskussioun hei am Gemengerot gewiescht a wäert och weider fir Diskussiounen suergen.

Mir haten scho virun engem Joer genee zu den Budgetsdebatten eng grondleeënd Diskussioun an Analyse zu dem Thema gefuerert. Ech zitéieren „Déi Lénk wëllen dofir schon elo, am Virfeld, dass eng genee Analys vum Waasserverbrauch soll gemeet ginn. Dat ass d'Viraussetzung fir en gestaffelte Waaserpräismodell ze eréchnen.“ Dat wuar den 10. Dezember 2021.

Et ass näisch vun ärer Sait komm. Fir d'Gemengerotssitzung vum 25. Mäerz 2022 hu mer dunn eng Fro gestalt an Ureegungen fir en breeden Debat hei am Gemengerot, an der Finanz- an Ëmweltkommissioun nach emol formuléiert... „Wa mer als Gemeng eng sozialverträglech an eng émweltgerecht Taxe wéilten aféieren – sou wéi et och am 2. Leitbild vum Klimapakt definéiert ass wou mer esouwuel quantitativ wéi och qualitativ Ziler ugekënnegt hunn, da misste mer eis geschwënn zesummesetzen an dat thematiséieren.“ Dir hutt eis gefrot dëse Punkt op déi nächst Sitzung ze verleeën, woumat mir och averstane waren. Wat et eis awer net gesot hat, war, dass de Schäfferot schonn den 4. Februar eng Propose pour avis un d'Administration de l'eau geschéckt hat – zu deem Zäitpunkt, keng breet Diskussioun weder an der Ëmweltkommissioun noch an der Finanzkommissioun.

Dunn hutt der eis den 22. Abrëll – als vermeintlech Äntwert op eis Froe – mir haten en breeden Debat gefrot – aus parlementareschen Äntwerten vun Ufroen (Dezember 2021) un d'Ëmweltministesch an d'Innenministesch zitéiert. Hei goufen



esouwuel de Prinzip vun enger gewesser Quantitéit gratis Waasser wéi och gestaffelt oder differenzéiert Taxenmodeller ofgeleent mam Argument, dass des Ufroen, de Prinzipien vun der Käschtendeckung an dem vum Verursaacher net ginge gerecht ginn, wéi an der EU Kader-Direktiv 2000/60/CE virgeschriwwen. Ausserdeem wier d'Émsetzung vun enger gestaffelter oder progressiver Waasserpräisgestaltung mat engem immensen Opwand fir d'Gemengen verbonnen, sou weider an der Äntwert vun den 2 Ministeschchen...

An der Finanzkommissiou vum 16. Mee sinn dunn verschidden Tableaue mat Rechebeispiller virgestallt ginn, déi mir awer net all ausgehännegt kritt hunn – déi wou beschriwwen gëtt wéi dat berechent gëtt hu mer bis haut nach net kritt. Dat si kompliziert Berechnungen, dat sinn Tableaux, huet et geheesch.

Den 31. Mee ass et dunn zum Vott komm – d'Waassertaxen sinn erhéicht ginn, d'Ofwaassertaxe net, ma dat wäert dann dat nächst Joer ustoen vu dass SEBES ugekënnegt huet hiren Taux vun 1,5 op 1,9 € eropzesézten.

Mir hunn an deér Sitzung d'Behaaptungen vun den 2 Ministeschchen widderluet an den Artikel aus der EU-Direktiv zitiert, dee kloer seet, dass esouguer ausdrécklech virgesinn ass, dass d'Mitglidsstaaten bei der Käschterecupération sozial, émweltpolitesch an ekonomesch Aspekter berécksichteg kenn. Laut der Direktiv kann eng „tarification par paliers progressifs („rising blocks“)“ méiglech sinn, bei deér z.B. eng „combinaison d'un volume d'eau de base forfaitaire gratuit et de prix unitaires élevés pour des utilisations d'eau supérieures à ce volume de base ou à des fins non essentielles“ kéint ugewannt ginn.

Och d'europäesch Cour de Justice huet an engem Prinzipienurteil festgehalen, dass d'Membersstaaten müssen mat hirer Tarifpolitik fir eng wiersam Benutzung vun de Ressourcen suergen, och ökologesch, ouni dass all Taxebestanddeel duerfir muss käschtendeckend sinn. Jo, et missten esouguer net all Käschten beim Opfänken, Stockéiren, Traitéiren oder Verdeelen vum Waasser weider facturiert ginn. **Et wier net isoléiert wou de Prinzip vun der Käschtendeckung misst betreucht ginn, mee global.**

All des Argumenter weisen däitlech, dass et eng politesch Decisioun vun eiser Regierung ass, wéi een d'Wassertarificatioun berechent. De Spillraum deen d'europäesch Gesetzgebung léist, gëtt net wouer geholl. Dat heesch awer net, dass net eng aner Tarifikatioun méiglech wier. Dir wëllt net géint de Ministère goen, di haalt iech un dat wat de d'Regierung virschreift. Hei ass e gutt Beispill wéi Interessen vun Ministères an Gemengen openeestoussen. Den Här Anen hat nach an der Diskussiou den Franséische Senat zitiert, deen schlecht Erfarungen mat dem gratis Verdeele vun Drénkwaasser un d'Haushalter gemaach soll

hunn. Ech brauch wuel net drop opmierksam ze maachen, dass et vill Bestriewungen gëtt d'Waasser ze privatiséieren, zemoools an eise Nopeschlänner. Lyonaise des eaux, Nestlé a Konsorten loosse gréissen!

Eis 2 Kriticken waren, a bleiwen richteg: – a Krisenzäiten ass et net de Moment fir eis Stéit weider ze belaaschten an et war scho guer net urgent – fir ouni wierklech breeden Debat och am Senn vun enger Sensibiliséierung vum Verbrauch an dem nohaltegen Ëmgang mat der Ressource Waasser déi Taxen ze erhéijen.

Am Budget sinn dann elo d'Part fixe 750.000 € an d'Part variabel 1.950.000 € opgeschlüsselt ginn – dat sinn emol d'Grondviraussätzungen fir sech iwwerhaapt kennen e Bild ze maachen wéi de Waasserverbrauch sech zesummesetzt a wou en den Hiewel kann usetzen.

En anert Beispill Altersheimpräisser.

Änlech Diskussiouen hate mer bei der Erhéijung vun den Altersheimpräiser déi indexgebonne sinn – och hei eng fixe Erhéijung, keng differenzéiert Tarifizéierung wéi wann d'Léit all déi selwecht Rent hätten. Extrem ongerecht!

Et ass e Choix esou ze verfueren – et ass äré Choix, net eisen.

Besonnesch a Krisenzäiten weist sech, wéi ongerecht den ondifferenzéierte Käschtendeckungsprinzip sech op den eenzelen Bierger a Biergerin auswierkt – d'Akkommes vun de Léit si variabel ma Taxen si fix – dat ass sozial ongerecht!

Dir sot dann émmer, dass dann awer déi précair Fäll opgefaange ginn an jo eppes fir déi Léit déi des Ausgabe net stämme kenn gemaach gëtt. Wéi gëtt émmer esou schéin gesot: Mir fänken d'Léit op... Flät wier et méi richteg d'Léit net an esou eng précaire Situatioun kommen ze loessen an do d'Geld ze fuerderen wou et ass. Wann d'Léit net fale gedoen ginn müssen se och net opgefaange ginn!

Müll a Recycling – Rekomunaliséierung – Kreeslafwirtschaft.

Bei der Mülltaxe spinnen méi Fakteuren eng Roll. Hei ginn och Recettes generéiert duerch de Recycling vun verschidde Materialien. Hei wünsche mer eis och eng méi genee Opschlüsslung en vue vun enger méi gezielter Sensibiliséierung am Senn vu Müllvermeidung an eng méi effikass Weiderbenutzung am Senn vu méi Kreeslafwirtschaft.

Mir begréissen hei och ausdrécklech d'Afféierung vun verschidde klenge Primes, déi un d'Léit bezuelt ginn wann se al Apparaten flécke loessen anstatt direkt eppes Neies ze kafen, oder sech en Apparat kafen déi méi énergieffizient ass. Eng Dréps op e waarme Steen, ma émmerhin.

Mëttelfristeg wéilte mir eng Rekommunalisierung vum Müll a Recycling viséieren. Dat kann iwwer de Wee vu Synergien mat Nopeschgemengen, déi hire Müll nach selwer géréieren goen – e gemeinsame Fuhrpark, gemeinsam Sammelplassen fir just als Beispill.

Komme mer zréck op d'Wunnengspolitik.

Mäin Parteikolleeg de Jos Piscitelli huet praktesch an all Gemengerotssitzung , an och elo just nach, zu deem Thema ausféierlech Iwwerleeungen an Argumenter presentéiert. Et gëtt vill Investéiert an de Kaf vun Terrain an a Bauprojet fir abordaaben Wunnraum ze schafen. Mir sinn awer éischter en „Handlanger“ oder „Intermédiaire“ téshent dem Staat, de Promoteuren an dem SNHBM. Mir kafen an, strécke Sue vir, maachen Emprunt, kréien Subsiden...

Mir maachen als Gemeng net näisch – jo mee wat maache mer dann konkret? Mir kréien eisen Invest vum Staat jo zu 50 % rembourséiert, also wier méi dran.

Wa mer selwer a vill méi Fäll Bauhär a Beséutzer wieren, kéinte mer verstärkt Wunnenge baue loessen an se dann zu engem erschwéglechen Tarif verlounen oder verkafen. Mat dem Iwverschoss géing e Circuit entstoen wou weider Bauprojeten esou finanzéiert ginn an op der Recettessäit géing eng fiabel a previsibel Valeur entstoen an d'Gemeng kéint weiderhin mat flotte Projeten déi sozial Ongerechtegeeten, déi an eiser Gesellschaft entstinn, offieder. Mir brauchen weider virun allem vill Mietwunnengen, an dat awer an enger gesonder Mixitéit a net an grousse Wunnbleck regroupéiert.

Iwwert eng Spekulatiounssteier op den broochleide Terrains hu mir och nach ni geschwat. Dat schéngt en TABU ze sinn? Et geet eiser Meenung no net duer, op e neit Gesetz ze waarden, et ginn och elo scho gesetzlech Méiglechkeeten fir ze handelen, aner Gemengen hunn dat gewisen. Och hei vermësse mer en breeden Debat an och beim Plan d'action Logement missten vill éischter Consultatiounen énnert enger breeder Mass vu Leit geschéien.

Mir widderhueLEN dann och hei nach emol eis Fuerderung vun enger Schafung vun enger „**Commission de développement économique**“. Mir wölLEN, dass eis Gemeng net némmen Verwalter mee och Gestalter soll sinn, och an engem gewësse Mooss bei kommerziellen Aktivitéiten am Senn vun enger économie solidaire et circulaire.

Mir hunn schonn e puer mol eng „**Commission de développement et d'aménagement communal**“ gefuerdert déi iwwergräifend all Aspekte vu Liewensqualitéit an Citoyennetéit kéint berücksichtegen an Pläng fir d'Entwicklung vun eiser Gemeng mat hiren Spezifizitéiten vun hiren 4 Uertschaften heizou kéint ausschaffen. Mir haten den 23. November

eng Versammlung fir iwwert e neien „Programme Directeur de l'Aménagement du Territoire“ ze diskutéieren. Et wuar eng Art „Brainstorming“ vun Gemengeréit an verschidde Kommissiounen – de Bericht hu mer nach net kritt, ma den 13. Januar soll de Gemengerot schonn en Avis ofginn. Eng breet Diskussioun am Senn vu Participatioun an Matsproocherecht vun de Biergerinnen a Bierger ass „à ce stade“ net virgesinn. Am Juni si Gemengewalen. Hätte mer esou eng Kommissioun gehat, dann hätte mer net 6 Méint ma 6 Joer Zäit gehat fir iwwert Gestaltung vun eiser Gemeng kennen nozedenken an ze „brainstormen“. Dann géing de Belval och fläit e bëssi anescht ausgesinn wéi en zum Deel ausgesäit an elo geplant ass. Participatioun ass schwierig, well dat kann een net kontrolléieren.

All Versich fir Biergerforen z'organiséieren sinn zaghaf, an wann, da ginn d'Léit och „begleet“ oder ginn se „geleet“ wéi mer dat beim Klimabierggerot um nationale Plang leider konnten feststellen.

Stéchwuert Personalkäschten.

Déi sinn immens héich, jo, ma mir si fir gutt bezuelten Aarbechtsplazen an e gudden Service public. 49 % ass d'Part vum administrative Personal – 32 % vum SEA an 19 % Personal vun eisem Altersheim. Am ganzen schaffen 799 Leit fir eis – 24 sollen derbäi kommen – et wäerten och eng Partie Léit an d'Pensioun goen, alles normal. Wat dozou nach ze soe bleibt ass, dass der jo en internen Audit gemaach hat, fir festzestellen wéi eng Servicer énnerbesat oder énnerbelaascht sinn. Doropshin si jo eng Partie Changementer komm. Interessant wier et fir an deem Zesummenhang ze wëssen wéi dat sech konkret auswierkt, an op net verschidde Aarbechtsofleef kenne Erliichterungen bréngen. Fläit e Punkt fir eng nächst Gemengerotssitzung.

Wat d'Syndikater ugeet do musse mer awer iwwert den TICE kuurz schwætzen – hei ass eng Hausse vun 1,8 op 2,1 mio. € virgesinn. Mir haten am läschte Gemengerot jo driwwer Rieds, dass nach émmer net genuch Bussen zur Verfügung stinn fir e méi en effikassen éffentlechen Transport Zuch- Bus ze garantéieren. Et dauert anscheinend 18 Méint op mannst, bis e neie Bus geliwwert gëtt. Mir sinn op 2032 verstréischt ginn – bis dohin mussen déi aktuell disponibel Busser besser un d'Horaires vun den Zich ugepasst ginn. Wat eng Zoumuddung! Eis Vetryeder am TICE mussen do en A drop halen an Damp maachen!

Esouwáit mir dat aschätze kennen sinn am Extraordinaire Budget och alles Depense déi mer matdroen kennen. Villes ass noutwendeg, a muss einfach gemaach ginn, do si mer eis eens. Aneres, besonnesch am abordabele Wunnengsbau geet net duer an ass weiderhin gedriwwen vun den Intressen vu private Promoteuren.

Mir kennen dëse Budget insgesamt net stëmmen:

1. well mer NET mat der Taxenpolitik an der Wunnengspolitik vun dëser Majoritéit d'accord sinn;
2. well mer der Meenung sinn dass d'Gemengeréit méi an d'Diskussiounsprozesser missten agebonne ginn, am Virfeld vun avis, fir och hier Virstellungen afléissen ze loessen;
3. a well mer der Meenung sinn, dass och d'Biergerinnen a Bierger an déi Prozesser missten agebonne ginn.

Eis Gemeng ass a bleift eng Gemeng déi op Grond vun hiren 4 Uertschaften ganz verschidden Gesichter an och Problemer behält.

Duerch déi ganz Urbanisierung vum Belval kritt Bieles éischter eng stättesch Nues – do wou fréier eis Bopen a Pappen fir de Räichtum vun eisem Land gesuergt hunn entsteet e neien Zentrum. Do wou sooss Aarbechterkolonien stoungen entstinn nei Wunn- a Geschäftsquartier déi méi oder manner gutt gelongen sinn an d'Bild och vun der Aarbechterstat Esch-Uelzecht nohalteg verändernen. Den Tram soll bis op Bieles kommen. E Shared space, am alen Deel vu Bieles, och méi oder manner gutt gelongen, soll dat Bild nach verstärken.

Zolwer, mat sengen bal 7 Dausend Awunnerinnen, entwéckelt sech och éischter méi urban.

Zu Eilereng entsteet en „Duerfkär“ ém d'Schoul an d'Kierch – sou wéi et fréier an den Dierfer war.

Op Suessem bei d'Schlass soll eng Hotelschoul hikommen – E neit Gebai muss gebaut ginn an eist Schlass gëtt nach émmer net renovéiert an riskéiert ze verfalen.

E Mëttwoch ass dat neit Untersuchungsgefängnis agewéit ginn – da wäert dann elo verkéiersmësseg méi Trafic op der Plaz sinn wéll d'Gerichter an der Stad leien an d'Prevenues dohinner an zréck musse gefouert ginn.

Madamm Buergermeeschtesch, dir hutt är Budgetspresentatioun ugefangen mat de Wieder „A gudden wéi a schlechten Zäiten, an der Gemeng Suessem léisséit et sech gutt liewan“.

Mir Mënschen hunn Tendenz émmer déi schéin Sait ze weisen an an de Virdergrond ze sätzen. Et kann een Problemer ausblennen, ma dat mécht awer net, dass se net méi do sinn.

Kronospan, eng Fabrick déi nach émmer d'Émweltoplagen net erfëllt huet, huet eng Erweiderung vun hirem Wierk gefrot – den Avis vun eiser Gemeng a vun Déifferdeng zum Ausbau vum Crassier steet och nach op – de berühmtberüchtegen Contournement deen elo fir d'zweet de Numm changéiert

huet an och an senger verännerter Form duerch de Bobësch an duerch d'Natura 2000-Zone geplant ass, wäerten, wat émwelopolitesch Froen uginn, eis Gemeng weider an Otem halen.

Ech wéilt awer mat engem positive Punkt ofschléissen, well mir si jo nach 22, also um Schluss vum Kulturjoer. Eis Gemeng hat mat hiren Projete e ganz flotten Beitrag geleescht an ganz respektabel dozou báigedroen, dass dat Kulturjoer wéinstens punktuell a gudden Erënnerung bleift. Verschidden Aktivitéiten „liewan“ och weider an dat soll jo och den Zweck vun engem Kulturjoer sinn.

Láschte WE hate mer an eiser Gemeng en flotten Austausch iwwert d'Zukunft vun den Zären – dat ass eng positiv Erfahrung gewierscht, ma kucke mer wat dobäi schlüssendlech eraus kennt. Mir bleiwen „In the Loop“. Den Tour mam roude Fuedem duerch de Minett soll och op Platzen seng Spueren hannerloosser – Source Belval, wat awer schonn eng méi al Iddi war, elo awer konnt realiséiert ginn, ass en nohalteg Projet – an déi Virtuel Rees an d'Vergaangenheet vun eisem Minett an och schlüssendlech de gîte touristique sinn eng plusvalue.

Fir 2023 stinn 2 wichteg Echéancen un: eemol Gemengewalen an eemol Chamberwalen. Et ass an der Láscht eng gewësse Nervositéit ze spieren – ech hoffen, dass mer et fäerdeg bréngen och dat nächst halleft Joer kollegial a sachlech ze argumentéieren an ze debattéieren. Ze oft ginn Kriticken perséinlech geholl, ze oft ginn Sachfroen net beäntwert a mat der néideger Souveränitéit uginn. E politesch Mandat bréngt mat sech, dass mer konträär Standpunkten hunn an déi och verdeedegen. Eng konstruktiv Ausernanersetzung bréngt eis alleguer virun – de Perspektiviewiessel ass wichtig. Kollektiv Intelligenz an kollegial a kooperativt Denken an Handelen stäerkt eis Demokratie!


An deem Sënn wënschen de Jos an ech iech – och wa mer haut eréischt den 3. Dezember sinn – e gudden Ofschloss vum Joer 2022, erhuelsam an schéi Feierdeeg an e gudde Rutsch, iech an ären Léifsten!

Merci fir d'Nolaschteren.

Fir déi Lénk,

**Patrizia Arendt**

„



## DÉI GRÉNG

2. Dezember 2022

### “ STELLUNGNAM ZUM BUDGET 2023

Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, léif Employéeën aus dem Service vun de Gemengefinanzen, där Dammen an Häre vun der Press.

Erlaabt mer fir d'éischt och e grousse Merci un d'Mataarbechter vun der Gemeng Suessem fir hir Hëlfel beim Opstelle vum Budget vun 2023 auszespriechen. Virun allem déi flott visuell Grafiken, déi si eis virgeluecht hunn, maachen et fir Leit, déi net all Dag eppes mam Budget ze dinn hunn, dach méi einfach, déi net ëmmer einfach Matière ze duerchkucken.

Mär hunn an eise Jore wou mer elo an der Oppositioun sinn, äre virgeluechte Budget entweder matgestëmmt oder eis enthalten, just d'lescht Joer hu mer géint de Budget gestëmmt. Dat weist also ganz däitlech, datt mir net reflexarteg géint de Budget sinn, mee datt mer eist Ofstëmmungsverhale vun der Analyse ofhängge maachen, déi mer jeeweils gemaach hunn.

Wa mer de Budget 2022 fir d'éischt Kéier ofgeleent hunn, sou war dat net, wéi eis béiswälleg énnerstallt ginn ass, aus waltaktesche Grënn, mee eenzeg an eleng, well mer zur Conclusioun komm sinn, datt d'Entwécklung, déi énnert

dem LSAP/CSV-Schäfferot stattfonnt huet, an déi falsch Richtung geet.

Erlaabt mer dofir nach emol ganz kuerz aus menger Ried vum leschte Joer ze zitéieren, wou mer virun allem kritisíert hunn, datt den Iwwerschoss am ordinäre Budget wéi de Schnéi an der Sonn schmélzt, an domat d'Handlungsfäegkeet vun der Gemeng staark aschränkt:

Hei meng Wieder vum leschte Joer:

„Wann de Schäfferot hei net séier d'Kéier kritt a kuckt, datt den Iwwerschoss am ordinäre Budget nees substantiell an d'Luucht geet, huet den nächste Schäfferot absolut kee Spillraum méi fir nach d'Politik an eiser Gemeng ze gestalten.“

An deem Budget, deen der eis virgeluecht hat, waare just nach 3 Mio € Iwwerschoss, wat eenegermoosse katastrophal ass, virun allem och wann een dat mat anere grousse Gemengen verglach huet, déi bedeitend besser do stinn.

Dir sot elo natierlech, datt den Iwwerschoss am Rectifié op 12 Mio geklommen ass. Dat ass richteg! Allerdéngs ass dat net äre Verdéngscht, et ass bal eenzeg an eleng op d'Tatsach zréckzeffieren, datt d'Einnahme staatlechersäits bei 2 Posten däitlech geklomme sinn.

Op där enger Säit huet eis Gemeng 2,4 Mio méi iwver de Fonds de dotation global des communes kritt ewéi virgesinn, op där anerer Säit hu mer duerch eng Rei Ëmstänn 4,4 Mio méi Recetten ewéi prognostizéiert bei eise Maison Relais. (E Merci nach eng Kéier op déser Plaz fir déi komplizéiert, awer verständlech Erklärungen, déi mer am Virfeld heizou kritt hunn).

Et ass also dovun auszegoen, datt och déi aner Gemengen do proportional an d'Luucht gaange sinn, an datt dat näisch drun ännert, datt mär par rapport zu verglächbare Gemengen net gutt do stinn.

Dat gesäit ee jo och dorun, datt de prognostizéierten Iwwerschoss fir d'nächst Joer nees vun 12 op 7 Mio € fält, an dat obscho mer iwvert den Fonds de dotation d'nächst Joer nach emol 3,2 Mio € méi kréien ewéi dëst Joer! Dee „kontinuéierlechen Opwäertstrend“ vun deem d'Madamm Buergermeeschtesch an hirer Ried bei der Virstellung vum Budget geschwat huet, gesi mär dann awer net esou richteg.

Eis Kritik vum leschte Joer war also absolut gerechtfäerdegt a si huet och weiderhi Bestand. Dëse Schäfferot huet et a 6 Joer fäerdegt kritt, datt eis Gemeng ganz vill Handlungsspillraum fir déi nächst Joer agebéisst huet. Dat gesäit een och ganz gutt, wann een d'Emprunten an d'Schold analyséiert.

An de Joren 2002 bis 2017 huet eis Gemeng am ganzen 28,5 Mio € geléint. An deene Joren, wou déi gréng also mat am Schäfferot verantwortlech waren, si pro Joer 1,9 Mio € geléint ginn.

Dir hutt et fäerdegt kritt an enger eenzeger Legislaturperiod 30,5 Mio € ze léinen, wat zimmlech genee 5 Mio € pro Joer ausmécht. Dat sinn zimmlech genee 260% méi ewéi déi Zäit wou mär am Schäfferot waren.

An et ass jo och net esou, datt déi 16 Mio déi elo opgeholl gi sinn, nach fir déi nächst Joren do wieren! Nee, si si scho komplett an de Budgeten 2022 an 2023 verbraucht. Dat gesäit een dodrun, datt de Boni definitif um Enn vun 2023 nach just ronn 1,4 Mio € sinn.

Dat heescht am Kloertext, wann all déi Projeten déi an désem Budget stinn an déi jo och gemaach wäerte ginn, sief et dëst Joer oder d'nächst Joer, da sinn déi Sue fort.

All neie Projet resp. all Projet deen nach net ganz an désem Budget opgefouert ass, muss nees mat engem neien Emprunt finanzéiert ginn, well dëse Schäfferot eisen Iwwerschoss am ordinäre Budget esou erof gefuer huet, datt domat kaum nach grouss Projete kënne finanzéiert ginn.

An dat kann engem schonn Angscht maache, wann ee weess, wat nach alles op eis Gemeng an den nächste Jore wäert duerkommen.

Ech erënnere just un deen ambitiéisen an absolut noutwendege Programm wat eis Schoulgebaier ugeet, awer och aner Projeten wat déi allgemeng Gemengeninfrastruktur ugeet.

Natierlech si mär eis bewosst, datt eng COVID-Kris, déi nach émmer net eriwwer ass a weiderhin hier gesondheetlech, wirtschaftlech a finanziell Auswirkungen wäert hunn, genee esou wéi déi ablécklech geopolitesch an ekonomesch Kris bedéngt duerch de Krich an der Ukrain, e ganz groussen Afloss op eise Gemengebudget hunn, souwuel op Recette- wéi awer och op Dépensesäit.

Mär sinn eis och bewosst, datt et, bedéngt duerch dës net previsibel Krisen, fir de Schäfferot schwierig war, fir de Budget 2023 opzestellen. Dofir wëlle mär dëst Joer bei eiser Analyse bewosst net „grimmele“ goen an all Budgetsartikel eenzel ännert d'Lupp huelen a kommentéieren, mee an eisen Ausféierunge méi generell bleiwen.

Ausser den 2 virgenannte Krisen, kenne mer 2 aner grouss Krisen scho vill méi laang. Et sinn dat natierlech d'Klimakris an d'Wunnengskris.

Dofir sieft et erlaabt drun ze erënneren, datt déi gréng schonn an de leschte Joren, och viru Covid-Kris an Ukrain-Krich, bemängelt hunn, datt et net duergeet fir flott Programmer a Pläng ze entwerfen, mee datt et drop ukénnt fir dës émzeseten an datt een sech besonnesch dofir de néidege finanzielle Spillraum hätt misse ginn, sief et beim Schafe vun abordabelem Wunnraum, beim Ausbau an der Qualitéit vun der Mobilité douce an dem éffentlechen Transport oder als Virreider a gutt Beispill bei der energetescher Sanéierung vun eise Gemengegebaier an dem Wiessel op erneierbar Energieformen.

Och wann d'Keesen elo manner voll sinn, musse Mëttel a Weeër fonnt ginn fir hei direkt ze handelen a nach méi wéi bis elo aktiv ze ginn. Hei ass d'Responsabilitéit vum Schäffen- a Gemengerot direkt engagéiert. Et heescht hei déi néideg Prioritéiten an Akzenter fir d'Zukunft vun eise Kanner an all eise Bierger:inen ze setzen.

Zwou Piste fir Mëttel fräizeschëppen hu mer schonn héieren. D'Madamm Buergermeeschtesch sot an hirer Budgetsried, datt d'Gemengeservicer ugewise sinn, op all „nice to have“ ze verzichten an sech op absolut néideg Ausgaben ze beschränken.

An d'Madamm Finanzschäffin sot an der Gemengerotssëtzung vum 16. September dëst Joer wuertwiertlech:

„Där kënnt Äre Kapp a Rou leeën...dass mär (de Schäfferot) all Service, dee bei eis kënnt, erklären, ...dass se all Cent zweemol müssen émdréien an iwwerleeën ob eng Ausgab gerechtfertegt ass oder net, a mär hunn innen däitlech ze verstoe ginn, dass mär net méi alles sou wäerten akzeptéiere wéi et elo ass. (...) all Ausgab gëtt a Fro gestallt.“

Tëschent den Zeilen hu mär deemools och ganz däitlech „ab“ elo eraushéieren an hunn eis heemlech gefrot ob dat da „bis“ elo net de Fall war.

E weidere Punkt op deen ech a menger Ried nach kuerz wëll agoen, ass d'Ästellungs- a Personalpolitik.

Eleng während der aktueller Legislaturperiod, ënnert der LSAP/CSV Majoritéit, wäert eis Personaldotatioun vu 603 Beamten respektiv 511,96 ETP'en am Dezember 2017 op 817 Beamten respektiv 687,61 ETP'en op den 31/12/2023 klammen, wat en Zouwuess vu ronn 25% bedeut.

Wuelwëssend, datt eis Gemeng vill gutt a kompetent Personal brauch fir de permanent wuessenden Ufuerderunge gerecht ze ginn an hire Bierger:innen een exzellente Service ze bidden, hunn déi gréng virun 2 Joer awer scho fir eng virsiichteg Astellungspolitik plaidéiert an op déser Plaz gewarnt, datt eleng bedéngt duerch den Avancement automatique an de niddregen Altersduerchschnëtt vun eisem Personal, déi aktuell Personalkäschten vu bal 2/3 vum ordinäre Budget all Joer relativ weider an d'Luucht wäerten goen, och ouni Verbesserunge vu Kollektivverträg oder Punktwärter. Dozou kommen dann elo och nach déi net previsibel awer fir 2023 vum STATEC erwaarten 3 Indextranchen.

Elo reagéiert de Schäfferot an huet decidéiert fir „praktesch“ kee neie Posten am Exercice 2023 ze schafen, wat de facto an zumindest fir 2024 engem Ästellungsstopp gläichkënnt. Op den 1. Bléck schéngt dat eng gutt a räsonabel Entscheidung ze sinn, besonnesch wann et drëm geet fir Suen ze spueren. Och eng eventuell ugeduechte Reorganisation an ee konsequent Virundreiwe vun der Digitalisatioun vun eise Gemengeservicer an -Tâchen können d'Effizienz steigeren a Ressource liberéieren. An trotzdeem sollt een d'Dier fir deen een oder anere neie Posten net ganz zourmaachen, z.B. fir den Op- an Ausbau vun engem performante Service Logement.

Ofschléissend.

Och wa mär unerkennen, datt de Schäfferot sech dëst Joer beim Ausschaffe vum Gemengebudget 2023 vill Gedanke gemaach huet, wéi een d'Ausgaben aschränke kann, wäert déi gréng Fraktioun dëse Budget aus de virgenannte Grënn net matstëmmen.

Ech soen Äech Merci fir d'Nolauschteren.

fir déi gréng Suessel,  
**Alain CORNÉLY**  
Gemengerot



## DP

2. Dezember 2022

### “ BUDGET DISKUSSIOUNEN GEMENG SUESSEM VUM 02.12.2022 ”

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot.

Fir d'éischt wëll ech dem Personal aus der Gemeng Merci soen fir déi vill Zäit an Aarbecht déi si während deene leschten 12 Méint gelescht hunn. E besonnesche Luef geet un de Finanzserviss ënnert der Leedung vum Nathalie CENCETTI esouwéi dem Ekonomist Mathias JÄNISCH. Béid hunn zesummen mat hire Leit keng Méi gescheit fir och dëst Joer all d'Posten énner d'Lupp ze huelen. Et ass nëmmen de Kollektiv vu jidder Eenzelen, deen et eis erlaabt, unhand vun enger detailléierter Budgetsvirlag, Virschléi, respektiv Objektioune können ze maachen.

E weidert mouvementéiert Joer geet op en Enn. Wou ee gemengt huet d'Follgen vun der Corona Pandemie, déi eis sät 2020 ferm am Grëff hat, wären iwwerstan an ee sech op der gewonnener Sät gefillt huet nodeems d'Beschränkungen no a no opgehuewen goufen, koum et zu engem weideren, duerchaus schlëmmen an aschneidende Konflikt zwëschent der UKRAINE a RUSSLAND, dee bekanntlech de 24. Februar 2022 ugefaang huet.

” D'betrachte Läit sinn an éischter Linn natierlech déi, déi duerch di russesch Invasioun hir Famill, Frënn an eegent Heem verluer



hunn, spriech alles wat se sech iwwert déi lescht Joerzéngten opgebaut hunn, ass no an no zerstéiert ginn. Et ass dëst en Ugréff vu Russland, deen onlängst op dat Schärfst verurteelt an sanktionéiert ginn ass.

Et ass awer och ee Konflikt, wou nach Haut keen Enn a Sicht ass a wou mëttlerweil och en Impakt op de Westen däitlech ze gesinn ass, ënnert annerem och zu Lëtzebuerg.

Liwwerengpäss, Engpäss u Materialien, Energiepräisser déi an d'Luucht geschoss sinn, an net zu lescht och d'Präisser vu Produkter, déi net méi ze vergläiche sinn mat deene vu virun engem Joer.

Wéi all Joer, wësse mer, dass d'Ënnerhalen esouwéi den Ausbau vun den Strossennetzer vill Geld verschléngt. Sécher ass et wichteg am Virfeld ze kucken wou d'Prioritéiten leien, respektiv den Hiewel ugesat gëtt fir ze spueren an trotzdeem vigilant ze sinn, falls Urgencen ufalen.

Stongen am Budgetsjoer 2022 quasi 17 Mio Euro fir den Ukaf vun Terrain'en an Haiser, esou sinn et fir d'Joer 2023, 12.642.944 Euro fir 6 Projeten, wat ech am Numm vun der DP begréissen.

## GEMENGENHAUS

Dëst Joer sinn d'Arbechten am Sous-sol vun der Gemeng fäerdeg ginn an de Bautobüro konnt endlech an déi nei Raimlechkeeten era plënneren. Hei stoungen 3,1 Mio am Budget.

D'Awunnerzuel zum 31.12.2022 geet op 18.351 erop. Weider Personal, wäert trotz Aspuerung agestallt musse ginn fir de

Pensum ze packen. Duerfir wollt echnofroen wéi et ausgesäit mat de Pläng fir e weideren Ausbau um deemolegen Postterrain, de mëttlerweil a Gemengenhand ass. Vu dass Projeten vun enger grousser Envergure net vun haut op muer ze realiséieren sinn, wär et sënnvoll de Projet unzegoen.

D'Bauarbechten vun der Maison Relais an der Walerwiss zu Eileréng komme gutt weider. Bei der zoer Berouegungszone am Duerfkär huet een awer éischter d'Gefill dass d'Arbechten méi lues weider ginn, wéll zum Deel émmer eng Stroossesäit fir de Verkéier gespaart ass. Bleift ze hoffen, dass d'Aarbechten spéitstens fir d'Rentrée am Hierscht 2023 ofgeschloss sinn.

Am Numm vun der Demokratescher Partei, ënnerstëtze mer déi Projeten voll a ganz, vu dass dat och eng Propose an eisem Walprogramm vun 2017 war.

Madame Buergermeeschter, Är TOP 25 Dépensen, spriech 32.000.000 Euro am extraordinäre Budget si schonn beandrockend. Natierlech ginn am Fall vun der Ëmsetzung eng Rei Projeten vum Stat mat gedroe resp. subsidiéiert. Bleift just ze hoffen, dass den Krich an Europa kee Stréch duerch d'Rechnung mécht.

## ESCH 2022 an Participatioun un der Source BELVAL

Am Kader vun Esch 2022, huet d'Madamm Buergermeeschter eis dése Méinden matgedeelt, dass nach 65.000 Euro iwwreg sinn fir d'Ariichten vum Pavillon "Source Belval" Dësen gouf jo extra konzipiéiert a realiséiert. Esoubal de richtege Interessenten ausgewielt gouf, soll de Betrib am kommende Fréijoer a Betrib goen.

Dat ass och de Fall beim Amenagement vum historesche Pad vun de Mineuren um Gaalgebierg wou d'Aarbechten fir d'Realisatioun vum Wee endlech an Gäng kommen.

## Dauerbrenner MATHIKO

Madamm Buergermeeschter, ech erlabe mer Iech meng Interventioun ulässlech der Budgetsried zum Musée vum leschte Joer nach eemol virzedroen:

"De Musée MATHIKO ass leider kee **klingen** Dauerbrenner, mee éischter eng batter Réalitéit, déi Iech zurecht nach émmer Kappzerbrieches mécht, bedéngt duerch Beschiedegungen, déi bei Terrassementsaarbechten duerch eng extern Firma entstane sinn an net méi aus de Startlächer eraus kommen."

Wann ee bedenkt, dass säit dem Plangen vum Musée am Joer 2014 bis zur Approbatioun am Joer 2017, wou en mat 4.650.000 Euro hei gestëmmt gouf, schonns esou vill Suen ausgi sinn fir de Projet fir en dann awer nees vun 2018 un ze stoppen.

Jiddereen vun eis heibannen, weess wéi deier Bauen ass an ouni Schwaarzmolerei, géif et mech net wonneren wa mer bei der jéztger Präisdeierecht geschwénn dat dräifacht vum initialen Projet bezuelen. Net ze vergiessen, dass d'Affekoten sech och eng gëlle Nues un deem verzwickten Fall verdéngen.

Net méi spéit wéi de leschte Méinden hutt dir eis schwéieren Häerzens matgedeelt, dass de Projet "Musée mat de Knobelsteller" definitiv gestoppt gouf, vu dass de Käschtepunkt fir aleng déi 3 Soumissionen "Fassade a Fénsteren", "Daach" a Gros Oeuvres" ee Surplus vun 1.137.665 Euro par Rapport zur initialer Commande aus dem Joer 2017 duerstellen. Nieft deenen Käschten, bleift d'Fro, wéi héich déi jeeweileg Part'en vun den Assurances sinn?

Madamm Buergermeeschter, där sot, dass der Firmen beoptraagt hutt alles nei ze maachen an zousätzlech ee "klengen neie Projet" fir den Ausbau vun den Archiven ze plangen, vu dass déi aktuell Archiven aus allen Néit platzen. Bleift ze hoffen, dass den Terrain uschléissend esou stabiliséiert gëtt, dass näischt méi schif geet an deen Däregen Dossier endlech ad acta geluecht ka ginn.

#### PARK UM BELVAL

Wann ee seng Fräizait gären am Park Belval verbréngt fir ze spadséieren, joggen oder ze spille, da fält engem op, dass leider net vill Beem a Planzen un ze fannen sinn, esou dass den Numm Park deem ganzen net wierklech gerecht gëtt. Och d'Séitzbänken sinn der Sonn voll ausgesat.

Wuel si Kannerspiller, eng Skate Pist an och Discgolf an Teqball do, mee vir de Park zousätzlech opzewäerten kéint een z.B. och Muskulatiounsgeräter opstellen esou wéi dat och an der Stad bei der Skate Pist de Fall ass.

Am Numm vun der Suessemmer DP-Sektioun, si mer stolz, dass Dikrecher Hotelschoul en zweet Standbeen hei am Suessemmer Schlass opmécht. E grousse Merci un de Parteipräsident a Mëttelstands Minister Lex DELLES esou wéi un den Educatiouns Minister Claude Meisch fir hiren onermiddleche Asaz an deem Beräich.

D'Finanzschäffin Madamm Morgenthaler, huet eis den Ordinären Budget un Hand vun enger iwwersichtlecher an detailléierter PowerPoint-Show presentéiert.

Si huet erkläert, dass duerch d'Gemengefinanzreform vun 2017 sech d'Berechnung an Verdeelung vum FDGC an ICC un d'Gemengen verännert. Den Haaptcritère vu ganze 5 verschiddene Critère fir den FDGC ze berechnen, ass d'Populatioun rectifiée déi mat 82% an d'Gesamtdéppé mat afleisst. Dës Unzuel gëtt un Hand vun der Bevölkerungsdicht, also der Awunner pro Fläch, a Quadrat-km² berechent. Laut

dem "Centre de Développement et d'Attractivité (CDA) befanne mer eis elo am Status CDA 4 an deemno kréien keng zousätzlech Adaptatiounen vun der Population rectifiée. Esou dass d'Gemeng net ka vun engem méiglechen Surplus un Dotatioun ka profitéieren.

D'Madamm Morgenthaler huet eis awer och gesot, dass d'Zuelen laut der Circulaire 4048, nom Abroch vun 2020, fir den Initial 2022 bei der Gewerbesteier (ICC) wéi och beim Fonds de Dotatioun (FDGC) an och bei den Haapteinamen, nees eng Tendenz no uewe weisen.

Am Allgemengen ass gutt geschafft ginn an dofir hunn ech am Numm vun der DP och déi meeschte Projeten matgedroen. Duerch d'Pandemie esou wéi de Krich wees ee leider nach net genee wéi et an nächster Zäit weider geet an et bleift ze hoffen, dass et net méi zu massiven wirtschaftlechen Abréch kënnt.

Och wann ee weider investéieren soll, fir d'Konjunktur ze förderen ass, resp. de Karussell sech weider beweegt, esou soll een awer net den Horizont aus den Aen verléieren, an virsiichteg bleiwen.

Well eng ganz Rei vun de Projeten eise Virstellungen entspriechen, anerer awer némme bedéngt, hunn ech am Numm vun der DP Suessem entscheet, mech dëst Joer beim Vott vum Budget 2023 ze enthalten.

Villmoos Merci fir d'Nolauschteren.

**Patricia SPECK-BRAUN**

DP - Gemengeconseillère

”



**CSV**

2. Dezember 2022

**“ BUDGETSRIED – GASTON ANEN****De Budget 2023 – e realisteschen a responsabele Budget**

Wann Dir mir fir unzefänken e clin d’œil erlaabt a fir d’Spannung net bis zum Schluss ze loossen, kann ech elo scho soen, datt d’Fraktiouen vun der CSV fir dése Budget stëmme wäert.

**Realistesch a responsabel ass de Budget, well déi konkret finanziell Situatioun am A behale gëtt.**

Dat gehéiert jo zur DNA vun der CSV. Um séchere Wee bleiwen, wat d’Finanzen ugeet. Nëmmen d’Suen ausginn déi een huet, respektiv Suen némammen da léinen, wann ee räsonabel doovun ausgoe kann, dat ee se zeréckbezuele kann an natierlech némme léine fir zukunftsträchteg respektiv nohalteg Projeten.

Als Beispill firwat de Budget als responsabel gëllt, huelen ech d’Decisioun vum Schäfferot de Mathiko – de Musée, deen nieft A Gadder sollt kommen – bis op Weideres net ze bauen. Dëst ass räsonabel an haut richteg, opgrond vun der jétzeger finanzieller Situatioun. Et muss een émmer och do net némmen d’Konstruktiounskäschte kucken, déi vill méi héich sinn am Verglach mat de Präisser vu virun e puer Joer. Esou géif den Daach 52 %, d’Gros œuvre 34 % an d’Fassad an d’Fénstere souguer 71 % méi deier ginn, wat géif e Plus vun 1,3 Milliounen € ausmaachen. Och déi previsibel Follgekäschte mussen berécksichtegt ginn, wéi weider Personal- an Fonctionnementskäschten. Dogéint ass awer, ganz pragmatesch, eng Extensioun virgesi fir d’Besoine vun den Archiven an A Gadder, woufir d’nächst Joer 50.000 € am Budget stinn.

Responsabel ass och d’Astellungspolitik fir 2023. 24,55 ETP - dat heescht Emploi à plein temps - sinn am Joer 2023 virgesinn. Woubäi et sech e. a. ém Plazen an de Maisons relais handelt. Vun deene ronn 24 Plaze sinn der 12 virgesinn an der Crèche Geessewee, déi am September 2023 opgoe soll. Fir déi Plazen hu mir och eng Konventioun mam Staat ausgehandelt, wou mir 100 % erëmkréien.

Responsabel ass och d’Situatioun vun den Emprunten, d’Annuitéiten entspriechen, bei enger Awunnerzuel vun 18.600 op den 31. Dezember 2023, jee wéi een den Tableau liest: 2,49 % oder 3,26 % vun den ordinären Einnamen. Also eng ganz gesond Situatioun.

Responsabel wat déi allgemeng Ausgabe betreffen. Am Ordinäre Budget gëtt 2023 en Iwwerschoss vun bal 7,2 Milliounen € erwaart. De Spillraum ass e bësse méi héich ewéi am Initial 2022, wou et 3 Milliounen € sinn. Dat ass natierlech eng Evolutioun

déi mir net aus den A verléieren däerfen, well Enn 2023 riskéiert de cumuléierte Boni aus de leschte Joren opgebraucht ze sinn. Fir awer nach e Verglach mat dem Budget 2022 ze maachen: do stoung am Tableau Récapitulatif als Boni définitif de Montant vun 718.810,27 €. 2023 ass de Boni définitif mat 1.441.820,79 € uginn. Also duebel sou héich!

**An um Hannergrond vun dem internationale Kontext, wéi dem Aggressiounskrich vu Russland géint d’Ukrain, d’Präisser um Energiemaart, d’eventuell Evolutioun vum Covid, der Ëmweltkris ... ass Virsiicht gebueden, well all dëst de budgetären Handlungsspillraum beaflosst.**

No dësen allgemenge Remarken, erlaabt mir elo en Iwwerbléck iwwert d’Zifferen an den Inhalt vun eisem Budget. D’Eckdate goufen eis presentéiert, ech plécke just e puer Aspekter aus dem Gesamtbudget eraus.

De Budget ass jo ausgeschafft a proposéiert vun eiser Koalitioun déi de Schäfferot stellt an **de Budget ass zesummen opgestallt ginn, dat heescht gemeinsam vun CSV an LSAP gedroen.**

Eng Erausfuerderung ass, an dat ass an alle Gemengen a Gemengesyndikater grad esou wéi an den Haushalten an an den Entreprisen ze spieren, déi aussergewinlech Hausse vun de Präisser am Energieberäich. Genee Previsiounen si praktesch onméiglech an an eisem Budget gëtt mat enger gesamter Hausse vun iwwer 800.000 € gerechent fir dat nächst Joer.

**Mir hunn eng Gemeng, wou et agreabel ass ze liewen.**  
D’Investissementer an d’Infrastrukture sinn e wichtegen Deel fir de Confort vun all eise Bierger-innen.

Waasser an Ofwaasser maache ronn 23 % vum extraordinaire Budget aus. Dat sinn émmerhin 11,5 Milliounen €.

Ech ziele just e puer vun deenen Ausgaben op, déi noutwendeg si fir eist alldéeglecht Liewen an déi de Budget belaaschten. Et sinn net manner ewéi 26 Posten am Kapitel Ofwaasser déi am Budget opgezielt sinn:

D’Ubannung vun der Kläranlag zu Bieles op de SIVEC: 5,3 Milliounen €; d’Kläranlag vum SIACH: 1,7 Milliounen €; d’Kanalisation zu Zolwer an den Aessen an an der Suessemstrooss: 1,6 Milliounen €; zu Suessem fir 2,5 Milliounen €; d’Kanalisation vun der SES, hydrologesch an hydraulesch Verbesserunge fir d’Helgebach an d’Rouerbach; ...

Betreffend d’Waasser: Mise en conformité vum Waasser-reservoir Dennebësch: 500.000 €; d’Waasserleitungen an der Zolwerstrooss zu Bieles, respektiv Bielesstrooss zu Zolwer: 600.000 €; d’Waasserleitung zu Suessem op der Héicht vum CPU: 850.000 €; ...

Nieft de groussen Depense ewéi Waasser, Ofwaasser, Ënnerhale vun de Stroosse ass et interessant op déi sougenannte méi kleng Budgetsposten ze kucken, wou een och d'Richtung vun de politesche Prioritéite kann analyséieren.

De Klimapakt, do wäerten d'Suen (350.000 €), déi mir fir eis Realisiounen an deem Beräich als Belounung vum Staat kréien, integral a Projeten investéiert ginn, déi nützlech fir de Klima sinn, ewéi als Beispill 100.000 € fir ergeetesch Renovatiounen u Gemengegebaier. Et ginn an dësem Kontext och eng Rei nei Subside geschaf fir eis Bierger-innen e. a. eng Ënnerstëtzung fir Fotovoltaikanlagen, déi fir den eegene Gebrauch sinn grad ewéi fir Reparature bei verschiddenen Haushaltsapparater. Donieft bleiwen natierlech d'Subside fir nei Haushaltsapparater, déi wéineg Energie verbrauchen, grad ewéi fir Vëloen. Mir sinn elo am Klimapakt op 65% a mir peilen d'nächst Joer 75% un, wouduerch mir da méi Sue vum Staat kréie fir dësen eminent wichtige Beräich.

D'Syndikater froe méi Suen, aus de bekannte Grénn, fir hiren Aufgabe gerecht ze ginn. 6,1 Milliounen € am Ordinären, dat sinn + 12 % respektiv knapp 700.000 € méi.

Bei eise Schoulen a Maison-relaise gëtt an nei Infrastrukturen investéiert, wéi déi nei Crèche Geesewee. Do wäerten, wéi virdru schonns erwäant, 12 Educateuren·ricen Enn 2023 agestallt ginn. D'Plaze fir Kannerbetreuung musse mat der Awunnerzuel wuessen, némmen esou gi Waardelëschten evitéiert. Och gëtt weider dofir gesuergt, datt et de Bierger-innen am REWA gutt geet, souwuel wat d'Betreiung ewéi d'Ekipement betrëfft.

Ronn 30 Projete sinn am extraordinäre Budget virgesi fir e Gesamtmontant vu knapp 4 Milliounen €. All dës Projete si leschte Méindeg opgezielt ginn. Eroussträiche wëll ech der just e puer:

- am Sport fir de Fussball: d'Tribün an d'Erneierung vum syntheeteschen Terrain zu Suessem, zu Éilereng den Amenagement vun engem neien UI3 syntheeteschen Terrain,
- am Kuss: d'Erneierung vum Holzbuedem an der Hal, am Aquakuss an am Gymnikuss Entretiensaarbechten
- Transformatiounen an der Epicerie solidaire zu Zolwer an Deelerneierung vun der Kichen am Boulodrome
- d'Amenagéiere vum Pavillon Source Belval
- mir hunn e Masterplang fir Besoîne vun de Schoul-infrastrukturen ausgeschafft, do ass dann elo no der Maison relais vun Zolwer a Suessem, déi gebaut respektiv geplant sinn, et un der Rei vum Metzerlach. Do gëtt geplant fir eng nei Schoul fir de Fondamental ze bauen.
- Gouverner c'est prévoir** d'Zuel vun den Awunner-innen wäert do zouhuelen opgrond vun all de Projete fir nei Quartieren, déi virgesi sinn an da muss natierlech och d'Schoulinfrastruktur matwuessen...

Am Kader vun der mobilité douce gi weider Bushaisercher erneiert (55.000 €) a Spadséierweeér, wéi d'Amenagéiere vun dem Wee vun der Zolwerstrooss Richtung Pakebierg. E Véloswee gëtt amenagéiert am ZARE, een aneren nieft dem Scheierhaff zu Zolwer. Fir weider Reamenagementer vu Vélosweeér si 65.000 € virgesinn. 100.000 € sinn do fir Zebrasträifen a Busarrête méi sécher ze gestalten an dat fir d'Sécherheet vun de Foussgänger-innen ze verbesseren. D'Erneiere vun de Spillplaze kascht 60.000 €.

Fir d'Zesummesinn, d'Fester, d'kulturell Aktivitéiten an déi verschidde Kulturzentre sinn 2 Milliounen € virgesinn. Dat heescht, net exhaustiv opgezielt: den Artikuss, déi verschidde kulturell Manifestatiounen ewéi Wanterfeeling, Nationalfeierdag, Flow Music Festival, ..., natierlech dorënner och allgemeng Entretienskäschten asw. D'nächst Joer ass kee Summerfeeling virgesinn. De Wanterfeeling bleift, well fir eis dëst Evenement net némme schéin, mä och d'Eenzegaartegkeet vum Site vum Suessemer Schlass besonnesch énnersträicht. Woubäi ze erwâne bleibt, datt och 190.000 € am Budget sti fir d'Amenagement sonderem dem Schlass.

Bei de Subsiden a Subventiounen, déi e Gesamtmontant vun 2,2 Milliounen € ausmaachen, wëlle mir besonnesch de Poste vun dem Ausbezuele vun der Allocation de vie chère, mat 800.000 €, an déi 700.000 € déi fir den Office social sinn, eraushiewen.

**Bei der Allocation de vie chère, nach ervirgehuewen, dat mir déi Gemeng sinn déi am Meeschten ausbezilt, dat weist dat d'soziaalt Engagement bei eise Parteien och reell ass.**

Fir de Logement, do sinn am Budget initial iwwert 12 Milliounen € virgesinn. De gréissten Deel ass fir d'Acquisitioun vu Gebaier am Belval-Nord (7,5 Milliounen €) virgesinn. Jeeweils 1,5 Milliounen € si fir den Akaf vun Terraine virgesi respektiv fir Logements à prix réduit.

Am Kapitel Coordination administrative stinn nach 125.000 €, haapsächlech fir informatescht Material. Ze erwânen an dësem Kontext, dass d'Transformatiounsaarbechten am Sous-sol vun der Gemeng färdeg sinn, an esou d'Mataarbechterinne méi Plaz hunn, also énnert bessere Konditiounen hirer deeglecher Aarbecht nogoe kënnen. Am Rectifié 2022 kann nogelies ginn, dass do ronn 1,7 Milliounen € an dësem Joer investéiert gi sinn.

Fir ofzeschléissen, wëlle mir als CSV-Fraktioun natierlech och e grousse Merci ausspriechen un all d'Servicer an der Gemeng, déi sech asetze fir eis Gemeng lievenswäert ze gestalten. Besonnesch och deene Leit vum Gemengepersonal, déi bei der Opstellung vun dësem Budget matgewierkt hunn. A wéi gesot: d'CSV steet hannert dësem Budget.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

”



## LSAP

2. Dezember 2022

### “ STELLUNG VUN DER LSAP ZUM BUDGET 2023

Dir Dammen an dir Hären,

Am Numm vun der sozialistescher Fraktiou wölle mer fir d'alleréisch der Buergermeeschtesch an hire Schäffenn e grousse Merci fir hiren Asaz soen, grad esou wéi de Fonctionnaires (m/w), déi bei dësem Budget hir wäertvoll Höllef afléisse gelooss hunn.

Wat konkreet Zuelen ubelaangt, kréie mär fir d'Joer 2022 am Rectifié 1.361.615,50 € als Impôt commercial, also ronn 235.000 € manner wéi virgesinn. Par contre, de Fonds de dotation globale des communes bréngt mat 56.856.710,83 € ee Plus vun 2.392.669,44 €. Mär hunn och en Emprunt vu 16.000.000 € geholl fir de Budget an den Equiliber ze kréien.

Jo, et sinn aktuell duerch verschidden Evolutiounen aus de leschte Joren a Méint, wou dës Welt net méi esou ronn dréint,

och keng rosa Zäiten, wat d'Gemengefinanzen ubelaangt an d'Zukunft ass ongewéss.

Logescherweis gi mär an eiser Dynamik gebremst a mär müssen d'Emsetze vu bestoenden oder neie Projeten iwwerdenken.

Wat de Budget 2023 ubelaangt, gëllt et grad elo an dëse méi schwéieren Zäiten de Spagat fäerdege ze bréngen téschent enger duerchduechter Politik, fir dass d'Finanzen énnner Kontroll bleiven, an awer och net ze fäerten, déi Projeten unzegoen, déi wichteg an och noutwendeg sinn, fir dass eis Gemeng sech weider entwéckele kann. Gläichzäiteg ass et awer och enorm wichteg d'Entretiendaarbechten um Bestand net ze negligéieren, fir dass eis Gemeng och weiderhin attraktiv bleift fir all eis Bierger.

Glécklecherweis hunn d'Schäfferéit aus deene leschte Legislaturperioden, énnert der permanenter Féierung vun der LSAP, eng wäitsichteg a gutt Investitiounspolitik getätegt an d'Gemeng fit gemaach, dést mat der Realisatioun vun enger ganzer Rei wichteger Projeten a ville verschidde Beräicher a fir all Alterskategorien aus eiser Bevölkerung. Och wann et émmer erém nei Besoine an och nei Iddie gëtt, wat een nach alles kann an der Zukunft realiséieren, muss een a méi schwiere Perioden eebe méi lues tréppelen, wat dann och méiglech ass an net esou wéi deet, wann een a manner schwieregen Zäite clever genuch agéiert huet.

Et kann ee behaapten, dass d'Gemeng sech zu engem modernen Déngschtleeschungsbetrieb an deene leschte Joren entwéckelt huet, wou aktuell 669,29 ETP par rapport vu 636,76 ufanks des Jores schaffen. An et wäerten och nach Mataarbechter/inne fir d'Joer 2023 dobäikommen, esou dass mer op en Total vu 687,61 ETP wäerte kommen, wat konkreet 817 Leit, tous statuts confondus respektiv 100% an Deelzäitaarbechtskontrakter, ausmécht.

Dat ass eng staatlech Zuel u Woman- a Man-Power, déi och mat engem gudden Deel vun de Käschte vun eisem Betrib „Gemeng Suessem“ zu Buch schléit. An Zäiten, wou et finanziell méi schwierig oder onsécher gëtt, muss ee sech natierlech och am Detail mat de Personalkäschte beschäftegen. A munche Betriber léunks a riets gi sech dann oft dubios Machenschaften afale gelooss, fir grad beim Personal u Käschten ze spueren.

Och wann d'Zeechen drop stinn de Rimm méi enk ze schnallen, sollte mär net an esou Iwwerleeunge verfalen, mä eis awer trotzdem domat ausernee setzen, wéi déi 817 Leit méiglechst effizient agesat kënne ginn, ee ganz wichtegen Exercice.

Mär sollen awer net ufänke mat der Stoppauer hannert de Leit ze lafen, mä d'Prozesser an allen Deeler vun der Gemeng permanent iwwerdenke respektiv z. B. analyséieren, wat



eventuell zäitlech zeréckgesat ka ginn oder op all d'Räimlechkeete mat den aktuelle Frequenze musse gebotzt an énnerhale musse ginn. Och den Asaz vu géeegentem Material kann Aarbechtsofleef optimiséieren. An dat musse jo net émmer nach méi Autoen oder aner Gefierer sinn.

Et gëtt sécher nach Loft no uewen, wat d'Gestaltung vun der Aarbecht an den Aarbechtszäiten, Pausen abegraff, ubelaangt. Et sollt een d'Leit um Terrain virun hir Verantwortung stellen, andeems ee se mat abezitt an d'Diskussiounen.

Hei e puer Beispiller, wat d'Prioritéite bei den Investen am Budget 2023 betréfft an der Gemeng Suessel:

Bei den Acquisitioune gëtt fir 7.525.000 € den Amenagementer vu neie Büroe fir eis Maison sociale um Site vun den Anciens établissements Geiben gemaach. Eis Équipes de proximité kréien zousätzlech Raimlechkeeten an eng Salle multifonctionnelle ass och an deem Komplex virgesinn.

Am Budget stinn och 100.000 € fir Renovatione vun der fréierer Kierch Belval-Metzerlach a 50.000 € fir eng Extensioun vun der Maison A Gadder. Dee Projet ass ee konkret Beispill fir ze weisen, wat absolut noutwendeg ass a wat initial am Kader vun engem grousse Projet, dem Mathiko, hätt solle realiséiert ginn, deen awer elo leider de finanzielle Kader gesprengt huet, zum Deel duerch onglécklech Ëmstänn, wat bedauerlech ass. Mä d'Präisdeierecht ze finanzéieren, déi dee Projet erfuer huet, ass an dësen Zäiten net méi ze veräntwerten.

Fir Sportsinfrastrukture ginn 2.051.000 € investéiert: énner anerem 820.000 € fir d'Erneierung vun der Tribün an en neien synthetesch Terrain zu Suessem, noutwendeg duerch d'Virschrëfte vun der zoustänneger Federatioun.

600.000 Euro fir een zousätzlechen, awer synthetesch Footballsterrain zu Eilereng hannert dem fréiere Pompjeesbau, dëst fir d'Jugendekippen, a fir de Wuesterrain ze entlaaschten. 375.000 Euro, verschläissbedéngt, fir een neie Buedembelag am Sportikuss fir erém énner optimale Bedingunge Basket können ze spiller.

280.000 Euro ginn investéiert fir Spillplazen, éffentlech Plazen a verschidde gréng Longen ze verschéineren oder nei ze gestalten, dëst zu engem groussen Deel ronderëm d'Schlass.

D'Lokalitéite vun eiser Epicerie Solidaire zu Zolwer gi mat 625.000 Euro optimiséiert a moderniséiert. D'Haus Nummer 19 am Tippewee, ee soziale Projet, gëtt mat 400.000 Euro renovéiert.

Am edukativen an am schoulesche Beräich sinn am ganze 7.641.000 Euro virgesinn.

An dësem Budget stinn och 6 Millioune fir déi nei Maison relais bei der Schoul 2000 zu Zolwer.

Den Amenagement vun enger Crèche am Geesewee zu Bieles fir 200.000 Euro.

De Kaf vun engem Local + Amenagement vun enger Maison relais zu Eilereng fir 741.000.- Euro.

E Komplex fir Kanner zu Suessem fir 500.000 Euro an 200.000 Euro gi fir d'Renovatioun am Jugendhaus zu Zolwer investéiert.

Wat d'Klimabündnis a speziell de Klima-Pakt ubelaangt, ginn erém 255.000 Euro an energieesch Renovatiounen an an d'Protektioun vun der Êmwelt investéiert. Mesure fir Energie ze spueren, ginn och fir 23.720 Euro geholl.

An der Mobilitéit brauche mär 280.000 Euro fir de Ruff Bus, de Night Rider an de Vël'OK. Nei Vélospiste respektiv Refectioune fir 280.000 Euro. Nei Bushaisercher a korrekt belichten Zeebrasträife fir 120.000 Euro. D'Participatioun am TICE beleeft sech op net manner ewéi 2.191.000 Euro am ordinaires- an 183.000 Euro am extraordinaire Budget. Eng nei Luuchtenanlag zu Zolwer bei der Place de l'Indépendance kascht 86.000 Euro.

Desweideren an der Mobilitéit an och Tourismus (mat engem Sentier historique) nei Foussweeër oder hir Refectioun fir 450.000 Euro, sou zum Beispill de Wee vum Zare Richtung rue de Mondercange fir 150.000 Euro.

4.295.000 Euro fir de Reamenagement vu Stroossen a fir d'Erneierung vu Reseauen. Dovunner 300.000 Euro fir d'Zone 30 bei der Eilerenger Schoul an och 450.000 Euro fir eng Zone 30 bei der Bielesser Schoul. 210.000 Euro si fir den Eclairage Public virgesinn.

Am Waasserreseau si 4.788.000 Euro noutwendeg. Am Kanal 6.977.000 Euro dovunner 1.657.000 Euro fir de Siach. Do gesäit een, dass mär als Gemeng ganz vill an eis Reseauen investéieren, fir se um Top ze halen. By the way brauche mär eleng fir d'Syndikater 2023 am Ganzen 8.830.000 Euro.

Wat d'Wunningsproblematik ubelaangt, gouf ebenfalls een Akzent gesat fir zousätzlech Haiser an Terrainen opzekafen, haapsächlech fir sozial Wunnengen. Et stinn am ganzen 8,4 Millioune fir Terrainen a 450.000 Euro fir 3 Appartementer am Budget. Vun den 8,4 Millioune sinn elo 6,9 Milliounen erém an de Rectifié 2022 transferéiert ginn, well de Ministère de l'Intérieur geet vum Datum vun der Ênnerschrëft vum Acte beim Notaire aus an net vum Datum, wou de Ministère selwer den Acte approuvéiert.

Zousätzlech sinn och 2.780.000 Euro virgesi fir zukünfteg Acquisitioune vun Terrainen an Immeublen.

Mär énnerstëtzen als sozialistesch Fraktioun de Schäfferot voll a ganz fir all déi Projeten, déi hien am soziale Beräich selwer an och zesumme mam Office social an anere Partner mécht oder epauléiert.

Hei nach e puer Eckwärter:

Duerch de Budget rectifié vum Exercice 2022 behale mer e presuméierte Boni vu ronn 13,9 Milliounen, dobäi komme 7,1 Milliounen Boni am Ordinaire vum Budget 2023, dat gëtt en Total vun 21 Milliounen déi mär kënnen am Senn vum Bierger investéieren.

Am extraordinaire Budget 2023 wäerten d'Recetten 23,5 Millioune géint 43 Milliounen Depensen ausmaachen, wat e Mali vu ronn 19,5 Milliounen ausmécht.

Schlussendlech géif den Exercice 2023 mat engem Boni vun ongeféier 1.500.000 Euro ofschléissen.

Dir Dammen an Dir Hären, haut hu mer eng Awunnerzuel an eiser Gemeng vu ronn 18.300 a wann ee mat engem duerchschnëttlechem Wuesstem rechent, dat heescht + - 300 Awunner dobäi, da wäerte mer op 18.600 Awunner den 31.12.2023 kommen. Dat heescht dass den 31.12.2023 eis Prokappverscholdung sech wäert op 1.477 Euro chiffréieren, wat bedeut, dass d'Remboursementer op 2,49 % klamme par rapport zu den uerdentleche Recetten. Als Conclusioun also nach émmer eng ganz gesond Situatioun fir eis Gemeng, wann ee weess, dass den Taux émmer énner 10 % soll sinn.

Énnert dem Stréch ass dése Budget fir eis als rout Fraktioun ee Budget deen all Bierger-innen ze gutt kénnt, ee Budget vun der Kontinuitéit, sozial an nohalteg ausgeriicht, deene méi kriddelegen Zäiten ugepasst a puncto Invest, an deen awer trotz alle Constrainten nach émmer fir eng héichwäerteg Liewensqualitéit an der Gemeng Suessem steet.

D'Fraktioun vun der LSAP ass dann och frou, fir dése Budget kénne mat ze droen a och mat ze stëmmen a réit deenen anere Fraktiounen dat selwecht ze maachen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Marco Goelhausen / Denis Bronzetti**

”

.....

## DER SCHÖFFENRAT NIMMT STELLUNG

Danach nahm Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) Stellung zu den Haushaltsreden der Fraktionen. In Richtung der déi Lénk-Fraktion bemerkte sie, dass Rätin Patrizia Arendt zum größten Teil ihrer Rede auf nationale Politikthemen eingegangen sei, bevor sie auf das Gemeindebudget zu sprechen gekommen sei. Zum Wasserpreis entgegnete sie zum wiederholten Male, dass die Gemeinde keine Staffelung vornehmen dürfe. Diese Vorgabe stammt hierarchisch vom Ministerium bzw. der EU und man werde sich derer nicht entgegenstellen. Die Wassergebühr sei erhöht worden, weil das SES (Syndicat des Eaux du Sud) 30 Cent/Liter mehr verrechnet. Aufgrund des Kostendeckungsprinzips muss die Gemeinde sich dem fügen und an die Einwohner\*innen weiter verrechnen. Angesprochen auf die Wohnungspolitik des Schöffenrats, klärte sie auf, dass es sich nicht um Investitionen in Höhe von 50 % von Seiten des Staates handele, sondern um Subventionen von 75 % (50 % beim Kauf und zusätzlich 25 % wenn es sich dabei um bezahlbaren Wohnraum handelt. In Bezug auf die Spekulationssteuer, so sei diese in anderen Gemeinden gestimmt worden, allerdings vom Ministerium abgeschmettert worden. Man warte auf eine Entscheidung auf nationaler Ebene. Abschließend unterstrich sie, dass alles teurer geworden sei, dementsprechend auch die Abgaben an die Gemeindesyndikate.


Zum Schluss befand sie, dass déi Lénk eigentlich nicht viel Negatives zum Budget an sich gesagt habe.

Zu dem Irrtum der Grünen, die in ihrer Rede das Budget rectifié mit dem Budget Initial verglichen hatten, bat sie den Fehler nicht zu wiederholen, da sonst ganz andere Zahlen gegenüberstehen. Den Vorwurf, dass in der Zeit, in der déi Gréng Teil des Schöffenrats waren, nicht so hohe Ausgaben getätigten worden seien, konnte die Bürgermeisterin so nicht stehen lassen. Sie erinnerte daran, dass damals u. a. keine 80 Hektar (Belval) mehr zu verwalten waren, noch kein Kannercampus eröffnet und keine Krisen herrschten. Man könne auch stolz verkünden, dass im kommenden Jahr z. B. keine neue Anleihe getätigten werden muss.

Auf die Frage der DP zum Ausbau des Postgebäudes, konnte Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) informieren, dass die Baulichkeit momentan als Lagerraum genutzt werde. Derzeit werde analysiert, wie das Gebäude im Rahmen des Plan directeur Mairie in Zukunft valorisiert werde.

Zum Abschluss wurden der berichtigte Haushalt für 2022, sowie der Haushaltsentwurf für 2023 mit den zwölf Stimmen der LSAP-CSV-Mehrheit angenommen. Die Oppositionsparteien déi Lénk und déi Gréng stimmten dagegen, die DP enthielt sich.

”



Audiodatei der Gemeinderatssitzung  
[WWW.SUESSEM.LU/LB/SEANCE-YEAR/2022](http://WWW.SUESSEM.LU/LB/SEANCE-YEAR/2022)






# SPORT CULTURE JEUNESSE

[WWW.SANUP.LU](http://WWW.SANUP.LU)

VOTRE AVIS COMpte.  
ENSEMBLE,  
FAISONS AVANCER  
LA COMMUNE!



**Speak'Up et Team'Up** sont les maîtres mots dans le cadre d'une **grande journée participative au KUSS à Soleuvre le 9 mai**. Vous pourrez découvrir des activités sportives, culturelles et dédiées à la jeunesse dans une ambiance conviviale. Explorez, partagez, jouez et mobilisez-vous !  
**Step'Up your game!**

